


# INFO BLAT

'08 22

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 26. OKTOBER 2022

# Conseil communal du 14 juillet 2023



**Conseillers présents**

| | | |
|---|---|---|
| ALTMEISCH Guy (bourgmestre, LSAP) | CHARLÉ Zenia (LSAP) | OLTEN Claude (CSV) |
| ULVELING Tom (1er échevin, CSV) | CILLIEN Eric (DP) | PREGNO Laura (déi gréng) |
| WAGNER Thierry (échevin, LSAP) | DA SILVA Elisabeth (DP) | SCHEUREN Michel (LSAP) |
| HARTUNG Gerard dit Jerry (échevin, CSV) | DIDERICH Gary (déi Lénk) | SCHÜTZ Manon (déi gréng) |
| BERTINELLI Fred (échevin, LSAP) | ENGEL Morgan (PIRATEN) | TEMPELS Guy (CSV) |
| AGUIAR Paulo (déi gréng) | MEISCH François dit Fränz (DP) | |
| CEMAN Emina (CSV) | MULLER Erny (LSAP) | |

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT 08.22

COMPTE-RENDU DU 26 OCTOBRE 2022

4-46

**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

**© PHOTOS** Couverture: Camilla Svensson

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 08/2022**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 26 OCTOBRE 2022

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Paulo De Sousa, échevin (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Jerry Hartung (CSV)
Pierre Hobscheit (LSAP)
Georges Liesch (déi gréng)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Laura Pregno (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)
Eric Weirich (déi Lénk)
Nicole Wohl (déi gréng)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communication des bourgmestre et échevins.**
2. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers : demande de morcèlement de terrains dans la rue de l'Église à Niederkorn.**
3. **Finances communes :**
   a. Fixation du taux de l'impôt commercial pour l'exercice 2023 ;
   b. Fixation du taux de l'impôt foncier pour l'exercice 2023.
4. **Enseignement fondamental : décharges LASEP pour les séances d'entrainement 2022-2023.**
5. **École de musique : organisation scolaire définitive 2022-2023.**
6. **Plan de gestion annuel des forêts 2023.**
7. **Actes et conventions :**
   a. Acte notarié visant l'acquisition de 2 parcelles d'une contenance totale de 80,80 a au lieudit In der Neuwies à Oberkorn ;
   b. Charte de déontologie pour les structures culturelles ;
   c. Contrat de bail commercial au Markenhaus, avenue de la Liberté no 7 à Differdange :
   d. Deuxième avenant à un contrat de bail d'un espace de bureau au bâtiment C du 1535° Creative Hub.
8. **Personnel communal : validation du texte coordonnée de la convention collective de travail pour les salariés des communes su Sud du 1er janvier 2022 au 31 décembre 2024.**
9. **Règlements communaux :**
   a. Amendements au nouveau Règlement sur les bâtisses, sur les voies publiques et les sites ;
   b. Règlements temporaires de circulation.
10. **Changements au sein des commissions consultatives.**
11. **Motion déi gréng-CSV pour le soutien de la population iranienne.**
12. **Questions.**

*(À cause de problèmes techniques, le début de la séance n'a pas été enregistrée.)*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *exprime son opinion sur la Coupe du monde et souligne qu'il n'est pas nécessaire de construire 8 stades d'une capacité de 80 000 spectateurs dans un rayon de 15 km, car ils ne seront probablement pas réutilisés. Il mentionne également les aspects écologiques et humains préoccupants. Il fait référence à un bilan de 3 morts mentionné par le Qatar, tandis qu'une enquête du journal britannique* The Guardian *parle de 6 500 morts, voire plus de 10 000 selon certaines associations, liés à la construction dans le contexte de la Coupe du monde. Les conditions de travail sont déplorables, avec des travailleurs asiatiques et africains travaillant plus de 70 heures par semaine sous un soleil brulant. Il estime que leur décision est la bonne et souhaite que le conseil communal se rallie à leur initiative.*

**TOM ULVELING (CSV)** *présente deux informations. Malheureusement, le chantier à Niederkorn, où ils ont rénové ou mis en conformité l'école des Garçons, a couté environ un demi-million d'euros de plus, et les gites d'étapes couteront également plus de 100 000 € supplémentaires. Cela est en partie lié aux prix élevés. De plus, la salle de sport à Niederkorn a également été rénovée. Ils devront donc débourser 600 000 € supplémentaires. Les gites d'étapes ont été inaugurés, mais il manque encore des matelas, des canapés, des tables, etc. Tout cela sera aménagé prochainement. Ils espèrent également pouvoir enfin parler à la personne qui a manqué plusieurs rendez-vous avec eux et qui pourra expliquer sa vision de la gestion.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute que monsieur Delles était également présent pour l'inauguration et donne la parole à monsieur Mangen.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *remercie la bourgmestre et parle de la maison de soins Servior, qui a déménagé à*

(Opgrond vun engem technesche Problem gouf den Ufank vun der Sëtzung net opgeholl.)

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)**

… Le Qatar n'aura certainement pas besoin après la Coupe du monde de 8 stades d'une capacité de 80 000 spectateurs dans un rayon de 15 km et qui ne seront surement pas réutilisés.

Pire encore que le volet écologique, il y a aussi le bilan humain auquel le collège échevinal est particulièrement sensible. Au-delà de la bataille des chiffres — le Qatar mentionne 3 morts, une enquête du journal britannique *The Guardian* fait à l'état de 6500 morts et certaines associations parlent même de plus de 10 000 morts liés de près ou de loin aux constructions autour de la Coupe du monde. Les conditions de travail sont déplorables avec des immigrés asiatiques et africains travaillant plus de 70 heures par semaines sur un soleil de plomb.

Pour ces raisons, je pense que notre décision est la bonne et c'est pourquoi je souhaite que le conseil communal se rallie à notre initiative. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Den Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech hunn zwou Informatiounen. Leider gëtt eise Chantier zu Nidderkuer, wou mer d'Jongeschoul restauréiert hunn, respektiv eng Mise en conformité gemaach hunn, ëm ongeféier eng hallef Millioun méi deier. An eise Gite d'étape wäert och iwwer 100.000 Euro méi deier ginn. Dat ass deelweis a Relatioun mat Präisdeierechten. Awer zu Nidderkuer hu mer zousätzlech d'Turnhal nach nei restauréiert, soudass mer 600.000 Euro musse weider opbréngen, fir dass dat dote ka funktionéieren. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Sees du näischt vum Gite d'étape, dass den Här Delles do war, dass mer de Gîte ageweit hunn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

De Gite d'étape, do waren e puer vun Iech dobäi, hu mer ageweit. Deen ass plus ou moins fäerdeg, et feelen nach d'Matrassen an e puer Sofa, Dësch, Still an esou weider. Dat gëtt a kuerzer Zäit ganz amenagéiert. An dann hoffe mer, dass mer dann endlech dee Mann ze pake kréien, dee schonn e puermol bei eis Rendez-vous hat, awer nach net konnt kommen, dass deen dann eng Kéier kënnt, fir eis ze soen, wéi e sech dat virstellt mat der Gestioun. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Den Här Delles war och do fir d'Ouvertür. An ech ginn d'Wuert un den Här Mangen weider.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Servior, d'Maison de soins, ass geplënnert op de Woiwer. Ech hat d'Geleeënheet, d'Gebailechkeete kucken ze goen. Et freet mech, datt déi Leit elo ganz gutt ënnerkomm sinn. Et ass e ganz modernt Ekipement, alles ganz, ganz schéin. Ech wënschen hinnen am Numm vun ons alleguer vill Succès, datt se sech richteg aliewe kënnen.

Ech wéilt gären en Appell maachen un d'Leit dobausse wéi och hei ronderëm den Dësch: Si wëllen eng Entente grënne vu Maisons de soins an do brauche se nach Leit, déi sech dofir interesséieren, fir do matzemaachen. Avis aux amateurs. Wann ee Loscht huet, fir do e bësse sozial täteg ze ginn. Et kann ee sech melle beim Direkter vun der Maison de soins. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Här De Sousa, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech hunn eng kleng Informatioun ze ginn. Mir organiséieren am November eng Energiewoch fir d'Leit vun Déifferdeng, wou mer iwwer d'Energiespuermoossnamen doheem wëllen informéieren. Déi Datumer sinn de 15. November am 1535°, de 16. November am Hall O an den 22. November an der Buvette zu Nidderkuer an der Sportshal. Ëmmer owes vun 19 Auer un.

Dobäi ginn d'Subside vum Staat, sozial Hëllefen a Moossname presentéiert. Invitéiert sinn: Klima-Agence, Sudenergie, Enovos a Sudstroum, déi dann e klenge Virtrag halen a wou duerno eng Froeronn stattfënnt, sief dat am Raum oder duerno bei engem klenge Patt kënne Froe gestallt ginn. Avis aux amateurs. Kommt och dohin, well mir sinn alleguerten dovunner betraff, fir Klengegkeeten ze maachen, fir e bëssen ze spueren. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Ech huelen un, dass déi Datumen do jo nach op eis Agenda kommen, fir dass d'Leit kënnen nokucke, wéini genau déi dräi Deeg sinn.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Jo, déi kommen an den Diffmag an op eis Internetsäit. An et gëtt och nach online Publicitéit gemaach an alles.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

An op eis Agenda.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Jo, jo.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Okay. Merci. Mir si beim Punkt 2, PAG a PAP. Do geet et ëm eng Demande vu Morcellementer zu Nidderkuer an der Rue de l'Église. An ech géif dofir d'Wuert un den Här Paulo De Sousa ginn.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, mir hunn hei eng Demande de morcellement vun dräi Parzellen an der Rue de l'Église zu Nidderkuer. Eigentlech ass hei d'Wuert Morcellement net ganz richteg. Bei engem Morcellement entstinn normalerweis méi Parzelle wéi der virdrun do waren. Hei ginn dräi Parzellen an zwou agedeelt. Wéi Der an den Dokumenter an op der Foto gesitt, ass eng Parzell, wou d'Haus drop steet. Déi aner Parzell ass déi Scheier, déi niewendrun ass. An déi lescht ass de Gaart hannert dem Haus.

Mam Morcellement entstinn zwou Parzellen, eng vun 1,6 an eng vun 2,17 Ar, wou dann zwee Eefamilljenhaiser kënne gebaut ginn. De Minimum vun der Fläch a vun der Breet vun der Fassad sinn hei ginn. Alles reegelkonform. Ech géif Iech bieden, dëser Demande zouzestëmmen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Madamm Buergermeeschter, merci fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den zoustännege Schäffen huet eis erkläert, ëm wat et bei deem Morcellement hei geet. Ech wéilt nach zousätzlech informéieren, dass dee Projet an der Bautekommissioun war, do ass sech de Bauprojet ugekuckt ginn, deen do virgesinn ass.

Et ass eng speziell Lag, et ass eng ganz steil Hanglag, wou déi Gebailechkeete stinn. Duerfir ass decidéiert ginn, dass op déi bestoend Grondmaueren en Ausbau gemaach gëtt an aus deem Ausbau dann och eng Trennung an zwee Gebaier, dat heescht praktesch zwou Maisons jumelées.

*Woiwer. Il a visité le chantier et constate que les installations sont modernes et très belles. Il souhaite beaucoup de succès à l'équipe et lance un appel aux personnes intéressées par la création d'une entente pour les maisons de soins.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *annonce qu'en novembre, on organisera une Semaine de l'énergie pour informer les habitants de Differdange sur les mesures d'économie d'énergie à domicile. Les dates sont le 15 novembre à 19 h au 1535°, le 16 novembre à la salle HALL O et le 22 novembre à la buvette de Niederkorn dans le gymnase. Ils présenteront les subventions de l'État, les aides sociales et les mesures à prendre. Des agences climatiques,* SUDenergie, Enovos *et* Sudstroum *sont invités à donner une courte conférence suivie d'une session de questions-réponses. Ils encouragent les gens à participer, car ils sont tous concernés et qu'il est important de faire des petits efforts pour économiser.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *demande si les dates seront communiquées aux habitants.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *répond que les dates seront disponibles dans le Diffmag et sur leur site internet, et qu'ils feront également de la publicité en ligne.*
*Paulo De Sousa continue avec le point 2 de l'ordre du jour et informe le conseil qu'il y a une demande de morcèlement de trois parcelles dans la rue de l'Église à Niederkorn. Il précise que le terme* morcèlement *n'est pas tout à fait approprié, car au lieu de créer plus de parcelles, ils fusionnent trois parcelles en deux. Il décrit les différentes parcelles, l'une avec une maison, une autre avec une grange et la dernière avec un jardin. Il explique que le projet permettra de construire 2 maisons familiales sur des parcelles de 1,6 et 2,17 ares respectivement.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *1ajoute que le projet a été étudié de près par la Commission des bâtisses en raison de la topographie particulière du terrain en pente. Il explique que la*

*décision a été prise d'utiliser les fondations existantes pour créer deux maisons jumelées. L'avis de la Commission des bâtisses est positif et le LSAP soutiendra cette proposition.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *aborde le point des finances communales. Elle mentionne que le taux d'imposition commercial ne changera pas et restera à 350 %, comme les années précédentes. À propos de la taxe foncière, un projet de loi a été déposé pour maintenir les mêmes taux communaux en attendant la mise en œuvre concrète au niveau national. Elle souligne que compte tenu de la problématique des logements inoccupés, il est encourageant de constater que le projet de loi prévoit l'introduction d'une taxe nationale sur la non-occupation d'un logement. Ainsi, si un logement reste inoccupé pendant 6 mois sans être enregistré dans le registre national des personnes physiques, la commune devra le signaler et imposer des amendes de 3 000 à un maximum de 7 500 € annuellement.*

**ERNY MULLER (LSAP)***fait remarquer que le LSAP a toujours soutenu l'idée d'une taxe nationale uniforme sur les logements et terrains vacants et est favorable à l'application rapide de sanctions et de taxes pour lutter contre ce problème. Il mentionne également que le projet de loi en cours est une initiative du ministère de l'Intérieur LSAP, ce qui est positif. Il souligne que la proposition de loi porte principalement sur la nouvelle taxe de mobilisation et la taxe sur les logements inoccupés. Il mentionne également que la taxe foncière sur les logements est pratiquement la même qu'auparavant et estime qu'il est important que les gens en soient informés.*

Den Avis vun der Bautekommissioun zu deem zukünftege Projet ass positiv, soudass deem Morcellement näischt am Wee steet. Mir géifen dat dann och stëmmen als LSAP. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la demande de morcèlement de terrains dans la rue de l'Église à Niederkorn.*

Da komme mer zum zweete Punkt, Finances communales. Ech schloe vir, dass ech se matenee virstellen, an dass mer e separate Vott maachen. Engersäits geet et ëm den Impôt commercial, anerersäits geet et ëm d'Grondsteier.

Den Impôt commercial ännert net, dee bleift wéi déi Jore virdrun, bei 350 %. Wann et dozou keng Wuertmeldung gëtt, géif ech direkt op d'Grondsteier iwwergoen. Do ass e Projet de loi deposéiert ginn.

Mir géifen dem Gemengerot proposéieren, bei de selwechten Tauxen ze bleiwen, en attendant déi konkreet Ëmsetzung op nationalem Niveau. Mir sinn eis hei zu Déifferdeng ganz bewosst, dass de Leerstand wierklech e Problem ass, mee ouni gesetzlech Basis ass de Leerstand schwéier ze bekämpfen. An deem Sënn si mer immens frou, dass dee Projet de loi eng Introduction d'un impôt national sur la non-occupation d'un logement virgesäit.

Wat heescht dat? Dat heescht, wann e Logement sechs Méint net bewunnt ass, wa keen agedroen ass am Registre national de personnes physiques, da muss d'Gemeng dat feststellen. An da si Strofe fälleg vun 3.000 Euro – déi kënnen all Joer ëm 900 Euro erhéicht gi bis op e Maximum vu 7.500 Euro. An dee Montant wier dann all Joer ze bezuelen.
Ënner anerem ass am Projet de loi eng Introduktioun vun engem Impôt à la mobilisation d'un terrain virgesinn.

De Projet de loi muss jo nach duerch de Staatsrot. Mir proposéieren, op eisem Taux beim B6, dat heescht op netbebauten Terrainen, bei 600 % ze bleiwen.

Här Muller, wannechgelift..

**ERNY MULLER (LSAP):**

Erlaabt mer, Stellung ze huelen am Numm vun der LSAP. Et ass jo heibanne bekannt schonn, dass d'LSAP déi lescht Joren ëmmer gesot huet, fir op de Wee ze goen, fir déi national eenheetlech Tax ofzewaarden an dann ze agéieren. Ech mengen, et gouf jo des Ëftere Kriticken hei, mir sollen esou schnell wéi méiglech stramm Strofen an Taxen op eidelstoend Wunnengen an och Terrainen applizéieren.

Elo ass e Projet de loi um Instanzewee duerch d'LSAP-Inneministesch, wat mir begréissen. A si huet am Fong Wuert gehalen, dass den Inneministère sech ëm déi Problematik sollt bekëmmeren.

Mir hunn erausfonnt, dass – Dir hutt schonn Erklärunge ginn –, wat d'Grondsteier ubelaangt, op eng Eegentumswunneng, dat heescht eng Wunneng, wou een dra wunnt, dass déi praktesch d'selwecht besteiert gëtt, wéi dat bis elo de Fall war. Ech mengen, dat ass och wichteg, dass d'Leit dat dobausse wëssen. Déi meescht hunn dat scho matkritt.

Hei geet et haaptsächlech ëm déi berüümten nei Steier, déi Mobilisatiounssteier. An zousätzlech, och eng séier wichteg, déi berüümte Leerstandssteier, Impôt national sur la non-occupation de logement, déi virgesinn ass.

Et gëtt sécherlech Differenzen tëscht deenen eenzele politesche Gruppéieren, wat d'Montanten oder d'Ausféierungsbestëmmungen ubelaangt. Déi Diskussioune si jo elo amgaangen, och mam Syvicol. Dat heescht, awéiwäit kommen d'Gemengen an de Genoss vun dëse Primmen oder Taxen?

Dat ass jo och fir eis séier wichteg, well do gëtt jo och erwäänt, dass d'Gemengen, an Dir hutt et jo selwer gesot, déi mussen elo sichen: Wou sinn déi eidel-

stoend Wunnengen? Wat geschitt domadder? Déi maachen am Fong déi ganz administrativ Aarbecht. An dat kann och nëmme reusséieren, wann do un engem Strang gezu gëtt. Duerfir ass et wichteg, an ech fannen et och gutt, dass de Syvicol sech intensiv do matageschalt huet.

D'LSAP stëmmt d'Taxen A bis B6, wéi Der se lo virgesitt. An och den Taux commercial stëmme mir esou mat. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Bonjour alleguerten heibannen. Mir wäerten dat heiten och matstëmmen. Mir waren och ëmmer der Meenung, dass et net ka sinn, dass eng Gemeng an dësem wichtegen Domän e Cavalier seul mécht. Dass et besser wär, eng national Léisung ze hunn, wou all Gemeng déi selwecht Spillreegelen hätt an domat déi selwecht Méiglechkeeten. An dat ass jo elo – endlech, kann ee soen – an der Maach.

D'Gesetz ass eis elo virgestallt ginn a senge Grondrëss an et leeft nach duerch d'Instanzen, bis et a Kraaft ass. An deem Gesetz si fir eis ganz vill gutt Mesuren dran, ënner anerem déi iwwert de Leerstand an iwwert d'Wunnengen.

Mir fannen dat gutt. Natierlech wäerte mer eis dofir asetzen, dass, soubal dat Gesetz gestëmmt ass, mer an der Gemeng eis wierklech doranner knéien an dorunner schaffen. Well ech mengen, da gëllt et jo och un de Gemengen ze weisen, dass se interesséiert sinn, mat deem Gesetz ze schaffen an och eppes ze maachen. Mir begréissen dat a mir si frou, dass mer warscheinlech dann d'nächst Joer mat deem Gesetz kënne schaffen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Ech hunn d'Gefill, hei ass e bësse Konfusioun. De B6, deen huet schonn eng legal Basis. Dat ass jo en Taux, deen et scho gëtt. Dat ass d'Grondsteier, déi jiddweree muss bezuelen. Dir hat geschwat vu legaler Basis. Also B6 huet eng legal Basis. Dee muss jo all Mënsch bezuelen.

De Kär vun der Diskussioun, déi mer grad hunn, ass déi Tax op de Leerstand an op broochleiend Bauterrainen. B6 bezitt sech éischter op Bauland. An do gëtt et awer och säit 2008 schonn eng legal Basis, mam Pacte Logement 1.0, deen du gestëmmt gouf an a Kraaft getrueden ass, wou mer hätte kënnen als Gemeng eng lokal Tax justement op broochleiend Bauland an op eidelstoend Wunnengen an op Haiser behiewen. Wat mer aus diverse Grënn, och deelweis juristesche Grënn, bis elo eeben net gemaach hunn.

Mee elo hei déi Diskussioun, déi mer grad hunn, dat erënnert mech un d'Diskussioun, déi mer d'lescht Joer haten an déi mer warscheinlech och schonn déi Jore virdrun hate par rapport zum Leerstand. Da gëtt erëm op den nationale Kontext verwisen an hei an do. Et ass leider en Hin an Hier. Wat ech schued fannen, well mir sinn an enger Logementskris, an et ass wichteg, dass all Terrain bebaut gëtt, dass déi genotzt ginn. An zemools, dass och all Baubestand, all Wunnengen, déi bestinn, genotzt ginn. Mir schwätze vu bal 7 %, 8 %, 9 %, 10 % Leerstand zu Lëtzebuerg, net just an der Gemeng Déifferdeng, mee allgemeng graff geschat. Wat awer zeg Dausende Leit géif en Doheem bidden.

Wat dat neit Gesetz ugeet: Endlech ass et do, no jorelaangem Waarden a vill Gemurks. Mee et ass emol e Projet de loi deposéiert ginn. Dir wësst genau, wéi staark d'Proprietärslobby ass a bis dass do e Staatsrot ass an hei an do. Wat ech schued fannen, well mer elo erëm Méint oder ee Joer verléieren. Dat geet warscheinlech nach iwwert déi nächst Joren eraus, bis dat Gesetz iwwerhaapt gestëmmt ass.

Ech hu mech e bëssen informéiert iwwert d'Gesetz, dat gräift fréistens an den 2030er-Joren. Mir sinn elo 2022.

*Il souligne l'importance de la coordination entre les communes et le gouvernement dans la mise en œuvre de ces taxes et apprécie également la participation active du Syvicol dans ce processus. Il confirme que le LSAP soutiendra les taxes A à 6 ainsi que le maintien du taux commercial proposé.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *exprime son soutien à la proposition de loi et souligne l'importance d'avoir une solution nationale avec des règles uniformes pour toutes les communes. Il mentionne que la loi contient de nombreuses mesures positives, notamment celles concernant le logement inoccupé et les logements en général. Il encourage la commune à se mobiliser une fois que la loi sera adoptée et à montrer son intérêt et son engagement pour sa mise en œuvre.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *pense qu'il y a une certaine confusion concernant le taux B6 sur la taxe foncière que tout le monde doit payer. Il précise que la discussion porte principalement sur la taxe sur les logements inoccupés et les terrains non construits. Il souligne qu'il existe déjà une base légale depuis 2008, avec le Pacte logement 1.0, qui permettait aux communes d'imposer une taxe locale sur les terrains non construits et les logements inoccupés. Cependant, pour diverses raisons, cette taxe n'a pas encore été mise en place. Il est déçu de la situation actuelle, car il estime qu'il est essentiel de combler la crise du logement en utilisant tous les terrains disponibles et en occupant les logements existants. Il souligne le pourcentage élevé de logements vacants au Luxembourg, qui représente environ 10 %, ce qui pourrait fournir des logements à des milliers de personnes.*
*Il exprime sa frustration face à l'attente prolongée de l'adoption de la loi. Il souligne l'influence puissante du lobby des propriétaires et regrette les retards et les délais engendrés par le processus législatif. Il regrette que le projet de loi ait été déposé, mais ne sera probablement pas adopté avant plusieurs mois, voire plusieurs années. Il estime que c'est une occasion manquée*

*pour la commune d'agir et d'utiliser le taux B6 en attendant l'adoption de la loi nationale. Il conclut en précisant qu'il ne peut pas soutenir la proposition en raison de cette situation.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *répond en soulignant que la discussion est récurrente et qu'ils aboutissent toujours aux mêmes conclusions. Il pose la question suivante : si le taux B6 est une chance manquée, pourquoi aucune commune au Luxembourg n'a-t-elle appliqué ce taux dans la réalité ? Il sait que certaines communes l'ont peut-être adopté sur le papier, mais qu'elles ne l'ont pas exécuté. Cela démontre qu'il y a un problème juridique dans sa mise en œuvre. Il souligne donc qu'il est plus honnête de dire que ce qu'ils ont fait jusqu'à présent n'a pas de base juridique et qu'ils ne l'appliquent pas, en attendant une solution qui fonctionne. Il reconnait ne pas avoir toutes les informations concernant la nouvelle taxe et demandera des précisions sur le fait qu'elle ne sera applicable qu'à partir des années 2030. Il reconnait qu'il faut du temps pour la préparation et l'identification des terrains à taxer, mais une fois que cela sera fait, ils pourront passer à l'exécution. Il ne voit donc pas les délais importants évoqués précédemment.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *répond en mentionnant que selon la loi, certains aspects ne débuteront qu'au cours des années 2030. Il avoue qu'il a obtenu cette information partiellement par le biais de la presse et souligne que des problèmes juridiques sont susceptibles de survenir, notamment en ce qui concerne l'interdiction de la non-occupation des logements et le registre correspondant.*

Dat heescht, et verginn nach vill Joren, bis wierklech eng Tax erhuewe gëtt, déi wéi deet an déi mécht, dass d'Proprietäre vu Bauterraine vläicht drun denken, hir Terrainen ze verkafen. Oder op d'mannst zur Verfügung ze stellen, dass se bebaut ginn, respektiv bestoende Baubestand zur Verfügung gestallt gëtt, fir dass d'Leit kënnen dra wunnen.

Fir mech ass dat hei eng verpasste Chance, dass mer de B6 net notzen en attendant bis dat nationaalt Gesetz gestëmmt ass, fir deen eropzesetzen. Fir als Stad Déifferdeng schonn en Zeechen ze ginn, och wëssend, dass et am Koalitiounsprogramm steet, dass mer iwwer eng lokal Tax nodenken, als Stad Déifferdeng, um Leerstand an op broochleiend Bauterrainen.

Dat gesot, kann ech dat hei leider net matstëmmen, wéinst dem B6, deen net eropgeet. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll dem Här Weirich dorop äntweren. Dir hutt Recht, mir féieren ëmmer déi selwecht Diskussioun, mir kommen ëmmer zum selwechte Fazit. Ech dréien d'Fro vläicht eng Kéier ëm: Wann Dir sot, et ass eng verpasste Chance, dass mer dee B6 nach net ugepasst hunn, da froen ech Iech: Firwat huet hei am Land keng Gemeng, keng eng Lëtzebuerger Gemeng de B6 ugewannt an der Realitéit? Net nëmmen um Pabeier? Ech weess, dass verschidde Gemengen um Pabeier et wuel gestëmmt hunn. Awer exekutéiert huet, menges Wëssens, keng eng Gemeng et. Dat weist jo, dass et do e juristesche Problem gëtt, fir dat ze exekutéieren.

Elo kann ee soen, mir hätten am Gemengerot och eppes kënne stëmmen, wéi déi eng oder aner Gemeng, an et dann net exekutéieren, well mer wëssen, dass mer juristesch warscheinlech géifen op d'Nues falen. Da froen ech mech awer, wat méi schäinhelleg ass: Wann ee seet, mir féieren hei eng Diskussioun, wat mer all Joer widderhuelen, dass mer op eng national Léisung waarden, déi gräift.oOder dass mer eppes decidéieren, wou mer wëssen, dass mer an der Exekutioun, och souguer wa mer et exekutéieren, iwwer Geriichtsprozesser warscheinlech géifen op d'Nues falen.

Ech mengen, da si mer hei méi éierlech, andeem mer soen: Dat, wat mer do stoen hunn, steet hei, mee juristesch huet et keng Basis an dofir applizéiere mer et net. A mir waarden op déi Léisung, déi elo hei kënnt.

Ech hunn och net déi Informatiounen, wat Dir sot, dass déi nei Tax – ech hunn dat awer och e bësse verfollegt – eréischt an den 2030er-Jore gräife wäert. Déi Informatiounen hunn ech net. Ech froen dat awer gären no. Ech gesinn och net, firwat dass, wann d'Gesetz effektiv duerch d'Instanze gaangen ass – dass dat nach vläicht ee Joer dauert, do sinn ech bei Iech, an enger Demokratie huet dat eebe seng Vitesse de croisière, an dat ass och gutt esou –, mee wann d'Gesetz bis do ass, gesinn ech net, firwat mer dann nach musse fënnef, sechs, siwe Joer waarden, wéi Dir sot, bis mer déi Saache kënnen applizéieren.

Et brauch eng Zäit Preparatioun, bis een déi Terrainen identifizéiert huet, déi ee wëllt taxéieren. Mir wäerten et hei am Gemengerot warscheinlech eng Kéier mussen duerchhuelen. Awer da kënne mer an d'Exekutioun goen. Ech gesinn do elo net direkt de risegen Delai, deen Dir elo genannt hutt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Weirich erëm, jo.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Erlaabt mer, dem Här Liesch ze äntweren. Dass dat eréischt an den 2030er-Jore gräife wäert, deelweis sinn dat Delaien, déi am Gesetz virgesi sinn, deelweis hunn ech dat aus der Press, dat muss ech dobäi soen. Haaptsächlech wäert et un deem Regëster scheiteren, wou de Leerstand eeben opgehuewe gëtt, wou sécherlech juristesche Géigewand komme wäert.

An ech mengen, et ass och en Delai vun e puer Joer virgesinn, bis d'Tax behuewe gëtt. Leerstand muss, mengen ech, 18 Méint en continu festgestallt ginn. An da gëtt et sécher och nach juristesch Tricker, fir ze maachen, wéi wann et awer bewunnt wär an esou weider an esou fort. Mir wësse jo, wéi et am Praktesche leeft a wat et do fir juristesch Tricken a Géigestänn gëtt, fir sech géint esou eng Tax ze stemmen.

Ech begréissen d'Tax natierlech – dat dobäi gesot – an ech si frou, dass se endlech um Instanzewee ass.

Elo hunn ech Ären éischte Punkt vergiess.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Huele mer se separat?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo. Ech géif d'Wuert nach un den Här Krecké ginn, virum Vott.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Ech hu just eng Remark, wat eis als Gemengeverwaltung betrëfft, virun allem vun deene grousse Gemengen: Mir sinn am wäitsten hei am Land. Eise Registre des bâtiments am Verglach mam Registre de la population op iwwer 95 %, wou mir schonn alles dran hunn. Mir hunn nach just eng knapp 100 Préiwungen ze maache gehat vun Unités logement par rapport zum Populatiounsregëster. Mee d'Stad Déifferdeng ass prett. Mir sinn och an ee Groupe de travail eng Kéier geruff gi virun e puer Wochen oder Méint. Mir si prett, soubal d'Gesetz applikabel ass, si mir eng vun deene grousse Gemengen, déi de Regëster prett huet. Dat just gesot, dass een awer weess, dass et méiglech ass.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Krecké. Mir kommen zum Vott. Den éischte Vott wier iwwert den Impôt commercial, dee mer bei 350 % géife beloossen, wéi et war.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le taux de l'impôt commercial pour l'exercice 2023.*

Da komme mer zum Vott iwwert d'Grondsteier.

*Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 voix non d'approuver le taux de l'impôt foncier pour l'exercice 2023.*

Da si mer beim nächste Punkt. Do geet et ëm d'Decharge vun de Stonne vun der LASEP. Déi éischt Dechargen, déi gewosst waren zu deem Zäitpunkt, déi hu mer scho mat der Schoulorganisatioun gestëmmt. Dat elei ass eng Aktualisatioun vun den Dechargen, wéi se elo um Terrain am Moment ausgefouert ginn. Et sinn elo 29 Stonnen Decharge, déi an der Tâche sinn, an 8,5 Stonnen, déi supplementaire sinn. Dat gëtt eng Decharge fir d'LASEP vu 37,5 Stonnen. Et ass just eng Adaptatioun.

Mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décharges LASEP pour les séances d'entrainement 2022-2023 dans l'enseignement fondamental.*

Punkt 5, Organisation scolaire définitive 2022/2023 vun der Museksschoul. Dir wësst, dass do en neie Wand bléist. An ech géif d'Wuert un den Här Mangen ginn.

*Il est prévu qu'il y ait également un délai de plusieurs années avant que la taxe ne soit appliquée. La non-occupation des logements doit être constatée pendant une période continue de 18 mois, mais cela peut également poser des problèmes juridiques pour les propriétaires qui cherchent à faire croire qu'un logement est occupé alors qu'il ne l'est pas réellement. Cependant, il se réjouit de l'introduction de la taxe et se félicite de sa progression dans le processus législatif.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)**
*mentionne que leur registre des bâtiments est très avancé, avec plus de 95 % des informations déjà enregistrées, mais qu'il reste encore quelques vérifications à effectuer en comparaison avec le registre de la population. Il indique que la Ville de Differdange est prête à mettre en œuvre la taxe dès que la loi sera applicable.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*on passe au point suivant de l'ordre du jour, qui concerne les décharges horaires des enseignants de la LASEP. Il s'agit simplement d'une mise à jour des décharges telles qu'elles sont actuellement effectuées sur le terrain. Il y a actuellement 29 heures de décharge en place, avec 8,5 heures supplémentaires. Cela donne une décharge totale de 37,5 heures.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*passe au point 5, qui concerne l'organisation scolaire définitive pour l'année 2022/2023 de l'école de musique.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *présente l'organisation définitive de l'école de musique. Pour cette année scolaire, ils ont enregistré 882 inscriptions et dispensé 133 cours différents avec l'aide de 32 enseignants. Il rappelle que les cours sont gratuits jusqu'à l'âge de 25 ans, bien que légalement, ils soient obligatoires jusqu'à l'âge de 18 ans. À partir de 25 ans, un cours est facturé à hauteur de 100 € par an. Cependant, avec le nouveau mode de calcul des subventions de l'État, il est difficile de prévoir le montant réel que la commune recevra. Selon des estimations prudentes, ils pourraient obtenir environ 1,7 million d'euros de subventions pour leur école de musique, ce qui représenterait un surplus d'environ 500 000 €. Cette situation dépendra du nombre d'élèves inscrits tout au long de l'année, et il est crucial que les élèves restent jusqu'à la fin de l'année pour pouvoir bénéficier de ces subventions. Cependant, en raison de la gratuité des cours, il arrive souvent que des personnes s'inscrivent puis se désistent après quelques semaines, ce qui entraine une non-attribution de subventions. Monsieur Mangen estime donc qu'il est raisonnable d'attendre une année complète pour faire un bilan financier de l'école de musique et évaluer la situation pour la commune.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *soulève une question concernant l'appellation « prov. » qui apparait sur tous les documents de la Diffcloud, suggérant que ces documents sont provisoires. Il faut toutefois considérer ces documents comme définitifs.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *souligne que l'offre de l'école de musique est régulièrement adaptée en raison de la forte demande depuis 2014. Il est heureux de constater que le niveau des classes et des élèves est très positif, et de plus en plus de musiciens formés rejoignent les associations locales. Cependant, il reste encore des défis à relever, notamment pour encourager davantage les cours pour adultes, car ce sont eux qui bénéficient directement aux associations. Il remercie les enseignants et l'administration*

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Déi provisoresch Organisatioun vun der Museksschoul hat ech am virege Gemengerot virgestallt. Haut läit Iech déi definitiv Versioun vir.

Fir dëst Schouljoer hu mir 882 Inscriptiounen. 133 ënnerschiddlech Course gi gehale vun 32 Enseignanten.

Als Rappell: Mir haten ofgestëmmt, datt d'Coursë bis zum Alter vu 25 Joer gratis sinn. Gesetzlech si mer awer just verflicht bis zum Alter vun 18 Joer. Ab 25 Joer gëtt e Cours mat 100 Euro pro Joer verrechent. Et ass en derisoirë Montant.

Mat deem neie Berechnungsmodus vun de staatleche Subsiden ass et am Moment schwéier virauszegesinn, wat fir ee Montant d'Gemeng effektiv kritt. Laut virsiichtege Schätzunge kéinte mir eventuell 1,7 Milliounen Euro kréien als Subsid fir ons Museksschoul. Wat eventuell e Plus vun enger hallwer Millioun Euro wär.

Do musse mer kucken, wéi dat elo am Laf vum Joer weidergeet, dat hänkt ëmmer dervun of, wéi vill Schüler ageschriwwe sinn. An d'Schüler musse bis zum Enn vum Joer bleiwen, datt mer e Subsid kréien. Am Moment ass et ganz schwéier anzeschätzen, vu datt d'Coursë gratis sinn. Et si vill Leit, dat hu mer och scho gemierkt, déi sech gemellt hunn an dann no e puer Wochen erëm ofgespronge sinn, d'Coursen net weidergemaach hunn.dDa kréie mer natierlech kee Subsid.

Ech mengen, dat vernënftegst ass ofzewaarden, no engem Joer e Bilan ze maachen an ze kucken, wéi et finanziell fir d'Museksschoul opgeet fir ons Gemeng. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech hätt eng Fro. Wann een op der Diffcloud d'Dokumenter kuckt, steet hanner all Dokument prov., wéi wann dat nach ëmmer provisoresch Dokumenter wieren. Mir sinn eis jo awer eens, dass dat hei déi definitiv Dokumenter sinn, an dass dat déi definitiv Organisatioun ass? Okay. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci fir d'Wuert. D'Offer vun der Museksschoul gëtt reegelméisseg adaptéiert. D'Demande ass bekanntlech explodéiert zënter mer adequat Raimlechkeeten hunn, säit Ufank 2014 am Ale Stadhaus. Duerch dee staarken Zouwuess si mer, wat d'Plaz ugeet, schonn nees un der absolutter Limitt. Dofir musse mer no Alternative sichen.

Den Niveau vun de Klassen an den eenzele Schüler ass ganz positiv ze gesinn. Lues a lues fannen och ausgebilte Museker de Wee an eis lokal Veräiner. Do ass awer sécherlech nach Loft no uewen. Virun allem bei den Adulte-Coursë misst nach e bësse gepuscht ginn, well et sinn déi, déi eise Veräiner direkt zegutt kommen.

Et bleift eis just nach, den Enseignanten an der Administratioun Merci ze soen an eng glécklech Hand ze wënsche bei den Aufgaben, déi op se zoukommen. D'DP stëmmt d'definitiv Schoulorganisatioun fir 2022/2023 vun der Museksschoul gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Déi Gréng soe Merci fir déi gutt Organisatioun. An alleguerten de Proffen. Selbstverständlech och alleguerten den Elteren, déi d'Schüler dohinnerbréngen a soumat ënnerstëtzen, dass d'Schüler

an d'Museksschoul ginn an doduerch kulturell e Koup leeschten.

Mir stëmme selbstverständlech deen dote Punkt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Den Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Den Här Mangen huet praktesch alles gesot. Ech maache mer et relativ einfach. Mir soen dem Direkter a senge Proffe Merci a wënschen hinne vill Succès. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech schléisse mech deene Mercien un. Merci, fir déi gutt Aarbecht, déi geleescht gëtt.

Dee Gedanken, deen den Här Meisch elo gesot huet: Et ass ganz wichteg, dass de Wee aus der Museksschoul an d'Veräiner féiert. Dass d'Veräiner profitéiere vun där gudder Aarbecht, déi an der Museksschoul geleescht gëtt. Dass och eis Museke weider bestoe kënnen a Leit kréien, déi Freed un der Saach hunn an eng gutt Formatioun genoss hunn.

Mir als LSAP stëmmen déi Organisatioun natierlech mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation scolaire définitive 2022-2023 de l'École de musique.*

Villmools merci. Mir si beim Punkt 6. Do geet et ëm eise Bëschplang 2023. An ech géif dofir d'Wuert dem Här De Sousa ginn.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Wéi all Joer steet erëm de Bëschplang um Ordre du jour, dee vum Fierschter Christian Berg opgestallt an der Ëmweltkommissioun virgestallt gouf. De passenden Avis dozou hutt Der geschéckt kritt.

De Bëschplang weist déi verschidden Aarbechten, déi am Bësch an am Ëmweltschutz ëmmer erëm gemaach ginn. Et fënnt een déi grouss Linnen zréck, wéi déi Jore virdrun.

Leider fanne mer och erëm de Poste vum Borkenkäfer, deen d'Fiichten ugräift. Et muss een awer dobäi soen, datt et net méi esou schlëmm ass wéi virun dräi, véier Joer. D'Beem ginn elo nëmmen nach gehaen, wann eng Gefor besteet. An deem Kontext huet de Fierschter e Projet mam Centre pénitentiaire lafen, wou an engem Insertiounsprogramm d'Holz verschafft gëtt, fir Clôturë ronderëm jonk Beem ze bauen.

Méi ee grousse Budget wéi déi Jore virdrun ass ugeduecht, fir d'Spadséierweeër ze securiséieren. Duerch d'Dréchent hu mer ganz vill Alholzinsele vu Buchebëscher, wou keng Bewirtschaftung méiglech ass. Déi sinn ausgewise ginn. Dat ass meeschtens laanscht Spadséierweeër. Déi gi méi kontrolléiert a securiséiert.

Duerch de Klimawandel gëtt ëmmer erëm mat Uplanze vu Beem experimentéiert, déi sech den neie Klimakonditioune besser upassen oder sech an der Zukunft upasse sollen.

Mat de Couppe vun de Beem gëtt méi spéit ugefaangen, viraussiichtlech eréischt am Dezember, wéinst de relativ

*de l'école de musique pour leur travail et souhaite bonne chance pour les tâches à venir. Le DP approuve l'organisation scolaire définitive de l'école de musique pour 2022/2023.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *exprime ses remerciements pour l'organisation de l'école de musique et remercie tous les professeurs ainsi que les parents qui soutiennent la participation de leurs enfants à l'école de musique, soulignant l'importance de cet engagement culturel. déi gréng supportent ce point.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *déclare que monsieur Mangen a déjà tout dit. Il exprime ses remerciements et souhaite aux directeurs et aux professeurs beaucoup de succès.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *se joint aux remerciements et félicite le travail accompli. Il souligne l'importance pour les associations de bénéficier du travail de qualité réalisé à l'école de musique, afin que ces associations musicales puissent continuer à exister. Le LSAP approuve également l'organisation proposée. ~~(Vote)~~*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *les remercie et aborde le point suivant sur le plan forestier 2023, donnant la parole à monsieur De Sousa.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *présente le plan forestier préparé par Christian Berg et la Commission de l'environnement. Il évoque les différents travaux réalisés en matière de protection de la forêt et de l'environnement. Il mentionne également le problème du scolyte qui attaque les sapins, mais précise que la situation est moins grave qu'il y a trois ou quatre ans. Une collaboration avec le centre pénitentiaire a été mise en place dans le cadre d'un programme d'insertion visant à construire des clôtures autour des jeunes arbres. Un budget plus important a été prévu pour sécuriser les sentiers de promenade. Il mentionne ensuite les expérimentations d'espèces d'arbres qui s'adaptent mieux aux conditions climatiques changeantes.*

*La coupe des arbres commencera plus tard que d'habitude cette année en raison des températures relativement chaudes.*
*Au cours des dix dernières années, la commune a régulièrement acheté de nouvelles forêts qui doivent également être entretenues. Une nouvelle carte des forêts communales est en cours de création, indiquant les différentes zones forestières situées dans la commune. Le dernier inventaire a été réalisé en 2012, et il est recommandé de réaliser cet exercice tous les dix ans.*
*Cette année, il y a eu une demande plus importante de cordes de bois, bien supérieure aux années précédentes. Habituellement, le nombre de demandes se situe entre 60 et 70 par an.*
*Plusieurs projets sont prévus dans le programme pour 2023, notamment des activités de plantation, des actions de sensibilisation avec les enfants, comme la plantation d'un minibois connu sous le nom de « forêt Miyawaki » avec les élèves de l'école Fousbann dans la réserve naturelle de Wuelemswiss. En résumé, quelques arbres sont plantés ou replantés sur une petite surface. Lorsqu'ils sont proches les uns des autres, cela crée une petite compétition entre les arbres, ce qui les fait pousser de manière très dense et très rapidement. C'est le premier minibois de ce type dans le pays. Ils commenceront avec cette initiative le 25 novembre.*
*Ces dernières années, on a rencontré de nombreux problèmes avec les barrières forestières. On a réparé les barrières et y a ajouté de nouvelles serrures. Les chasseurs et les agriculteurs reçoivent les nouvelles clés dont ils ont besoin. Il conclut en remerciant la bourgmestre, les services municipaux et l'équipe pour leur collaboration et leur engagement dans la gestion des forêts.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *déclare que leur service communal est activement engagé dans la réparation et le remplacement des barrières, ainsi que dans la gestion du système de clés.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *exprime son soutien aux explications fournies*

waarmen Temperaturen. D'Beem hunn hir Blieder nach net verluer, doduerch gëtt d'Schneiden am Bësch immens geféierlech.

Iwwert déi lescht zéng Joer huet d'Gemeng ëmmer erëm nei Bëscher kaf, déi mussen och ënnerhale ginn. Et gëtt un enger neier Kaart geschafft mat de Bëscher, déi a Gemengenhand sinn. Dee leschten Inventaire gouf 2012 gemaach. An der Reegel soll een deen Exercice all zéng Joer maachen.

Dëst Joer gouf et méi eng grouss Demande vu Kouerten an eiser Gemeng an zu Péiteng, vill méi héich wéi déi Jore virdrun. Normalerweis läit d'Unzuel vun deenen Ufroe bei 60-70 pro Joer. Dat ass e groussen Opwand, de Fierschter kann nëmmen 150 Demanden nokommen.

Verschidde Projete fanne mer am Programm fir 2023 erëm, zum Beispill Uplanzungsaktivitéiten, Sensibilisatioune mat de Kanner, de 25. November, wou de Fierschter mam Uplanze vum Minibësch, bekannt ënner Miyawaki-Bësch, mat de Kanner aus der Fousbanner Schoul an de Wuelemswisen ufänkt.

D'Madamm Pregno hat dee Projet d'lescht Joer kuerz virgestallt. Als Resümmee: Op enger ganz klenger Fläch ginn dräi, véier Beem ugeplanzt, oder Planze gesat, verschiddener Uerdnung. Déi wuesse mateneen. Do entsteet ee klenge Konkurrenzkampf ënner de Beem, soudatt dat immens dicht an immens séier wiisst. Dat ass den éischte Minibësch am Land. De 25. November fänke se domadder un.

Zum Schluss wollt ech déi gutt Zesummenaarbecht mam Fierschter a mat eise Servicer uschwätzen. Déi lescht Joren hate mer ganz vill Problemer mat de Bësch-Barriären. Do hu mer elo endlech eng Léisung fonnt. Si ass nach net ganz en place.

Mir hu lo mol eis Barriäre gefléckt, et kommen nei Schlässer drop. Mir wëssen am Moment net, wien alles e Schlëssel huet, dowéinst sti se op. Mir hoffen, mat deem neie System, wou – ech soe lo mol, de Bauer brauch just de Schlëssel vun de Barriären 1, 5 an 53, datt en dann och just dee Schlëssel huet, fir déi opzemaachen. D'Jeeër kréien hir Schlësselen, déi se brauchen.

Dat ass eng ganz Prozedur. Mir musse fir d'éischt eng Opnam maachen, wie wat fir ee Schlëssel kritt. Ech soen dem Här Parisot, dem Här Scacchi an dem Fierschter e grousse Merci fir déi Aarbecht, well dat ass net einfach.

Dem Fierschter a senger Ekipp e grousse Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an hiert Engagement an eise Bëscher. Ech soen Iech villmools Merci.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här De Sousa. Eise CID ass ganz aktiv do drun, fir déi Barriären éischtens ze flécke respektiv neier dohinner ze setzen a sech duerch dee Schlëssel-System ze wullen.

Gëtt et eng Wuertmeldung heizou? Den Här Altmeisch, wannechgelift.

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Här De Sousa, et si ganz flott Erklärungen, déi Der do ofginn hutt. Ech wär just frou, wann déi Barriären net allze laang géifen opbleiwen. Well et ass net nëmmen de Fierschter de Bëschbesëtzer an de Bauer deen erafiert, mee leider och den Awunner mat sengen Tute mam Dreck, deen dovunner profitéiert, fir 200 Meter méi wäit mam Auto ze fueren an dann den Dreck an de Bësch ze leeën. Wat sécherlech a kengem sengem Interêt ass heibannen.

Dat gesot, hunn ech mam Fierschter Récksprooch geholl. D'Detailer kann ech Iech matdeelen. De Fierschter bereit zirka 445 Hektar Bësch mat senge Leit, 150 Kouerte goufe gehaen an un eis Awunner geliwwert. Den Undrang war grouss, net all Demande konnt erfëllt ginn. Et si Leit, déi mech ugeruff hunn: „Firwat kréie mir keent? Deen do huet es kritt" an esou virun. Ech mengen, du kanns net méi verkafen, wéi wat s de hues.

D'Ursaach vun där grousser Nofro bei eise Leit ass ganz einfach de Präis. Beim Privathändler kascht eng Kouert tëschent 400 a 500 Euro. Op der Gemeng

kascht se 200 Euro. Dat erklärert déi grouss Nofro.

Leider konnt eise Fierschter mer och bestätegen, dass déi nächst Joren d'Präisser wäerte mussen ugehuewe gi wéinst de staarken Niewekäschten an de Lounkäschten. Och muss d'Zuel vun de Kouerten erofgesat ginn, vu den Zoustand an den Alter vun eisem Bësch. Dat muss jo ëmmer a Relatioun mat dem Alter an Zoustand vum Bësch geschéien.

D'Käschte vum Ënnerhalt vum Bësch a Relatioun mat der Sécherheet vun der Bëschcrèche, dem Bëschkierfecht, dem Märchepark an dem Léierpark zu Lasauvage sinn och gestigen. Grouss Fläche mat Fiichte si gehae gi wéinst dem Befall vum Käfer. No dëse Kalschléi goufen eenheemesch Beem ugeplanzt. No Abléck an d'Zuelen an d'Aarbechten, déi de Fierschter mat senge Leit am Laf vum Joer geleescht huet, soe mir der Ekipp e grousse Merci fir déi geleeschten Aarbecht an déi spontan Hëllefsbereetschaft. Mir wäerten dee Plang hei matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Dir Dammen an Hären, ech konnt leider net derbäisinn, wou de Fierschter säi Bëschplang virgestallt huet fir d'nächst Joer.

Fir d'éischt wëlle mir eisem Fierschter a senger Ekipp Merci soe fir déi Aarbecht, déi hien d'ganzt Joer an eise Gemengebëscher leescht.

Eppes, wat mech all Joer stéiert an all Joer erëm am Rapport vun der Ëmweltkommissioun virkënnt, ass dass ëmmer erëm gesot gëtt, dass dee virege Fierschter eis Bëscher eidel geraumt hätt. Jo, hie war vläicht héich motivéiert. Deemools gouf awer och e Bëschplang gestëmmt. An hat de Fierschter net och e Virgesetzten? Ee Virdeel, dee mer doraus awer zéie kënnen, dass mir warscheinlech dee jéngste Bësch am Land hunn, deen awer immens vill $CO_2$ späichert an deen et elo gëllt opzebauen.

Vill Aarbecht gëtt geleescht an eise Bëscher, awer och an aneren ekologesche Projete wéi an eisen Dagesbaugebidder.

Et gouf Borkenkäfer ofgeholzt, fir mat jonken Detenuë sougenannte Weisergatter ze bauen, déi am Bësch opgestallt ginn. Hei wär et interessant, e Feedback ze kréien, ob de Verbass vun de Réi wierklech esou héich ass wéi ëmmer vu Säite vun der ANF gesot gëtt.

An den Opforstunge ginn alternativ Bamaarte getest, déi vläicht méi robust si fir de Klimawandel. Déi dann och dem Waasser standhalen, wat eng gutt Saach ass.

Ee weidere flotte Projet ass dee sougenannte Miyawaki-Bësch, ee Minibësch, dee wäert um Fousbann mat de Schoulkanner geplanzt ginn.

Well eise Bësch relativ jonk ass, gëtt de Moment vill Entretien gemaach, deemno fält net vill Holz un, wat gehae ka ginn. Soudass eise Bëschplang eis ëmmer nach erëm wäert Sue kaschten. Wat awer eng normal Geschicht ass an och gutt esou ass. D'CSV kann dëse Plang mat Jo stëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Kolleeginnen a Kolleegen, de Bëschplang fir den Exercice 2023 gëtt gréisstendeels d'Kontinuitéit vun de Bëschaarbechten an de leschte Joren erëm. Esou wéi et ausgesäit, hunn d'Fiichten nach ëmmer hire Borkenkäfer. Awer dës verschwannen ëmmer méi. Eise Fierschter huet op etleche Plazen an deene leschten zwee, dräi Joer d'Fiichte geraumt, do, wou se eng Gefor duergestallt hunn.

Ech wëll eisem Fierschter, dem Här Christian Berg, a senge Mataarbechter Merci soe fir déi gutt a professionell

*nies et souligne l'importance de ne pas laisser les barrières ouvertes trop longtemps. Il mentionne qu'il y a divers résidents qui utilisent la forêt pour déposer leurs déchets.*
*Le garde forestier est responsable de la gestion d'environ 445 ha de forêt avec son équipe et a fourni 150 cordes de bois aux habitants. La demande était très élevée et toutes les demandes n'ont pas pu être satisfaites. Le cout d'une corde de bois varie entre 400 et 500 € chez les vendeurs privés, tandis que la commune les propose à 200 €, ce qui explique la forte demande.*
*Malheureusement, le garde forestier confirme que les prix devront augmenter à l'avenir en raison des dépenses élevées liées à l'entretien de la forêt, aux dommages causés par les insectes et aux conditions météorologiques défavorables. Le nombre de cordes de bois doit également être réduit en raison de l'état et de l'âge de la forêt.*
*Les couts d'entretien de la forêt sont également liés à la sécurité de la Bëschcrèche, du Bëschkierfecht, du Märchewee et du parc d'apprentissage à Lasauvage. Des zones étendues de sapins ont été touchées par des scolytes, et des arbres indigènes ont été plantés pour faire face à cette situation.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *remercie le garde forestier et son équipe pour leur travail tout au long de l'année dans les forêts communales. Il souligne que chaque année, il est mentionné dans le rapport de la Commission de l'environnement que le précédent garde forestier avait vidé les forêts. Cependant, cela a permis d'avoir probablement la plus jeune forêt du pays, qui stocke une grande quantité de* $CO_2$ *et nécessite maintenant d'être reconstruite.*
*Il mentionne également que beaucoup de travail est effectué dans les forêts ainsi que dans d'autres projets écologiques, tels que les sites miniers. Il serait aussi intéressant d'obtenir des retours pour vérifier si l'abroutissement des chevreuils est réellement aussi élevé que ce que prétend l'ANF. Des essais sont réalisés avec des méthodes alternatives de reboisement, qui pourraient être plus résistantes au chan-*

*gement climatique et capables de retenir l'eau, ce qui est bénéfique.*
*Un autre projet passionnant est la création d'une miniforêt appelée Miyawaki-Bësch qui sera plantée le long du chemin avec les élèves de l'école.*
*Étant donné que la forêt est relativement jeune, des travaux d'entretien réguliers sont nécessaires et il y aura des couts supplémentaires pour mettre en œuvre le plan forestier. Le CSV soutient ce plan.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *explique que le plan forestier pour l'exercice 2023 se base principalement sur la continuité des travaux forestiers des dernières années. Bien que les sapins soient toujours touchés par les scolytes, leur présence diminue progressivement. Elle exprime sa gratitude envers Christian Berg, le responsable forestier, et son équipe pour leur excellent travail professionnel.*
*Elle se réjouit que la plupart des membres de l'équipe soient toujours présents, à l'exception d'un membre qui prendra sa retraite cette année, même s'il préfèrerait rester encore un an de plus. Elle lui souhaite tout le meilleur.*
*Le budget pour 2023 prévoit une allocation de 111 700 € pour les salaires et 102 300 € pour les factures. Les recettes s'élèvent à 32 990 €, principalement grâce à la vente de bois de chauffage aux résidents de la commune. Actuellement, compte tenu de la situation actuelle, les prix sur le marché ont augmenté de manière significative.*
*La commune a acquis plusieurs forêts sur son territoire, y compris sur le territoire français, derrière le Rouden Haff. Comme expliqué par le responsable forestier, une demande sera faite à l'administration de la Nature pour réviser la carte existante datant de 2012, qui n'est plus à jour.*
*En ce qui concerne l'entretien régulier, il est prévu de surveiller et de maintenir les installations créées au cours des dernières années, telles que le Bëschkierfecht, la Bëschcrèche, le Märchewee, et autres.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *souligne que la politique a depuis longtemps reconnu l'importance*

Aarbecht, déi si am Laf vum Joer mat Interesse maachen. Scho méi laang Joren. Dat freet mech och, dass se nach alleguer do sinn. Ausser engem Här, deen dëst Joer seng Pensioun kritt. Deen net gäre geet, e géif nach léiwer ee Joer bleiwen. Mee an deem heite Fall ass nee gesot ginn. Mir wënschen Iech alles Gutts.

Fir 2023 steet de budgetären Invest vun 111.700 Euro fir d'Salairen an 102.300 Euro fir d'Facturen. Recettë vun 32.990 Euro. Déi gréisst Recette kënnt vum Verkaf vum Brennholz, wéi mer et scho wëssen, un eis Bierger aus der Gemeng. Am Moment gesäit ee jo, vu d'aktuell Situatioun, dass sech d'Präisser um Maart verduebelt oder verdräifacht hunn.

D'Gemeng huet etlech Bëscher bei eis am Bann a souguer op franséischem Territoire hanner dem Roudenhaff opkaf. Wéi de Fierschter eis erkläert huet, wäert hie bei senger Naturverwaltung nofroen, dass eng Revisioun vun dem bestoende Kaartematerial aus dem Joergang 2012, wat net méi aktuell ass, gemaach gëtt.

Wat elo usteet, ass den normalen Ënnerhalt vun deene villen interessanten Naturschutzflächen an eisen zwee Naturschutzgebidder: dem Kiemerchen/Groussebësch a Giele Botter/Prënzebierg.

E wichtege Punkt, aus dem Bëschplang 2023 ervirzehiewen, ass d'Iwwerwaachung an den Ënnerhalt vun deenen iwwert déi lescht Joren entstanen Installatiounen, wéi zum Beispill Bëschkierfecht, Bëschcrèche, de Märchepark an all déi, déi nach dozou gehéieren.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren. Mir stëmmen de Bëschplang.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Gudde Moien alleguerten. Wa mer iwwert de Plang vun 2023 schwätzen, muss ech awer eng Kéier zréckkucken. Ech sinn immens frou iwwert déi kompetent Aussoen, déi ech elo ronderëm den Dësch héieren hunn, wat eise Bësch am Allgemengen ugeet. An ech sinn och frou, no esou ville Joren, wou dat am Fong e bësse mäin Dada ass, dass d'Gesamtpolitik d'Wichtegkeet vun eise Bëscher erkannt huet, scho laang erkannt huet, an deementspriechend heibannen an och dobausse reagéiert.

Dat war net ëmmer esou. An den 80eran an den 90er-Joren ass de Bëschplang einfach esou ofgehandelt ginn: Wéi vill Boni hu mer vun deene Beem, déi mer verkaaft hunn? An domat war et et. Dann ass de Fierschter gelueft ginn iwwert dee grousse Boni, relativ grousse Boni, deen e gemaach huet.

D'Resultat gesi mer leider haut. Dat ass jo dat, wat elo schonn och e puermol ugeklongen ass: Mir hunn e jonke Bësch, awer en ass gesamt jonk a mir hu keen ale Bësch méi.

Wa mer vun engem Joresplang schwätzen, ass dat jo eppes infime Klenges. A mir mussen ëmmer soen, dass mir de Joresbilan vu Joer zu Joer kucken, dass mer awer elo och um Punkt sinn, datt den Zéngjoresplang ausleeft. Dat heescht, et ass richteg gesot ginn, virun zéng Joer ass en Zéngjoresplang opgestallt ginn, virdrun och een.

An et war awer esou, dass och déi Forstverwaltung, wéi se deemools geheescht huet, wierklech net op déi Zéngjoresplëng, déi am Gesetz verankert sinn, déi et och net ëmmer ginn ass, gehalen huet. Dat heescht, et gëtt e groussen Nohuelbedarf. Virun zwanzeg oder drësseg Joer ware mir eng vun deenen eenzege Gemengen, déi un engem Zéngjoresplang geschafft huet an aktiv war an och reklaméiert huet, dass mer gär en Zéngjoresplang hätten.

Den Effort gëllt et ze maachen am nächste Joer, een Zéngjoresplang, op deen awer kontinuéierlech och eis Joresplëng opbauen, och erneiert kréien. Dat hunn de Fierschter an den Uewerfierschter, den Här Leytem, eis och scho bestätegt, dass dorunner elo aktiv geschafft gëtt.

Dat erlaabt eis zréckzekucken iwwert déi lescht zéng Joer, vläicht och méi wäit zréckzekucken, an deen neien

Zéngjoresplang ze entaméieren, mat Joresplàng successiv hannendrun.

Dat ass en dynamesche Prozess, deen eis erlaabt, eise Bësch an deen Zoustand ze developpéieren, dee mir wëllen. Well, dat weess jo jiddwereen, ech ginn net weider an d'Detailer vum Forstplang vun dësem Joer an, bis op e puer kleng Punkten herno nach, d'Erausfuerderungen am Bësch vun haut sinn immens. An Dir wësst et alleguerten. De Klimawandel ass do.

Et gëtt Leit, déi bestreiden dat nach ëmmer, mee mir wëssen, dass am Fréijoer, am Summer kee Waasser do war, dass mer mat Stierm an Iwwerschwemmunge musse rechnen, dass mer de Borkenkäfer hunn, deen all eis Fiichtebëscher befall huet. An d'Wierkung vum Borkenkäfer war esou, dass mer quasi kee Fiichtebësch méi hunn, wat och e bëssen eng Aberratioun war an der Zäit, fir nëmme Fiichten unzeplanzen, och aus ekonomesche Plantagëgrënn.

Zum Wëldfraass: Gottseidank hu mer eng gutt Zesummenaarbecht mat de Fierschter. Dat ass wierklech ze begréissen, dass och an deene Beräicher ganz positiv un engem gesonde Bësch geschafft gëtt.

Wann ee mer elo seet, déi Hëtzt hei am November ass angeneem oder am spéiden Oktober ass angeneem fir d'Leit, dass mer nach kënnen dobausse sëtzen, ass flott, mee wat bréngt et fir d'Natur? Dat gesi mer eréischt héchstwarscheinlech, wann elo déi éischt Sprëss erëmkomme vu Beem an Hecken, déi mengen, et wier scho Fréijoer. An dee ganze Wandel do mécht eis Gedanken. A soll eis Gedanke maachen an deem Sënn.

Da kënnt den Afloss vum Mënsch. Ech mengen, mir wëllen de Bësch, mir brauchen en aus Gesondheetsgrënn, et ass e groussen CO2-Produzent. Mir sinn awer och op der Sich no Brennes. Mir brauchen/verbrauche Pellets, mir verbrauche Kouerten – ëmmer méi an dëse Krisenzäiten, wou aner Stoffer eis ausginn. Doduerch méi Holzverbrauch. Mir sichen ekologesch Baustoffer fir eis Haiser, eis Diech ze bauen, dat bréngt méi groussen Holzverbrauch mat sech.

An trotz dem schlechten Zoustand an dem Réckgang vun de Produktiounsméiglechkeete vun engem Bësch, ass de Risiko grouss, dass mer erëm an e Raubbau verfalen, wéi dat am Mëttelalter an de Südlänner de Fall war, an Nordafrika de Fall war, a Spuenien, Italien a Portugal beispillsweis, vu Griichenland net ze schwätzen. Do si riseg Flächen u Bëscher ofgeholzt gi fir Hausbau, Schëffbau, heizen an esou weider. Soudass mer eng Desertifikatioun hate vu ganze geografeschen Deeler an Europa.

An un eis an un de kommende Generatiounen ass et, fir hei virzebeugen. Mir wëssen, den Här Tempels huet et jo gesot, an den 80er-, 90er-Jore war eng falsch Forstpolitik, e falscht Management gemaach ginn. Et ass net nëmmen, fir op ee Fierschter mam Fanger ze weisen, wat mer heiansdo hei zu Déifferdeng maachen. Mee dat ass alles vun uewen erof esou gesi ginn, esou vill wéi méiglech aus dem Bësch erauszezéien. Vergläichbar heiansdo mam Amazonas, wou aus Geldgier an aus Interesse vun e puer Leit Raubbau gemaach gëtt.

Doraus solle mer léieren. Dat ass dat, wat ech wëll soen, elo e bëssen um Schluss och vu menger Karriär, wou ech hei ka schwätzen. Mir sollten net vergiessen, wat eng nohalteg Bëschgestioun ass. FSC ass nach ëmmer ee wichtege Label. Fairtrade-handele mam Bësch ass och eng wichteg Saach. Zum Virdeel vun der Natur, awer virun allem och zum Virdeel vum Mënsch.

De Bilan 2022 – den Ausbléck op en neie Forstplang ass fir mech e Fragezeichen – ass e gudde Forstplang. Dat ass eng Berouegung. Dëse Forstplang hei erfëllt all d'Krittäre vun enger nohalteger Bewirtschaftung.

Ech wëll vläicht eng, zwou Remarken nach maachen zum Avis vun der Ëmweltkommissioun. Et ass elo dëst Joer eng nei Saach, dass mer och an den Zouner Bësch schaffe ginn, do Weeër fräi maachen, eis emol ukucken, wéi déi Bëscher do kënne weider bewirtschaft ginn.

Wat e bësse feelt ass dee ganzen Opwand, déi ganz Aarbechten, déi an den Dagebaugebidder gemaach ginn, d'Gestioun vum Jan Herr, fir eis Dagebaugebidder an deem Zoustand ze halen, an deene se sinn.

*des forêts et a réagi en conséquence, ce qui le rend très fier et heureux. Il mentionne que cela n'a pas toujours été le cas. Dans les années 80 et 90, le plan forestier était simplement traité de manière superficielle, et la seule question posée était : combien de bénéfices avons-nous tirés de ces arbres que nous avons vendus ? Malheureusement, le résultat qu'on peut constater aujourd'hui est qu'on a une forêt très jeune.*

*Il considère le plan annuel comme quelque chose de mineur. Il souligne la nécessité de prendre en compte le bilan annuel d'année en année, mais aussi de se concentrer sur le plan décennal qui a été établi il y a dix ans, et qui est continuellement renouvelé. Il mentionne qu'il y a vingt ou trente ans, Differdange était l'une des rares communes à avoir mis en place un plan décennal et à être activement engagée. Il annonce que des efforts seront faits l'année prochaine pour établir un nouveau plan décennal, qui sera régulièrement renouvelé. Le forestier et le chef forestier ont déjà confirmé qu'ils travaillent activement sur cette question.*

*Cela permettra de regarder en arrière sur les dix dernières années, voire plus loin, et de commencer un nouveau plan décennal progressivement.*

*Ensuite, Frenz Schwachtgen parle du processus dynamique qui permet de développer la forêt dans l'état qu'on le souhaite. En ce qui concerne les défis, il souligne que le changement climatique est réel, même s'il y a des gens qui le contestent encore. Il fait référence au manque d'eau au printemps et en été, aux tempêtes et aux inondations, ainsi qu'à l'infestation par le scolyte, qui a touché toutes les forêts de sapins, et dont l'effet a été tel que la commune n'a pratiquement plus de sapins.*

*Il souligne également la coopération positive avec le garde forestier en ce qui concerne la lutte contre les dégâts causés par la faune sauvage.*

*Il souligne que le temps doux qui persiste en novembre est perçu comme agréable par de nombreuses personnes. Cependant, il invite à réfléchir et à prendre*

*conscience de ces changements saisonniers.*
*Ensuite, il mentionne l'impact de l'activité humaine sur la forêt, soulignant que nous avons besoin de la forêt pour des raisons de santé, car elle est un grand producteur de $CO_2$, mais on cherche également du bois de chauffage, de construction, des pellets, des cordes de bois, en particulier en ces temps de crise où d'autres ressources s'épuisent. Malgré l'état précaire et la diminution des possibilités de production de la forêt, il y a un risque de retomber dans une exploitation excessive, comme cela s'est produit au Moyen Âge dans les pays du Sud. Des régions entières ont été déboisées pour la construction de maisons, la construction navale, le chauffage, etc., ce qui a entrainé une désertification de vastes zones géographiques en Europe. Il faut prévenir cela pour cette génération et pour les générations futures. Il rappelle également la mauvaise politique forestière des années 80 et 90. Il insiste sur le fait que cela concerne également les directives générales, qui ont conduit à une exploitation excessive de la forêt, comparable à celle qui se produit parfois en Amazonie, où la cupidité et les intérêts de quelques-uns entrainent une déforestation excessive.*
*Il fait également deux remarques concernant l'avis de la Commission de l'environnement. Cette année, on travaille également dans le bois de Saulnes en dégageant les sentiers et en évaluant comment les forêts peuvent être gérées à l'avenir. Ce qui manque un peu, c'est l'effort global déployé pour les travaux réalisés dans les zones minières, la gestion de Yann Herr pour maintenir les zones minières dans un bon état. Dans cet esprit, il reste encore beaucoup à faire.*
*Il conclut en remerciant l'équipe de l'ANF et le service écologique de Differdange pour leur bonne coopération.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*aborde le point 7a) concernant l'acquisition de deux parcelles de terrain au lieudit In der Neuwiss à Oberkorn. Les parcelles ont une superficie totale de 80,80 a, avec*

An deem Sënn: Et bleift nach vill ze dinn. Awer ech soen elo schonn en décke Merci an eis Unerkennung fir déi gutt Zesummenaarbecht mat der ganzer Ekipp vun der ANF an natierlech och mam Service écologique hei vun Déifferdeng. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Mir kënnen zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le plan de gestion annuel des forêts 2023.*

Villmools merci. Mir si beim Punkt 7a, Acte notarié vun zwou Parzelle vun enger Gesamtfläch vun 80,80 Ar am Lieudit „In der Neuwiss" zu Uewerkuer. Fir eis am Volleksmond éischter an de Woiwerwisen, géife mir soen. Dass jiddweree weess, plus ou moins, ëm wat et geet.

Et sinn zwou Parzellen. Déi eng Parzell huet 23,70 Ar an déi zweet Parzell huet 57,10 Ar. Dat Ganzt hu mer kaf fir 2.908.800 Euro aus deem Grond, well ganz vill Terrain ronderëm déi zwou Parzellen der Gemeng Déifferdeng scho gehéieren. Dee Kaf erweidert de Spillraum vun der Gemeng fir zukünfteg Projeten a reit sech an deem Sënn an e Laangzäitmasterplang vun de Woiwerwisen an.

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, Dir hutt gesot, et sinn 80,80 Ar. De Gesamtpräis vun der Acquisitioun beleeft sech op 2,9 Milliounen oder richteg 2.908.800 Euro, wat engem Präis vu 36.000 den Ar entsprécht. Wat eiser Meenung no en héije Präis ass. Anerer soen, dat ass de Maartpräis.

Ech wëll drop hiweisen, dass ech viru siwe Joer schonn, als ehemolege Schäffen, mat dësem Terrain befaasst war. Well et, wéi Der och gesot hutt, e Puzzlestéck am Kader vum Plan directeur Woiwerwisen duerstellt an dëst besonnesch fir d'Realisatioun vun der Phas I schonn. Dësen Terrain läit relativ no un der Servior vis-à-vis an ass am Fong interessant fir d'Phas I vun där Entwécklung.

Deemools, muss ech Iech awer soen, louch nach den Ar-Präis bei 25.000 Euro. Wann een dat kuckt, dat sinn haut fir dee gesamten Terrain 888.000 Euro méi oder 43 %, an dëser kuerzer Zäit trotzdeem.

Dann ass och nach am Akt stipuléiert, dass et sech ëm eng „Acquisition dans un but d'utilité publique à savoir la création de logements abordables et bâtiments publics" handelt, wat jo och stëmmt. Ech wëll awer eng Kéier soen, dat ass an der Haaptsaach awer am Interêt vum Verkeefer, dee jo da keng Tax de plus-value um Objet brauch ze bezuelen.

An ech wëll Iech duerfir mol eng Iwwerleeung mat op de Wee gi betreffend Logement abordable, awer och, zum Beispill, Emphyteos op dëser Plaz: Mir soe jo ëmmer, wa méiglech solle mer den Terrain behalen a versichen, Wunnengen iwwer Bail emphytéotique ze schafen.dDa wëll ech Iech emol eng Kéier matdeelen, wat dat d'Gemeng kascht.

Wa mer nämlech vun deem Präis ausginn an och deem Terrain, da wësst Der jo, dass wann een eng Fiabiliséierung mécht, dat heescht den Terrain lotisséiert hei vun 80,8 Ar, dann triede mer 25 % of fir d'Lotisséieren. Da bleift eis nach netto Bauterrain vu 60,6 Ar no deenen Amenagementer. A wann een da kuckt, wat dat Lotisséiere kascht, da komme mer, no enger Faustreegel, op e Präis, dee bal dat Duebelt ass. Dat géif ronn, ech soen einfach, ronn 95.000 Euro den Ar ginn, fäerdege Bauterrain. Dir gesitt, mir sinn net wäit vun 100.000 Euro ewech – an dat zu Déifferdeng.

Wéi gesot, dat muss een a Relatioun setzen, wéi mer herno mat deem Terrain virufueren a wat mer doraus maachen. Ech mengen, abordabel bleift de Wunnengsbau nach ëmmer. Wann een de Gewënn oder d'Plus-value an och de Gewënn um Baue selwer ofzitt, dann

hu mer nach ëmmer méi en interessanten Objet fir de spéidere Keefer.

Trotz menge Bemierkungen, stëmme mer dem Terrain an dem Kaf vun deenen zwou Parzellen zou. Well, wéi d'Madamm Buergermeeschter gesot huet, d'Gemeng ass Proprietär vum Terrain, wou se eng Main-mise op déi zukünfteg Entwécklung vun de Woiwerwisen huet. Et ass wichteg, wéi déi Entwécklung gesteiert gëtt. Well mir wëlle jo net méi ze vill schnell wuessen, mee dass dat Ganzt, wéi Dir gesot hutt, an engem Masterplang och iwwert d' Zäitachs sech entwéckelt, dass eis Populatioun dat kann am beschte verdroen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Den Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, fir d'Wuert. Mir hunn hei am Gemengerot schonn e puermol matkritt, dass et extreem wichteg ass, dass d'Gemeng Proprietär ass vu gréisseren Terrainen, wou mer mierken, dass Potential do ass, fir lotisséiert ze ginn, och am Ouschterbur oder soss anere Plazen, wou mer Terrain hunn.

Dat hei ass extreem wichteg. D'Woiwerwisen ass ee vun deene gréissten nach zesummenhängenden Terrainen, dee mer an eiser Gemeng hunn. Wou also nach e Lotissement kéint entstoen. Also ass et och extreem wichteg, dass d'Gemeng hei Terrain huet, fir den Developpement, wéi deen Terrain do wäert bebaut ginn, wéi dat dann och ausgesäit. Dofir fanne mer dat heiten absolutt begréissenswäert ze maachen.

Natierlech, de Präis ass de Präis. Dee bezilt och de Promoteur dobaussen. Ob mir en elo bezuelen oder de Promoteur dobausse bezilt, do kënne mer am Fong net vill änneren. Mir kënne just soen, mir géifen dat vläicht net akzeptéieren. Mee da verkeeft de Proprietär un e Promoteur dobaussen an da musse mer eis froen, ob mer da besser geschafft hunn.

Just eng Remark awer zum Här Muller senger Rechnung. Ech si frou, dass d'LSAP de Projet awer stëmmt. Dir maacht hei eng Immobilierechnung. Eng Gemeng ass keng Immobilière, kee Promoteur. Fir mech ass eng Spillplaz an eng ëffentlech Strooss an e Park genau sou vill Wäert wéi de Logement, dee gebaut gëtt. Dat heescht fir mech kann ech déi Rechnung net novollzéien, déi Dir elo gemaach hutt, dass een aus engem Brutto-Terrain rengen Netto-Terrain eraushëlt, deen ee kann en valeur setze fir Logement.

Ech verstinn d'Iwwerleeung, dass ee seet, wann ech dat maachen, da kommen ech op vill méi en héijen Ar-Präis. Mee dat ass eng Rechnung, déi e Promoteur mécht, wann e seet: Wat kann ech dann herno verkafen u reellem Logement a wat ass da mäi Gewënn? Mee fir eng Gemeng, mengen ech, gëllt awer och, wann een eng Spillplaz mécht oder e Retentiounsbecken oder wat och ëmmer, dann ass dat fir mech och e wäertvollen Terrain.

Soudass een dat eigentlech an deem Package net kann direkt erausrechnen. Ech verstinn awer Är Iwwerleeung. Wann een dat esou géif rechnen, kéim een natierlech op deen do Präis. Mee eng Gemeng ass eeben en ëffentlechen Träger a kee Promoteur. Dofir gesinn ech dat e wéineg méi differenzéiert.

Mir wäerte jiddefalls dat heite matstëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Däerf ech dem Här Liesch äntweren, wannechgelift?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo, nom Här Weirich, dann däerft Der äntweren, Här Muller. Här Weirich, wannechgelift.

*23,70 a pour la première et 57,10 a pour la seconde. L'achat a été réalisé pour un montant de 2 908 800 €, permettant à la commune de Differdange d'étendre ses possibilités pour des projets dans le cadre d'un plan directeur à long terme pour les Woiwerwisen.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *soulève plusieurs points concernant l'acquisition de deux parcelles de terrain. Il note que le prix total de l'acquisition s'élève à 2,9 millions d'euros, ce qui correspond à un prix de 36 000 € par are, jugé élevé selon lui. Il mentionne également que le prix au mètre carré était de 25 000 € il y a quelques années. Il rappelle son implication antérieure dans l'acquisition de ce terrain, qui fait partie du plan directeur des Woiwerwisen et contribue à la réalisation de la phase I du projet.*
*Il souligne que l'acte stipule qu'il s'agit d'une « acquisition d'utilité publique visant la création de logements abordables et de bâtiments publics ». Cependant, il met en avant l'intérêt du vendeur qui n'aura pas à payer de taxe sur la plus-value. Il propose une réflexion sur la création de logements abordables, notamment en utilisant le bail emphytéotique. Si l'on considère le prix d'acquisition et la possibilité de lotir le terrain, 25 % du terrain serait réservé au lotissement, laissant une surface nette de 60,6 a pour les aménagements. Selon une estimation approximative, le cout du lotissement serait presque deux fois supérieur au prix initial, soit environ 95 000 € par are.*
*Malgré ces considérations, il approuve l'acquisition des deux parcelles, la commune étant propriétaire du terrain et jouant un rôle clé dans le développement futur des Woiwerwisen. Il souligne que la gestion de ce développement est importante afin de ne pas croitre trop rapidement et de garantir une évolution harmonieuse dans le cadre d'un plan directeur à long terme, dans l'intérêt de la population.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *souligne l'importance pour la commune d'être propriétaire de terrains*

*plus vastes qui présentent un potentiel de lotissement, notamment dans les dernières années, où des terrains ont été acquis dans des endroits tels qu'Ouschterbur. Il souligne que les Woiwerwisen sont l'un des plus grands terrains contigus de la commune, offrant ainsi la possibilité d'un lotissement. Il considère donc cette acquisition comme extrêmement positive.*
*Il mentionne également que le prix de vente est le même que ce soit la commune qui paie ou que ce soit le promoteur qui paie, et que la commune ne peut pas changer grand-chose à cet égard. Il est possible de ne pas accepter le prix proposé, mais dans ce cas, le propriétaire vendra à un promoteur et il faudra se demander si cela aurait été une meilleure option.*
*En réponse aux calculs d'Erny Muller, il fait remarquer que la commune n'est pas une entreprise immobilière ou un promoteur. Pour lui, un espace de jeu, une rue publique ou un parc ont autant de valeur qu'un logement construit. Il ne peut pas suivre le raisonnement selon lequel on peut calculer la valeur nette d'un terrain en fonction du logement qui y est construit. Il estime donc qu'il convient d'adopter une approche plus nuancée. Quoi qu'il en soit, il soutient cette décision aujourd'hui.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *soutient l'idée d'acquérir des terrains par la commune pour créer de grands ensembles. Il souligne les avantages d'être son propre promoteur pour pouvoir construire des logements. Il exprime également le souhait que le plan directeur soit élaboré dans un avenir proche. Il mentionne le manque de progrès dans le plan d'action local pour le logement dans le cadre du Pacte logement 2.0, mais souligne l'importance des hectares de terrains constructibles avec un fort potentiel pour loger de nombreuses personnes. Il espère que cela ne sera pas retardé trop longtemps et se dit d'accord avec la proposition actuelle.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *exprime son accord avec Georges Liesch sur la préservation des espaces verts et la*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Ech hätt dem Här Muller awer och elo d'Wuert iwwerlooss, mee da maachen ech schnell.

Ech wollt just soen, dass dat absolutt de richtege Wee ass, fir als Gemeng Bauterrain opzekafen. Zemools fir doraus, wéi Der et erkläert hutt, e groussen Ensembel ze maachen. Dann huet een natierlech vill, vill méi Méiglechkeeten. Wann ee selwer Promoteur ass, ass dat natierlech flott, fir do kënne Wunnengsbau ze schafen.

Ech wär just frou, wann dee Masterplang an noer Zukunft eng Kéier géif ausgeschafft ginn. An eisem Plan d'action local logement, eisem PAL, dee mer hu musse viru Kuerzem areechen, am Kader vum Pacte Logement 2.0, do war nach näischt dran. Dir hutt erkläert, wéisou dat nach net entwéckelt gëtt, mee mir sëtzen awer do op Hektare Bauland mat groussem Potenzial, fir vill Leit, déi do kéinte wunnen.

Ech wär frou, wann dat net méi ze laang géif schleefen, fir do eppes virzestellen. Mee dat hei stëmmen ech natierlech gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Här Liesch, wou ech mat Iech d'accord sinn, an ech an eis Partei wënschen eis dat och, dass mer vill Gréngfläch op där doter Plaz behalen a kleng Parken, Quartiersparken an esou weider. Ech mengen, dat ass eng Viraussetzung fir en zukunftsorientéiert Lotissement respektiv Quartier.

Mee ech hat dat a Relatioun gesat mat deem abordabele Wunnraum, wou jo als Argument gesot gëtt, fir do de Verkeefer vun där extra Tax ze entbannen. Well wa mer vun abordabele Wunnraum schwätzen, da mengen ech, da komme mer op Wäerter vun – wa mer bei 36.000 Euro sinn, Dir wësst och, dass mer déi Terrainen, déi mir als Gemeng zum Beispill un de Fonds de Logement ofginn hunn oder un d'Société Nationale d'Habitations à Bon Marché, déi leie bei 15.000 Euro den Ar.

Dat sinn natierlech Terrainen, déi d'Gemeng scho länger Zäit huet. Mee dat ass dann, fir sozialen an abordabele Wunnraum drop opzeriichten. An dat wollt ech eebe soen, bei esou Tariffer, egal wéi ee lotisséiert, do steet awer eng gréisser Zomm vun der Gemeng aus. An do muss een oppassen, wat een da mécht. Selbstverständlech si mir fir abordabele Wunnraum, mee op een dann alles a Form vun Emphyteos ka maachen, dat ass eng aner Fro. Dat wollt ech just soen, dat war an deem Kontext. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Den Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Ech hunn eng Propos. Ech hat eng Kéier mam Käerjenger Buergermeeschter driwwer geschwat, wéi si verfuere mat de Präisser vun den Terrainen. Si stëmmen eemol d'Joer, am Ufank vum Joer, fir verschidde Kategorie vun Terrainen e Präis, fir eng Richtlinn ze hunn, wat gehandelt gëtt. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech muss eppes soen. Ech kenne jo de Fousbann, ech si vun do. De Fousbann ass zougebaut ginn an de leschte Joerzéngten. Mer hunn och abordabele Wunnraum geschaaft. Ech wëll awer fir d'ganz Gemeng mol eng Kéier d'Analys kréien, wéi vill mir gewuess sinn. Déi nächst Vollekszielung wäerte mer d'Resultater jo kréien, wéi vill mir par rapport zu anere Gemenge gebaut hunn, abordabel oder net. Wéi vill Fläch mir verbraucht hunn a wéi vill Fläch mir nach hu fir ze bauen.

An da wëll ech och higoen a vläicht mol fir d'éischt ee Gedanke maachen: Wat geschitt mat engem Gemengenterrain an de Woiwerwisen? Ee Gedanke kënnt natierlech direkt, den Här Weirich huet et ugedeit, mer mussen e Masterplang kréien, wéi mer wou esou vill wéi méiglech Wunnraum kréien. Ech géif de Masterplang och gär gesinn. Awer ech géif och soen, ech hätt gär sou vill wéi méiglech Gréngs, e Park, e Weier. Mer hu Waasser do an esou virun. Ech hätt gär Liewensqualitéit an enger elo schonn zoubebauter Stad. An déi kréien ech just, wann ech Gréngs an déi Stad bréngen.

Ech huelen de Park, de Stadpark Déifferdeng. Do hate schlau Politiker virun 100 Joer d'Iddi, e Parc Gerlache ze maachen, wéi d'Gerlacher Schlass ofgerappt ginn ass. Déi hätten och kënnen op d'Iddi kommen, do zouzebauen. Dann hätte mer haut kee Park. An ech mengen, dee Gedanke misst eis – et ware jo Politiker do, déi wollten do e Supermarché hisetzen iergendwann eng Kéier. Dat wëssen déi Al nach. An ech mengen, mir mussen eis de Liewensraum, Gréngs a Parken ginn.g

Gitt a Stied kucken, wou flott Parke sinn. Do ass et vläicht flott, ronderëm ze wunnen, och wann een eng kleng Wunneng huet. Et kann een, wa Sonn ass, an de Park sëtze goen. Et kann een d'Kanner am Park spille loossen. Et bréngt een d'Natur erëm an d'Stad. D'Tiny Forests op engem Ar ass ganz schéin um Fousbann, bei der Fousbanner Schoul. Mee dat ass een Ar Gréngs an enger riseger Fläch Wunnraum. Maacht wannechgelift déi Iwwerleeung, virun allem, éier mer e Masterplang fir dee Quartier opsetzen, op laang Siicht. Maacht de Park fir d'éischt, maacht de Weier fir d'éischt. An da kënne mer och nach ronderëm e bësse bauen. Awer baut wannechgelift net weider alles zou. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Weirich an dann den Här Hartung.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Ech hunn zwar scho geschwat. Mee ech erlabe mer, nach eng Kéier ze schwätzen an och dem Här Schwachtgen ze äntweren. D'Zuelen hu mer. Ech hat dat jo ugefrot ufanks dëses Joers, wéi vill Bauterrain mer nach hunn. 14 Hektar, déi eis selwer gehéieren. Am Kader vum PAG wësse mer, wéi vill mer gewuess sinn an de leschte Joren a wéi vill mer nach wuesse kënnen. Déi Zuelen hu mer.

Fir de Rescht, wat Der gesot hutt, sinn ech ganz, ganz bei Iech. Kloer, natierlech all nei Quartier, dee gebaut gëtt, soll och e Park dobäi sinn, Gréngs. Ech mengen, dat ass wichteg, esou een Noerhuelungsgebitt. Zemools well mer an Zukunft méi dicht bauen, d'Wunnenge méi kleng ginn, vläicht net jiddwereen e Balcon huet a sech dat och net leeschte kann, ass et wichteg, dass ee relativ no bäi oder direkt virun der Dier effektiv e bësse Gréngs huet, e Park huet, wou ee kann auswäichen. Zemools well d'Temperatur ëmmer méi an d'Luucht geet, ass et wichteg, am urbane Raum Grénginselen ze hunn, fir justement Wärmeinselen ze verhënneren. Do sinn ech ganz bei Iech.

Op där anerer Säit hu mer awer och eng Logementskris, wou mer gezwonge sinn, awer ze bauen. Mee do feelt mer e bëssen eng Kohärenz. Un enger Kohärenz musse mer awer dann och schaffen. Da musse mer méi ferm och an déi Richtung goen, als Stad Déifferdeng oder als politesch Responsabel, fir vläicht scho versigelt Flächen ze mobiliséieren, ze benotzen,jjustement iwwer Taxen oder méi eng proaktiv Politik, fir de Bestand ze notzen. Idem fir Leerstand ze mobiliséieren. Dat hate mer beim Punkt virdru scho beschwat. Dat heescht de Bestand ze benotzen dee schonn do ass, ier mer nei Fläche versigele ginn.

Um Niveau vun der EU ass jo souwisou virgesinn, dass mer bis spéitstens 2050 keng nei Fläche méi versigelen. An deem Sënn sinn ech ganz bei Iech, fir ze soen, am léifste keng nei Fläche versigelen, mee attendant musse mer d'Leit awer iergendwou ënnerkréien a mussen awer bauen, zemools wann et ausgewisent Bauland ass.

*création de petits parcs, considérant cela comme une condition préalable à un lotissement ou à un quartier orienté vers l'avenir. Il mentionne que lorsque l'on parle de logements abordables, on atteint des valeurs proches de 36 000 €, ce qui représente une somme considérable. Il rappelle également que la commune a déjà cédé des terrains au Fonds du logement ou à la Société nationale d'habitation à bon marché pour environ 15 000 € l'are. Ces terrains sont destinés à la création de logements sociaux et abordables, mais la commune les détient depuis longtemps. Il souligne ainsi que lorsque l'on parle de tarifs aussi élevés, quel que soit le mode de lotissement, cela a un impact significatif sur les finances communales. Il affirme bien sûr son soutien aux logements abordables, mais il soulève la question de les réaliser sous forme d'emphytéose, ce qui nécessite une réflexion différente.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *présente une proposition. Il a discuté une fois avec le bourgmestre de Käerjeng pour comprendre comment ils fixent les prix des terrains. Il explique que chaque année, au début de l'année, ils établissent différentes catégories de terrains et déterminent un prix de référence pour chaque catégorie, afin de réguler les transactions.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *exprime ses préoccupations concernant l'aménagement de l'espace urbain. Il souligne l'importance de préserver les espaces verts et de créer des parcs dans la commune. Il souhaite obtenir une analyse complète de l'évolution de la commune, notamment en ce qui concerne la construction de logements abordables, l'utilisation des espaces disponibles et la comparaison avec d'autres communes.*
*Il propose également de réfléchir à l'avenir du terrain communal dans le quartier Woiwerwisen en élaborant un plan directeur qui favorise la création de logements tout en préservant des espaces verts, des parcs et des plans d'eau. Il souligne l'importance d'avoir une qualité de vie agréable dans une ville déjà très*

*urbanisée, en mettant l'accent sur l'importance des espaces verts et des parcs. Il rappelle l'histoire de la création du parc Gerlache à Differdange et suggère de préserver les espaces verts plutôt que de construire de nouveaux bâtiments.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *répond en soulignant qu'ils disposent des chiffres concernant les terrains disponibles, et qu'ils connaissent la superficie des terrains qu'ils possèdent en tant que commune. Il est d'accord sur l'importance d'inclure des parcs dans chaque nouveau quartier et de préserver les espaces verts. Par, contre, il reconnait que dans un contexte de crise du logement, il est nécessaire de construire, tout en soulignant l'importance de la cohérence dans les décisions prises. Il propose d'utiliser les surfaces déjà scellées avant d'envisager de nouvelles constructions, en mobilisant les espaces vides et en luttant contre les logements vacants. Il rappelle également que l'Union européenne prévoit de ne plus sceller de nouvelles surfaces d'ici 2050. Il est d'accord pour éviter de nouvelles constructions, mais en attendant, il est nécessaire de répondre aux besoins des habitants et de construire sur les terrains disponibles, conformément aux zones désignées.*
*Il se félicite de ne pas avoir étendu la zone constructible dans le plan d'aménagement général (PAG), mais souligne qu'il faut tout de même développer ces terrains à court terme tout en préservant des espaces verts.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *fait écho aux propos de Frenz Schwachtgen en soulignant que lorsqu'une commune achète des terrains, elle peut décider elle-même de la manière dont le plan directeur sera développé, ce qui diffère d'un plan directeur d'un promoteur qui vise à maximiser les bénéfices en construisant au maximum. Il estime donc important de prendre en compte la création de parcs, d'espaces verts et de places publiques dans les nouveaux quartiers afin de répondre aux besoins de loisirs des résidents. Il souligne également la nécessité de préserver les espaces*

Mee gutt, am PAG hu mir de Perimeter jo net erweidert. Dat hunn ech och matgestëmmt, dat begréissen ech och, dass mer net méi wäit ginn. Mee do ass eebe Bauland. An ech mengen, à court terme musse mer dat awer nach entwéckelen, awer och gläichzäiteg e bësse Gréngs behalen. Dat wollt ech nach dozou soen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Där Weirich. Den Där Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Ech géif mech dem Där Schwachtgen senge Wierder ganz gären uschléissen, well mir kafen dat heite jo, fir selwer d'Main-mise herno drop ze hunn, wat dee Masterplang ugeet. An e Masterplang vun enger Gemeng muss eppes aneschters si wéi e Masterplang vun engem Promoteur. Mir mussen aneschters denke wéi e Promoteur, deen de maximale Benefice wëllt erausschloen, doduerch datt en dat maximal bebaut.

Dofir ass dat, wat den Där Schwachtgen sot, fir eis och immens wichteg, datt muss gekuckt ginn, wéi een dat kann developpéieren, datt mer do wierklech Parkanlagen, Gréngs, awer och Plaze fir nach vläicht d'Veräiner hunn. Wou fir d'Fräizäit vun de Leit, déi dohinner wunne kommen, eppes gebuede gëtt. Besonnesch well um Woiwer an déi aner Säit um Fousbann schonn extreem vill lotisséiert ginn ass. Dofir ass et wichteg, datt mer dat heite kafen, datt mer eebe kënne selwer decidéieren an net alles erëm zougebaut gëtt. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Där Hartung. Erlaabt mer zwou Saachen ze soen. Den aktuelle Schäfferot, an dat ass vun Ufank un esou kommunizéiert ginn, ass um Wee fir ze soen: Mir kucken a mir maachen et am Sënn vun Déifferdeng a vun der Liewensqualitéit.

Där Schwachtgen, fir Iech eng Äntwert ze ginn: Mir sinn an deene leschte Joren iwwerduerchschnëttlech séier a vill gewuess. Dat ass einfach esou. An dass de Logement e Problem ass. Mee mir sinn eis als Schäfferot, oder ech als Buergermeeschter – mir hunn e Service logement kreéiert, deen aktiv ass. Mir hu Wunnenge kaf. Mir sinn nach amgaangen ze kucken, Wunnengen ze kréien. De Problem ass, mir komme weeder mat eise Servicer nach mat eisen Infrastrukturen no.

Dofir huet dëse Schäfferot einfach probéiert, mir leeën – ech soen elo net, mir leeën eng Brems an, mee mir trëppelen einfach méi lues. Kënne mer eis dorobber eenegen? Dat heescht, mir soen net, et ass Stillstand, mee mir iwwerleeën eis gutt, wat fir Decisioune mer huelen an a wéi eng Richtung mer ginn. Ech mengen, dat war vun Ufank un ugekënnegt.

An een Zil ass effektiv dat, Där Schwachtgen, fir d'Liewensqualitéit hei an där Stad héichzehalen oder se ze behalen. A genau dëse Summer, wéi déi Summere virdrun, huet gewisen, wéi wichteg Gréngfläche sinn a wéi wichteg Beem sinn. Ech denken, do ware mer eis an deene leschten dräi Joer op d'mannst konsequent, et ass mer immens wichteg, dat ervirzehiewen. Well mer do awer och mat eisem Service logement elo aktiv sinn.

Wat ech nach dem Där Weirich wollt äntweren – a bis bei d'Wale wäerte mer déi Iddi duerchzéien, dat heescht mir kucken: Wat kréie mir gestemmt? Well wa mer ze vill maachen, dann hu mer och net gutt geschafft, wa mer iwwer eis eege Féiss falen. Dat ass d'Objektiv elo vun dëser Koalitioun, am Sënn d'Liewensqualitéit an awer och d'Gemengeservicer, dass sech alles iergendwou e bësse berouegt.

Logement ass e risege Problem, mee mir kréien deen als Déifferdeng net eleng gereegelt. Mir hu scho vill dozou bäigedroen an deene leschte Joren. An, Där Weirich, ech wollt Iech awer soen, Dir hutt mer eng gutt Iddi ginn, well ech dat vergiess hat ze soen, ech wëll et awer elo heimat soen: De 17. November ass am Ale Stadhaus d'Présentation publique vum PAL, vun eisem Pacte logement en présence vum Där Henri Kox. Dat ass eng Présentation publique. Notéiert Iech den Datum wannechgelift, do kritt Der Är Froe be-

äntwert, um 19 Auer am Ale Stadhaus. Villmools merci, Här Weirich.

Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, géife mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié visant l'acquisition de 2 parcelles d'une contenance totale de 80,80 a au lieudit In der Neuwies à Oberkorn.*

Merci. Punkt 7b, Charte de déontologie pour les structures culturelles. Dofir géif ech dem Här Ulveling d'Wuert ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et ass eng ganz wichteg Charte, déi mer hei virleien hunn. Ech hoffen, dass mer se stëmme wäerten, well do hänkt och drun, ob mer finanziell Ënnerstëtzung vum Ministère de la Culture wäerte kréien an Zukunft. Dat heescht, mir mussen déi Charte hei ënnerschreiwen, wa mer weiderhi gären esou eng Ënnerstëtzung hätten.

D'Charte de déontologie riicht sech net nëmmen un all d'kulturell Institutiounen, déi vum Ministère de la Culture finanzéiert ginn, se soll sech verflichten, eethesch a professionell Valeuren anzehalen, fir eng gutt Zesummenaarbecht tëschent der kultureller Struktur, den Artisten an de Bierger ze garantéieren. Vu dass d'Aalt Stadhaus an de 1535° mat ëffentleche Gelder fonctionéieren, ass et ëmsou méi wichteg, dass si en exemplarescht Verhalen an hirer Gestioun an an hirer Interaktioun mat Drëttpersoune virweise kënnen.

D'Reegele vun der Charte applizéiere sech op d'Relatioune mam Ministère de la Culture, op all Interaktioun tëschent de Membere vum Personal, d'Zesummenaarbecht mat den Artisten, den Intermittents de spectacle, dem Publikum, de Sponseren an alle Prestataires de service vun de jeeweilege Strukturen.

Dat alles ass op siwe Valeuren opgebaut: D'Kompetenz, de Respekt, akkurat a gerecht Gehälter vum Personal, déi an den Institutioune schaffe wéi bei de Gagë vun den Artisten, déi fir dës Kulturhaiser schaffen, Integritéit, Égalité des chances, kulturell Diversitéit, Transparenz an Eko-Responsabilitéit.

Bei der Kompetenz schwätze mer vun enger Professionalisatioun vum Secteur. Eis Leit, déi an dësen Institutioune schaffen, solle richteg ausgebilt sinn an hiert Wëssen an hir Experienz esou asetzen, dass d'Ziler, déi mir eis setzen, kënnen erreecht ginn.

Och ass et wichteg, dass d'Personal sensibiliséiert gëtt, fir d'Vertraue vun den Artisten oder anere kulturelle Strukture wéi och vun eise Bierger ze gewannen.

Beim Respekt schwätze mer vu respektvollem Verhale vis-à-vis vun de Leit, mat deenen ee schafft. Et geet och ëm d'diskreet Behandele vu vertraulechen Informatiounen an och ëm d'Protection des données vun de Clienten an esou weider.

Gerecht Renumeratioun bezitt sech op all Mataarbechter, déi sollen no hire Kompetenzen an hiren Diplomer bezuelt ginn. An natierlech d'Artisten, déi een Urecht op eng adequat Bezuelung hunn, mat engem Kontrakt, deen eventuell Prouwen ofdeckt an och eng Klausel virgesäit am Fall vun engem Ausfall vun deem engen oder anere Spektakel.

Ënner de Volet vun der Remuneratioun fält souwuel d'Obligatioun, fir de Carnet vun den Intermittents de spectacle an den Delaien auszefëllen, wéi d'Anhale vum Droit vun de Propriété-intellectuellen.

D'Integritéit bezitt sech op d'Verhale vun de Mataarbechter vun de Strukturen, déi sech selbstverständlech verflichten, keng Informatiounen, déi se duerch hir Funktioun kréien, fir perséinlech Zwecker ze verwenden. D'Personal däerf keng Kaddoe vun Entreprisen an esou weider unhuelen, déi méi ee grousse Wäert hu wéi 100 Euro. D'Fonctionnairë musse sech un dat halen, wat an hirem Statut steet.

Am Fall vun engem Sponsoring soll ee sech vergewësseren, dass déi Entreprise

*verts, notamment autour de la zone Woiwer et du Fousbann, qui ont déjà connu une urbanisation importante. Il insiste sur l'importance de pouvoir prendre des décisions en tant que commune pour éviter une surconstruction excessive.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *intervient pour souligner que le conseil communal actuel est engagé à préserver la qualité de vie à Differdange. Elle rappelle les progrès réalisés ces dernières années en termes de croissance démographique et d'investissements dans le logement, ainsi que la création d'un service logement actif. Elle admet toutefois qu'il reste des défis à relever en matière d'infrastructures. Elle souligne l'importance des espaces verts et des arbres, qui ont été pris en compte dans les décisions des trois dernières années. Elle précise que la présentation publique du plan d'action local pour le logement (PAL) aura lieu le 17 novembre, en présence de Henri Kox, et invite à y assister pour obtenir des réponses aux questions.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch introduit le sujet de la Charte de déontologie pour les structures culturelles.*

**TOM ULVELING (CSV)** *souligne l'importance de cette Charte, car elle conditionne l'obtention de soutiens financiers du ministère de la Culture à l'avenir. La charte vise à promouvoir des valeurs éthiques et professionnelles pour garantir une bonne collaboration entre les structures culturelles, les artistes et les citoyens. Étant donné que l'Aalt Stadhaus et le 1535° fonctionnent avec des fonds publics, il est d'autant plus important qu'ils puissent faire preuve d'un comportement exemplaire dans leur gestion et leurs interactions avec les tiers.*
*La charte établit des règles pour les relations avec le ministère de la Culture, les interactions entre le personnel, la collaboration avec les artistes, les intermittents du spectacle, le public, les sponsors et tous les prestataires de services des structures concernées. Elle repose sur sept valeurs : compétence, respect, rémunération adéquate et équitable du personnel et des ar-*

*tistes, intégrité, égalité des chances, diversité culturelle, transparence et responsabilité environnementale.*
*La compétence met l'accent sur la professionnalisation du secteur, en veillant à ce que les employés des institutions culturelles soient correctement formés et mettent à profit leurs connaissances et leur expérience pour atteindre les objectifs fixés. Il est également important de sensibiliser le personnel à gagner la confiance des artistes et d'autres acteurs culturels ainsi que des citoyens.*
*Le respect concerne le comportement respectueux envers les personnes avec lesquelles on travaille, ainsi que la discrétion dans le traitement des informations confidentielles et la protection des données des clients.*
*La rémunération équitable concerne tous les employés, qui devraient être rémunérés en fonction de leurs compétences et de leurs diplômes, ainsi que les artistes qui ont droit à une rémunération adéquate, avec un contrat qui couvre les éventuelles annulations de spectacles. Sous le volet de la rémunération, il est également question des obligations liées au carnet des intermittents du spectacle et au respect du droit de propriété intellectuelle.*
*La charte promeut l'intégrité du personnel des structures culturelles, en les obligeant à ne pas utiliser les informations obtenues dans le cadre de leurs fonctions à des fins personnelles. Le personnel ne peut pas accepter des cadeaux d'entreprises ayant une valeur supérieure à cent euros. Les fonctionnaires doivent respecter ce qui est stipulé dans leur statut. En ce qui concerne le sponsoring, il est nécessaire de s'assurer que l'entreprise qui sponsorise agit dans un cadre légal. Il ne doit pas y avoir de situation où un membre du jury est en relation avec l'un des candidats qui concourent devant ce jury.*
*Les structures culturelles doivent agir de manière indépendante sur les plans artistique et intellectuel et ne peuvent accepter aucune interférence dans le processus artistique, que ce soit de la part du ministère ou d'une autre instance. Le soutien financier de l'État est indépendant*

déi sponsert, am legale Kader schafft. Et soll een net an engem Jury sinn, zum Beispill, wann et iergendee Lien mat engem vun de Kandidate gëtt, déi an deem Jury virkommen.

All Struktur handelt onofhängeg am artistesche wéi am intellektuelle Beräich an däerf keng Améschung an de kënschtleresche Prozess akzeptéieren, weeder vun der Säit vum Ministère nach soss enger Instanz. Déi finanziell Ënnerstëtzung vum Staat ass onofhängeg vun der Liberté d'expression artistique. Wat jo wichteg ass an eisem Land!

D'Égalité des chances bezitt sech souwuel op d'Ënnerbannung vun all Zort vun Diskriminatioun ënnerhalb vun der Beleegschaft wéi op d'Ëmsetzung vun all méiglече Mesurë fir e barriärefräien Accès fir PMRen. Natierlech mussen Efforte gemaach ginn, fir dass all Mënsch Accès zu Kultur ka kréien an och vereinfacht ka kréien.

An der artistescher Programmatioun soll e Gläichgewiicht herrschen tëschent deene verschiddene Genren. Dat ass eng wichteg Donne. D'kulturell Diversitéit soll an der artistescher Programmatioun erëmzefanne sinn, an den interkulturellen Dialog soll geférdert ginn.

Bei der Transparenz sollen d'Decisiounen an d'Ausgabe public a consultabel sinn. Ech mengen, dat hu mer ëmmer an der Vergaangenheet hei gemaach. D'Nominatioun vum Personal muss transparent sinn, an um Internet sollen all d'Gesetzer, d'Statuten, d'Konventiounen an dës Charte de déontologie natierlech och veröffentlecht ginn.

Bei der Eko-Responsabilitéit geet et net nëmmen drëm, op Fester kee Plastik méi ze verwenden, mee am Allgemengen op all iwwerflësseg Verschwendung vu Ressourcen ze verzichten an och op eng nohalteg Programmatioun ze setzen, zum Beispill Produktiounen e puermol spillen ze loossen, d'Zesummenaarbecht mat aneren Institutiounen ze fërderen an esou weider.

Meng Konklusioun ass déi hei: De Respekt vun dëse Valeuren, déi ech Iech elo hei opgezielt hunn, ass extreem wichteg, well de Ministère, wéi ech scho gesot hunn, dëst och wäert kontrolléieren. Am Fall, wou et zu engem Verstouss vun dëse Reglementer kënnt, wäerte Sanktioune geholl ginn, déi de finanziellen Apport vum Ministère entweeder wäerten aschränken oder am schlëmmste Fall ganz annuléieren.

Wéi gesot, ech wär frou, wann Der eis dat dote géift unanime stëmmen, fir dass mer en Zeeche setzen, dass mer all dozou stinn. Ech soen Iech Merci.

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Madamm Wohl, wannechgelift.

## NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Mir als Gréng begréissen dat Dokument, dat d'Rechter an d'Flichte vun deene verschiddenen Acteuren am Kulturberäich festleet. Ech wëll drun erënneren, dass ënner der jëtzeger Kulturministesch Sam Tanson eise Centre culturel Aalt Stadhaus staatlech Ënnerstëtzung fonnt huet.

Hei kënnt elo een Outil de travail derbäi. Jiddereen, dee sech Froen an deem Beräich stellt, kann drop zréckgräifen. Den Text soll och iwwert d'Aalt Stadhaus diffuséiert ginn.

Et ass festgehale ginn, dass eise Patrimoine culturel esou gutt wéi méiglech protegéiert, konservéiert a reegelméisseg presentéiert soll ginn an zwar esou, dass een déi gréisstméiglech Populatioun erreeche wäert.

Ech wëll drop hiweisen, dass an der Konventioun och festgehalen ass, dass jiddereen Accès op Kultur a Konscht, zwee Grondrechter, soll hunn. Kultur ass wichteg fir d'sozial Kohäsioun.

Den Här Ulveling ass schonn op déi aacht Valeuren agaangen, déi immens wichteg sinn, wou deen een esou wichteg ass wéi deen aneren.

Ech erlabe mer, just e puer Punkten ervirzehiewen. Et ass zum Beispill e schrëftleche Kontrakt mat de Kënschtler virgesinn, an dass d'Fraise vun der Viraarbecht vun engem Spektakel consideréiert ginn. Fir Conflit-d'intérêten ze evitéieren, soll keen à titre personnel e Kaddo kréien. Och wann e Kaddo un

de Centre culturel gemaach gëtt, däerf deen de Wäert vun 100 Euro net depasséieren. Ech ginn dovun aus, dass déi Zomm dem aktuellen Index entsprieche soll. Dat ass net preziséiert.

Am Fall vu Sponsoring muss effektiv gekläert ginn, dass déi legal ass, an dass déi artistesch a kulturell Onofhängegkeet vum Centre culturel net beaflosst gëtt.

Am Fall vun engem Jury ass genee reglementéiert, wien a wien net dierf delhuelen. Bei den externe Membere gëtt et e Formulaire, deen ënnerschriwwe muss ginn an deen och publizéiert wäert ginn. Dass een eeben net befaangen ass.

Mir als Gréng begréisse ganz besonnesch, dass d'Eko-Responsabilitéit eng Plaz am Dokument fonnt huet. An eisem Fall engagéiert de Centre culturel Aalt Stadhaus sech, den Impakt op d'Ëmwelt esou kleng wéi méiglech ze halen. Recuperatioun vum Material, Recycling, Limitatioun vun Ëmweltverschmotzung, Reesen an Trajeten.

D'Affichen an d'Reklamme sollen ëmweltschounend sinn, an et wäerten ëmweltfrëndlech Veranstaltungen ageplangt ginn.

Um Site greenevents.lu vum Ëmwelt-, Klima- an Nohaltegkeetsministère kann een dozou Informatioune kréien.

D'Aalt Stadhaus engagéiert sech mat dëser Konventioun, e Bäitrag an der Lutte géint de Klimawandel ze leeschten, andeem een den Impakt vun de Produktiounen op d'Ëmwelt limitéiert. Ausserdeem solle kulturell Projeten esou geduecht ginn, dass Reprisen, Tournéeë kënne geplangt ginn, dëst am Sënn vun der Économie circulaire.

Als Gréng ënnerstëtze mer dëse Punkt vum Ordre du jour.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Et ass gutt, dass déi heiten Elementer alleguer schrëftlech festgehale ginn. Wat awer net bedeit, dass dat bis elo net esou gehandhaabt gouf hei zu Déifferdeng. Mir ënnerstëtzen deen Text a stëmmen dat mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech ka mech deem, wat grad gesot gouf, uschléissen. Et ass e wichtegt Dokument.

Wat ech ëmmer e bësse schued fannen, ass, wann een d'Dokument vu vir bis hanne liest, et ass schwéierfälleg. Mat Momenter liest et sech net ganz einfach. Ech verstinn och net, wann een e Kapitel huet mat Definitiounen, firwat een dann am Text op eemol eng Foussnott huet, wou an der Foussnott dann eng aner Definitioun steet. Dat mécht d'Dokument net immens lieserlech. Nodeems ech dat do Dokument gelies hunn, hunn ech e bëssen Angscht virum Guide iwwert d'Subventiounen – wéi schwéierfälleg wäert dat dann eréischt ginn.

Dat ännert awer näischt un der Wichtegkeet vun esou enger Charte. An dat ännert och näischt drun, dass et wichteg ass, dass mer eis där Charte ralliéieren. Et gouf jo gesot, well och d'Subventioune vum Staat mat dorunner hänken.

Mee heiansdo wär et awer wënschenswäert, dass ee sech vläicht géif Gedanke maachen, wéi een dat kéint verfaassen, dass och den Normalstierflechen, deen net all Dag esou Saache liest, et versteet. Oder keng sechsmol muss liesen, bis e seet: „A, esou ass et gemengt. "

Ech weess och, dass dat net ëmmer esou einfach ass. D'LSAP dréit dat do awer mat. Merci.

*de la liberté d'expression artistique, qui est une valeur importante dans le pays.*
*L'égalité des chances concerne l'élimination de toute forme de discrimination au sein du personnel et la mise en œuvre de mesures pour assurer un accès sans obstacle aux personnes en situation de handicap. Des efforts doivent être faits pour que chaque personne puisse avoir accès à la culture de manière simplifiée. La programmation artistique doit équilibrer les différents genres et favoriser le dialogue interculturel.*
*La transparence exige que les décisions et les dépenses soient publiques et consultables. Les nominations du personnel doivent être transparentes et toutes les lois, statuts, conventions et la charte de déontologie doivent être publiés sur Internet.*
*L'écoresponsabilité ne se limite pas à ne plus utiliser de plastique lors des évènements, mais englobe également la réduction du gaspillage des ressources et une programmation durable, comme la mise en scène de productions en répétition, la collaboration avec d'autres institutions, etc.*
*En conclusion, Tom Ulveling insiste sur l'importance du respect de ces valeurs énoncées dans la Charte de déontologie, car le ministère de la Culture exercera un contrôle. En cas de non-respect de ces règles, des sanctions pourront être prises, allant de restrictions financières à l'annulation complète du soutien du ministère. Il espère un vote unanime en faveur de cette charte.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *salue la Charte qui établit les droits et les devoirs des différents acteurs du secteur culturel. Elle rappelle que le centre culturel Aalt Stadhaus a obtenu un soutien financier de l'État sous le ministère de la Culture de Sam Tanson.*
*Il est stipulé que le patrimoine culturel doit être protégé, préservé et régulièrement présenté de manière à toucher le plus grand nombre possible de personnes. Elle souligne également que la convention prévoit l'accès de chacun à la culture et à l'art en tant que droits fondamentaux, soulignant l'impor-*

*tance de la culture pour la cohésion sociale.*
*Elle mentionne quelques points spécifiques tels que la nécessité d'un contrat écrit avec les artistes et la prise en compte des couts de la préparation d'un spectacle. Pour éviter les conflits d'intérêts, il est interdit de recevoir des cadeaux à titre personnel, même si le cadeau est destiné au centre culturel, et sa valeur ne doit pas dépasser cent euros.*
*En cas de sponsoring, il est essentiel de vérifier sa légalité et de garantir l'indépendance artistique et culturelle du centre culturel.*
*En ce qui concerne les jurys, leur composition est règlementée, et pour les membres externes, un formulaire doit être signé et publié pour éviter tout conflit d'intérêts.*
*Déi gréng se réjouissent particulièrement de l'inclusion de la responsabilité écologique dans la Charte. L'Aalt Stadhaus s'engage à réduire au maximum son impact sur l'environnement en pratiquant la récupération de matériaux, le recyclage, la limitation de la pollution environnementale, les déplacements et les trajets. Les affiches et les publicités doivent aussi être respectueuses de l'environnement.*
*En conclusion, déi gréng soutiennent ce point.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *déclare qu'il est bon que tous ces éléments soient consignés par écrit, ce qui ne signifie pas que cela n'a pas été respecté jusqu'à présent à Differdange. Il soutient le texte et vote en faveur au nom de la DP.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *fait remarquer que le document est important, mais trouve dommage que sa lecture ne soit pas facile, notamment lorsqu'il y a des explications dans le texte, mais que d'autres définitions sont utilisées dans les notes de bas de page. Cela rend le document peu clair. Il exprime également des inquiétudes concernant le guide sur les subventions, qui sera certainement compliqué à comprendre.*
*Cependant, cela ne change rien à l'importance de cette Charte et à la nécessité de s'y rallier, d'autant plus que les subventions de l'État en dé-*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la Charte de déontologie pour les structures culturelles.*

Här Hobscheit, ech versti genau, wat Dir mengt, gleeft mer et.

Am Punkt 7c geet et ëm e Contrat de bail an eisem Markenhaus op Nummer 7 an der Avenue de la Liberté an der Foussgängerzon. Do ass d'Madamm Natalia Maria Havasreti, déi eng Surface vu 46,23 m2 um Rez-de-chaussée lount. D'Madamm ass Make-up-Artistin, mécht awer och selwer Fotoen, si ass och bekannt fir hir Shootingen.

Mir hu geduecht, dass dat vläicht déi gëeegent Persoun wär, fir e bëssen erëm Leit an déi Foussgängerzon ze zéien. Et ass eisen Defi, fir déi erëm un d'Liewen ze kréien. Well dat gëtt et am Moment absolutt net méi. Dat wäert den Defi si vun dësem Schäfferot, fir ze kucken, dass mer erëm Fluxen, dass mer erëm Leit dohinner kréien. Et ass genau dat geschitt, wat gefaart ginn ass mat deenen neien Zentren, dass de Stadkär ausstierft.

Ech kann Iech soen, dass mer als Schäfferot wierklech vill Gedanken, vill Zäit, vill Projeten, vill Kappzerbrieches drabréngen: Wéi kréie mer déi Strooss belieft, wou kee Mënsch méi derduerch geet, wou nach just Passage ass, fir Kanner heemzebréngen, an d'Schoul sichen ze goen – et ass traureg. Mir probéieren, eist Bescht ze ginn, dass mer do erëm eng positiv Nott erabréngen.

An deem Sënn hu mer der Madamm deen Espace zur Verfügung gestallt. De Kontrakt fänkt den 1. November 2022 un a leeft op ee Joer, wéi all aner Kontrakter. De Loyer annuel hors TVA ass 6.464,28 Euro, de mensuel hors TVA 538,49 Euro. Et si 46,23 m2. Mir hunn dat op 400 Euro erof arrondéiert. Mir wënschen der Madamm vun hei aus vill Gléck, vill Clienten, vill Clienten, déi Déifferdeng kenneléieren a vläicht och erëmkommen.

Et gëtt keng Wuertmeldung, da komme mer direkt zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial avec madame Natalia Maria Havasreti à la maison Émile-Mark, avenue de la Liberté n° 7 à Differdange.*

Merci, Dir Dammen an Dir Hären, de 7d, en zweeten Avenant, e Contrat de bail aus dem 1535° am Bâtiment C. Ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, wéi ech a menge Kommunikatioune gesot hunn, wéi eng flott Story de 1535° wierklech ass. Hei ass elo en zweeten Avenant fir Neopixl am Rez-de-chaussée am Beräich Coworking am Bâtiment A. Si si schonn do. Si hunn hir Aktivitéiten erweidert, dofir brauchen si méi Plaz. Vu dass d'Madamm Carole Wilmet gekënnegt huet a fortgaangen ass, hu mir dovunner profitéiert, hiren Espace vun 42 m2 dann ab den 1. Oktober 2022 Neopixl zur Verfügung ze stellen.

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le deuxième avenant à un contrat de bail avec* Neopixl *d'un espace au bâtiment C du 1535° Creative Hub.*

De Punkt 8 ass d'Validatioun vum Text coordonné vun der Convention collective, déi mer Iech d'leschte Kéier hei virgestallt haten. D'Gewerkschaften, wou mer gesot hunn, si hu gutt verhandelt am Sënn vun den Aarbechter vum Südgemenge-Kollektivvertrag. Dat hei ass den Text coordonné, dat heescht déi Resultater aus deem Protokoll, déi jo eng Rei Changementer mat sech bruecht hunn, sinn heimat festgeschriwwen.

An deem Sënn ass et éischter eng Formalitéit, déi mer hei virhuelen, wéi e Punkt fir driwwer ze debattéieren.

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le texte coordonné de la Convention collective de travail pour les salariés des communes du Sud du 1er janvier 2022 au 31 décembre 2024.*

Am Punkt 9a geet et ëm eist Bautereglement. An eisem Bautereglement huele mer op Avis vum Ministère eng Ännerung vir. Am Sënn vun der Liewensqualitéit hate mir als Gemeng fir Logements étudiants, Chambres meublées a Chambres non meublées 15 m2 festgehalen, fir esou eppes ze deklaréieren. Aktuell sinn awer elo vum Ministère am Gesetz virgesinn 9 m2. A mir hunn eis deenen 9 m2 schwéieren Häerzens ugeschloss.

Wéi Der gesitt, steet an eisem Bautereglement: „comme défini selon la loi en vigueur relative aux critères de salubrité, d'hygiène, de sécurité et d'habitabilité des logements et des chambres donnés en location ou mis à disposition à des fins d'habitation". Mir hu bewosst keng fest Zuel méi drageschriwwen, well wann de Ministère et erëm ännert, musse mir jo och erëm alles änneren.

Et war en Hin an Hier, et ass vill driwwer diskutéiert ginn, mee mir fügen eis deenen 9 m2 dann elo a ginn dat dann hei zur Ofstëmmung. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Madamm Buergermeeschter, Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer uganks direkt eng Kritik. Et hätt der Saach gedéngt, wa mer am Dossier, sief et a Printform oder op Diffcloud, nieft deem amendéierten Text vum Bautereglement och deen am Gemengerot den 22.6.2022 gestëmmten Text an den Text vum Gesetz en vigueur betreffend d'Critères de salubrité, d'hygiène et de sécurité et d'habitabilité vu Logement a Chambres meublées gehat hätten. Mir hunn dat da selwer nogesicht. Mir hunn et och fonnt. Mee ech mengen, do gëtt et awer nach Verbesserungsbedarf, fir d'Dossieren ze presentéieren.

Wann een elo d'Texter niewentenee leet, da gesäit een, wéi Der och gesot hutt, dass mer eng Differenz hunn tëschent deene 15 m2, déi mir hei festgeluecht haten an den am Gesetz virgeschriwwene minimalen 9 m2. Dir sot elo: „schwéieren Häerzens". Mir soen: eng Katastroph. Also eiser Meenung no, hätt do missen d'Gesetz geännert ginn an net, dass mir zréckginn. Ech mengen, d'Liewensqualitéit, op 9 m2 an enger Chambre meublée sëtzen, déi ganzen Zäit – dat kënne mir als Partei kengem Mënsch zoumudden.

Dat selwecht gëllt natierlech fir d'Studenten, 9 m2. Mir wësse jo, wou dat higeet, wann dat méiglech ass. Da baut kee méi, wéi e muss bauen. An et gëtt op e minimum gebaut. Mee d'Tariffer, déi ginn awer anescht gefrot. An dann hu mer näischt erreecht.

An och – Dir hutt den Avis vläicht gesi vun der Bautekommissioun – d'Bautekommissioun ass och absolutt net zefridden, dass mer elo do ännere ginn. An ech wollt just froen, eise Jurist, dee war jo anerer Meenung. Deen hat jo gemengt, mir gi jo hei iwwert déi minimal festgesaten Zuel eraus, dat ass jo am positive Sënn, op d'mannst fir deen, deen do wunnt. An da kéint een dat och esou goe loossen, firwat ass dat elo net méi de Fall. Dat ass nach eng Fro, déi ech hätt.

Mir hunn eis dat iwwerluecht. An deem éischten Text hate mer scho gesot, fir bestoend Wunnenge kann dat esou bleiwen. Do ralliéiere mer eis un den Text vum Gesetz. Dat war jo schonn an eisem Text dran, ass och elo nach dran. Elo ass et allgemeng. Mee virdrun hate mer schonn drastoen, dass bestoend Wunnenge kéinten esou weidergefouert ginn, dass déi net missten ëmgeännert ginn.

Soudass dat hei jo en zukunftsorientéierten Text ass fir Neibauten. An desto méi ass et wichteg, dass e méi grouss ass. Als LSAP stëmme mir dat net mat, mir bleiwe bei eisem Text, am Interêt, wéi gesot, vun deene Leit, déi spéider an esou enger Wunneng vun 9 m2 sech mussen dann dee ganzen Dag ophalen. Wat mir absolutt net als Liewensqualitéit ugesinn. Ech soen Iech Merci.

*pendent. Il est souhaitable de rédiger le document de manière plus accessible pour que même les personnes ordinaires qui ne sont pas habituées à de telles lectures puissent le comprendre sans devoir le relire plusieurs fois.*
*Le parti LSAP soutient néanmoins ce document.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond à Pierre Hobscheit en comprenant ses préoccupations concernant la difficulté de compréhension du document.*
*Elle aborde ensuite le point 7c) qui concerne un contrat de bail pour un local commercial situé au numéro 7 de l'avenue de la Liberté dans la zone piétonne. Madame Natalia Maria Havasréti, une artiste maquilleuse connue pour ses séances photo, loue un espace de 46,23 m² au rez-de-chaussée. Il est considéré que c'est une personne appropriée pour attirer du monde dans la zone piétonne. C'est un vrai défi pour la revitalisation de cette zone, car elle est actuellement en déclin. C'est surtout les nouveaux centres commerciaux qui entrainent l'abandon du centre-ville.*
*Elle assure que le collège échevinal consacre beaucoup de réflexion, de temps, de projets et d'efforts à ces questions. Dans ce contexte, l'espace a été mis à la disposition de Madame Havasréti. Le contrat de location commence le 1er novembre 2022 et dure un an, comme tous les autres contrats. Le loyer annuel hors TVA est de 6 464,28 €, soit 538,49 € par mois hors TVA. La superficie est de 46,23 m². Ils souhaitent à Madame Havasréti beaucoup de succès, de clients et d'opportunités pour faire connaitre Differdange et pour que les gens reviennent.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch aborde le point 7d) qui concerne un deuxième avenant au contrat de bail du 1535° dans le bâtiment C. Elle mentionne que le 1535° est une histoire vraiment intéressante, comme elle l'a communiqué auparavant. Il s'agit maintenant d'un deuxième avenant pour Neopixel au rez-de-chaussée, dans la zone de coworking du bâtiment A. Neo-*

*pixel a étendu ses activités et a besoin de plus d'espace. Profitant du départ de madame Carole Wilmet, ils ont décidé de mettre à la disposition de Neopixel son espace de 42 m² à partir du 1er octobre 2022.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 8) concernant la validation du texte coordonné de la convention collective qui a été présentée précédemment aux syndicats et qui a été négocié de manière satisfaisante dans l'intérêt des travailleurs des Communes du Sud. Il s'agit essentiellement d'une formalité pour officialiser les résultats de ces négociations dans le texte coordonné, qui inclut les différents changements qui ont été apportés.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch aborde le point 9a) qui concerne une modification du Règlement des bâtisses. Elle explique qu'initialement, la commune avait prévu des logements étudiants, des chambres meublées et des chambres non meublées de 15 m², en accord avec la qualité de vie. Cependant, le ministère a prévu dans la loi une taille minimale de neuf mètres carrés, ce qui a été accepté à contrecœur. Elle propose donc de soumettre cette modification à un vote.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *critique cette proposition en indiquant qu'il aurait été préférable d'inclure dans le dossier le texte modifié du Règlement des bâtisses ainsi que le texte de loi en vigueur concernant les critères de salubrité, d'hygiène, de sécurité et d'habitabilité des logements et des chambres meublées, qui avait été approuvé lors de la réunion du conseil communal le 22 juin 2022. Il estime qu'il y a encore des améliorations à apporter dans la présentation des dossiers. Il souligne également la différence entre les 15 m² initialement prévus et les 9 m² minimum requis par la loi, et affirme que la qualité de vie dans une chambre meublée de 9 m² est catastrophique. Il estime que la loi aurait dû être modifiée plutôt que de revenir en arrière.*
*Il souligne également le mécontentement de la Commission des bâtisses concernant cette modification. Il demande des éclaircisse-*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Dir hutt gesinn, wien eis de Règlement des bâtisses geschéckt huet, de Ministère de l'Intérieur. Mir sinn och net frou driwwer.

Fir op Är Fro ze äntweren: Mengen Informatiounen no – ech froen dat awer ganz gär nach no, wat do mam Jurist war –swar seng zweet Äntwert awer anscheinend net méi sou eendeiteg. Mee mir kënnen dat gären nofroen. Oder frot Dir dat selwer no. Mir sinn ageknéckt, mir hunn noginn. Ech hunn et gesot, schwéieren Häerzens. Well wa mer et net maachen, mer och extreem laang blockéieren. Wat awer wichteg ass. Dat Bautereglement ass jo méi eng liicht Prozedur, dass mer dat awer kéinten upassen. Mee soss deelen ech Är Meenung, Här Muller.

Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci fir d'Wuert. Ech ginn net méi op déi Diskussioun iwwert d'Liewensqualitéit an, déi hate mer am Juni, an do ware mer net ganz enger Meenung. Dat ass jo bekannt. Mee wat ech hei, ech soen elo geckeg fanne bei dësem Punkt, dass mer am Juni en Avis virleien hate vum Interieur, wou kloer drastoung, dass dat, wat mer stëmme géifen am Bautereglement géint d'Gesetz verstousse géif.

An elo kréie mer dat no e puer Méint zréck, wou drasteet: Dat verstéisst géint d'Gesetz, dat kënnt Der esou net unhuelen. An elo maache mer Marche arrière. Do froen ech mech: Wéisou hu mer en externe Jurist? Wéisou ass dat esou wäit komm, dass mer hei e Bautereglement gestëmmt hunn, wou einfach contraire à la loi ass?

Egal, ob dat elo richteg oder falsch ass oder wat mir dovunner halen, et stoung schwaarz op wäiss am Avis, dee mer am Juni virleien haten am Gemengerot, dass dat, wat mir stëmme géifen, genau déi Artikelen 29 an 30, dass dat contraire à la loi wär. Dat ass fir mech Zäit a Geldverschwendung.

A wat nach ass, dat mat der Mindestfläch ass jo behuewen, andeems mer eis op d'Gesetz bezéie vun 2019. Et ass awer e Punkt, deen ass net geännert an dat stoung och am Avis, dee mer am Juni virleien haten, mat ee Buedzëmmer pro Unitéit, pro Zëmmer. Dat ass dra stoe bliwwen. An am Règlement grand-ducal, wat un deem Gesetz drunhänkt vun 2019 iwwer Hygiène, Salubritéit steet, dass een ee Buedzëmmer brauch par tranche vu sechs Unitéiten, vu sechs Zëmmeren.

Ech wëll elo net, dass mer dat duerchsetzen, mee ech fäerten, dass mer dat hei nach eng Kéier verworf kréie wéinst deem enge Buedzëmmer pro Wunneng. Elo ee Buedzëmmer zu sechs deelen, dat sinn natierlech vill ze vill Leit fir ee Buedzëmmer. Dat gëtt natierlech och Drock. Mee ech fäerten, ech bleiwe bei deem Juristeschen, dass mer dat do nach eng Kéier verworf kréie wéinst där Saach mam Buedzëmmer. Well am Gesetz respektiv am Règlement grand-ducal eppes anescht steet.

Esou oder esou kann ech dat hei net matdroen, aus anere Punkten a Grënn, déi mer schonn am Juni beschwat hunn, déi am Bautereglement stinn an op déi ech elo hei net méi aginn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Erlaabt mer, Iech direkt ze äntweren. Ech soen Iech: Mir ginn dee Risiko an. Mir sinn eis däers ganz bewosst. Mee ech soe just: Eent vun de räichste Länner, wann net dat räichste Land vun der Welt, wëll ee Buedzëmmer fir sechs Leit – wou si mir? Wou si mir?

An dofir bleiwe mir elo bei eiser Positioun: par tranche entamée de trois logements une cuisine/salle à manger de 10 m2 et 4 m2 salle de bain par chambre. Mir ginn de Risiko an. Dem Schäfferot ass dat derwäert. Mir sinn op engem Punkt ageknéckt, well mer och d'Evolutioun vun der Stad matgeholl hunn. An da gi mer elo de Risiko an da kréie mer et eeben nach eng Kéier zréck. Mee ech froe mech: Wou si mir? Méi wëll ech dozou net soen. Entschëllegt, Här Weirich.

Den Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif alleguer, och mir sinn net grad amused. Mir kënnen eis just wonneren. Soss huet et ëmmer geheescht, déi national Virgab wär eng minimal Virgab an all Gemeng kéint dat besser reegelen. Dat hu mer dann och esou gemaach. D'Fro muss jo awer erlaabt sinn: Wéi eng Verantwortung hu mer als Gemeng wa mer Wunnraum schafen? Déi Fro hate mer och scho virdru bei engem anere Punkt. An do solle mer kucken, datt dat, wat als Wunnraum ausgewise gëtt, datt dat eng gewësse Liewensqualitéit sécherstellt.

Et muss ee jo och kucken, wat virdrun d'Situatioun war. Do goufen Haiser an zeg Chambres meublées ëmfunktionéiert, fir de maximale Benefice ze erzilen. An där Demandë gouf et der jo e puer pro Woch. Bis mer dunn de PAP, PAG respektiv d'Bautereglement modifizéiert hunn.

9 m2 – ech mengen, do si mer eis alleguerten heibanne warscheinlech eens, datt dat vill ze kleng ass. Ech hat mech e bëssen ëmfrot, effektiv hat den Inneministère sech haaptsächlech op déi 15 m2 ageschoss gehat, wat se net fir gutt empfonnt hunn.

Wat d'Buedzëmmer an d'Kichen, d'Liewensraim ronderëm ugeet, hate se net esou vill gemeckert, fir et esou ze soen. Soudatt dat dann och elo soll onbedéngt dra stoe bleiwen. Ech ginn der Madamm Buergermeeschtesch vollkomme Recht, datt mer dee Risiko sollen agoen. Well d'Fro ass wierklech: Wéi wëlle mer, datt d'Leit hei solle liewen?

An dann hu mer jo nach eng aner Restriktioun, déi mer am PAG virgesinn hunn. Et war jo u sech ëmmer d'Zil, fir dat iergendeng Kéier kënnen erauszehuelen, wann een d'Chambres meublées uerdentlech gereegelt huet. Mee dat schéngt jo dann net de Fall ze sinn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Mir ralliéieren eis un dat, wat hei gesot ginn ass. Dat, wat mer elo hei decidéieren amuset eis alleguerten net, well mer der Meenung sinn, dass dat net richteg ass. Firwat hu mer et gemaach am Juli? Den Här Weirich huet déi Fro opgeworf. Dat war jo genau, fir en Zeechen ze setzen an engem Ministère vläicht eng Kéier ze soen, dass eng Gemeng wéi Déifferdeng eeben net averstanen ass mat deem, wat am Gesetz steet. A vläicht do en Input, en Trigger ze ginn, dass sech vläicht am Ministère Gedanke gemaach gi wären, dat Gesetz nei ze iwwerleeën, iwwert de Leescht ze huelen an ze änneren. Dat schéngt leider net de Fall ze sinn. Eisen Impuls ass net an der Stad ukomm um Inneministère. Vläicht musse mer nach eng Kéier mat Drock nohaken.

Et wär eng interessant Diskussioun am Syvicol. Et betrëfft net nëmmen Déifferdeng eleng. All gréisser Gemenge si mat deem doten Theema confrontéiert. Et wär schonn interessant, och am Kader vum Syvicol dat eng Kéier ze thematiséieren an iwwert de Syvicol mam zoustännege Ministère iwwert déi heite Saach ze schwätzen.

Ech ginn Iech Recht mam Buedzëmmer. Dat ass natierlech erëm e Punkt, wou mer eis vag op engem Terrain begéinen. Effektiv, wéi d'Madamm Buergermeeschtesch gesot huet, et ass kengem dobaussen ze erklären, dass dat Gesetz, esou wéi et do steet, nach iergendwou Sënn mécht. Dat ass wierklech kengem méi ze erklären. Dofir fanne mer och, dass mer dat solle maachen.

Mir wëssen natierlech, dass mer eventuell Gefor lafen, dass eist Reglement erëm blockéiert gëtt. An dat ass och kontraproduktiv fir de Logement, wa mer e Reglement hunn, wat mer net kënnen applizéieren, wat am Tirang läit, wat mer net däerfen uwenden, well et nach net approuvéiert ass. Da komme mer och net virun am Logement, well mer soen, mir maachen hei e Krich, deen zwar berechtegt ass, an op där anerer Säit komme mer awer och net vum Fleck, well mer eis dogéint wieren. Dat ass natierlech eng blöd Situatioun.

Mee ech mengen, mir sollten awer nach net opginn. Mir hu jo nach e puer Hiements à leur juriste qui était d'un avis différent et suggère de laisser les limites déjà établies pour le bien-être des personnes résidant dans ces logements. Il conclut en indiquant que le parti LSAP ne soutient pas cette proposition et reste attaché à leur texte initial, qui tient compte des intérêts des personnes qui devront vivre dans des espaces de neuf mètres carrés toute la journée, ce qui ne correspond pas à une bonne qualité de vie.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *indique qu'elle n'est pas non plus satisfaite de la situation. Elle précise qu'elle va vérifier auprès du juriste pour avoir plus d'informations et clarifier la situation.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *intervient en exprimant son insatisfaction concernant la discussion sur la qualité de vie qui a déjà eu lieu en juin. Cependant, il souligne que lors de la réunion du conseil communal en juin, un avis avait été présenté, soulignant clairement que ce que le conseil a voté dans le Règlement des bâtisses va à l'encontre de la loi et maintenant il faut revenir en arrière. Il se demande pourquoi un juriste externe a été engagé. Il critique le fait que cela ait entrainé une perte de temps et d'argent. Selon lui, le plan doit être réexaminé pour éviter une nouvelle opposition en raison de la limitation d'une salle de bain par unité, alors que le Règlement grand-ducal prévoit une salle de bain par tranche de six unités.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond à monsieur Weirich en affirmant qu'elle est consciente des risques et des enjeux. Elle souligne qu'il est inconcevable, dans l'un des pays les plus riches, de proposer une salle de bain pour six personnes. Elle rappelle que la position de la commune est d'offrir des logements avec une cuisine, une salle à manger de dix mètres carrés par tranche de trois et une salle de bain de quatre mètres carrés par chambre. Elle réaffirme sa volonté de prendre des risques pour le bien-être des résidents et conclut en affirmant que la commune assumera les conséquences de ses décisions.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *exprime également son mécontentement. Il fait remarquer que la Directive nationale a toujours indiqué qu'il s'agissait d'une exigence minimale et que chaque commune pouvait mieux la règlementer. Il souligne l'importance de la responsabilité des communes dans la création de logements et pose la question de la qualité de vie associée à ces logements.*
*Il estime que 9 m² sont trop petits en mentionnant également que le ministère de l'Intérieur s'est principalement concentré sur les 15 m², mais n'a pas fait beaucoup de remarques sur les salles de bains et les cuisines, suggérant qu'ils devraient rester tels quels dans le document. Il est d'accord avec la bourgmestre sur le fait qu'il faut prendre ce risque.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *exprime lui aussi son désaccord avec la décision. En juillet, il a été important de marquer une position et d'envoyer un message au ministère pour leur faire comprendre que la commune de Differdange n'est pas d'accord avec ce qui est stipulé dans la loi. Cela aurait pu être un signal pour que le ministère réfléchisse à une révision et à une modification de la loi, mais malheureusement cela ne semble pas être le cas. Il estime qu'il faut peut-être insister davantage. Il souligne que cette question est d'intérêt pour toutes les communes, pas seulement Differdange, et suggère d'aborder cette discussion au niveau communal et de discuter avec le ministère compétent sur ce sujet. Il est d'accord avec la bourgmestre et reconnait les risques que cela pourrait entrainer, mais souligne qu'il est contreproductif d'avoir une règlementation qui ne peut pas être appliquée en matière de logement. Il appelle à la persévérance et propose d'écrire une lettre à travers le Syvicol afin de le remettre à l'ordre du jour du ministère et de continuer à lutter pour une meilleure règlementation. En attendant, il pense qu'il est important de voter sur la question actuelle pour obtenir au moins cela. Il mentionne également que les salles de bains n'ont pas été critiquées, mais il* welen, mir hunn alleguerten eis Parteien an der Stad sëtzen, an der Oppositioun wéi an der Majoritéit. Déi sollten hir Roll spillen an dat doten eng Kéier opwerfen. Mir sollten iwwert de Syvicol e Bréif schreiwen, dass déi dat eng Kéier op den Ordre du jour huelen an nach probéieren do weiderzekommen.

En attendant sinn ech och der Meenung, mir sollen dat hei elo stëmmen, dass mer zumindest dat hei kréien. Well dat mat de Buedzëmmeren hu se jo net kritiséiert. Dat heescht, an deem Sënn kann ee soen, dat hu se eis jo mol net verworf. Vläicht kënnt dat nach no. Ech weess et net.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 5 voix non d'approuver les amendements au nouveau Règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites.*

Villmools merci. Punkt 9b, Règlments temporaires de circulation. Dofir ginn ech d'Wuert un den Här De Sousa.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dës Kéier sinn et manner wéi déi leschte Kéier, 16 Reglementer hunn ech gezielt. Déi leschte Kéier waren et der dräimol méi. Wéi ëmmer sinn déi üblech Verdächteg drop: Emplacement vun enger Benne, eng Stee an esou weider. 14 vun deene 16 Reglementer si kleng Aarbechte vu kuerzer Dauer.

Déi aner zwee, dat wier als Éischt an der Rue Asca Rampini, do hu mer eng PMR-Parkplaz virgesinn direkt beim Tuerm. Et kënnt an dat neit Verkéiersreglement offiziell, elo ass d'Reglement bis den 31. Dezember.

An der Rue Michel Rasquin, dee klenge Schoulwee, deen hate mer och schonn am leschte Gemengerot. Wéinst den Aarbechten un dem Parking, dee mer amgaange sinn ze bauen, ass déi Strooss zou. Awer et gëtt en Accès iwwert deen neie Wee laanscht Servior, wou een ënne beim Parking Neiwiss erauskënnt. Wou och eng ganz flott Bréck amenagéiert ginn ass. Dat heescht, do hu mer nach ëmmer e séchere Schoulwee.

Dat anert ass, wéi gesot, ëmmer dat selwecht: Emplacementer, déi reservéiert ginn, fir eng Stee, fir Bennen, fir Big Bags. Dat ass alles, wat ech zu de Reglementer, déi am Dossier stinn, ze soen hunn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. D'Zuel vun den Drénglechkeetsreglementer ass effektiv zréckgaangen. Wat d'Leit dobaussen och freet. Manner Chantieren, manner Stau, méi Iwwersiicht am Verkéier. Ech mengen, dorop waart jiddwereen.

Ech muss e Luef ausspriechen. Déi Reglementer entspriechen dem Code de la route. Wat e Beweis ass, dass dee Mann an der Administratioun, dee sech ëm d'Reglementer këmmert, de Code de la route gutt kennt an dat dann och ëmsetzt. Wat eng positiv Saach ass.

Wat ech awer leider bemängele muss: d'Effektivitéit um Terrain feelt. Ech erkläre mech. En Dënschdeg, den 11.10. um zwou Auer, et ass mir selwer geschitt, ech komme vum Terrain, ech fueren no lénks an d'Parc des Sports. Erstaunlecherweis koum mer e Camion entgéint. D'Strooss war zwee Meter méi schmuel gemaach ginn, de Camion ass mer entgéintkomm. Ech hu mussen op den Trottoir auswäichen. Gottseidank war kee Foussgänger do. Do hunn ech geduecht: Merde, du hues de Sens unique net gesinn. Ech fuere ronderëm bei d'Kierch, ech maachen de Circuit nach eng Kéier. Ech hu festgestallt, dass kee Panno, keng Luucht, -näischt do war. Dat heescht, do war

vum Entrepreneur vergiess ginn, dat anstänneg ze beschëlderen.

Hunn ech geduecht, da riffs de op d'Gemeng un, de Service de la circulation ugeruff, hunn deenen dat erkläert. An do hunn déi mer als Äntwert ginn, si hätten dem Entrepreneur Bescheed gesot, an dee géif dat dee selwechten Dag nach reegelen. Voller Courage sinn ech dee selwechten Dag déi Streck nach eng Kéier gefuer, hunn nach eng Kéier musse feststellen, dass den Entrepreneur warscheinlech a Congé war, ech zwar net méi op den Trottoir gedréckt gi sinn, mee sech un der Situatioun näischt geännert hat.

(Gelaachs)

Mir laachen driwwer, mee et war op eemol net méi fir ze laachen. Well en Dënschdeg, Mëttwoch, Donneschdeg, Freideg ass déi Situatioun leider onchangéiert bliwwen. Dat heescht, mir hu Leit, déi d'Kanner an d'Sportshal bréngen – richteg, déi Leit parken net ëmmer richteg, mee dat ass awer keng Ursaach, dass den Entrepreneur seng Chantieren net ofséchert.

Mir mussen eis eent bewosst sinn: Wann e Chantier eng Gefor duerstellt, sief dat um Chantier selwer oder wann e Chantier duerch eng Deviatioun oder duerch eng schlecht Beschëlderung eng Gefor duerstellt fir d'Aarbechter vum Chantier respektiv fir déi Leit, déi erlaanscht fueren oder de Foussgänger, da si mir als Gemeng gefuerdert, fir dee Chantier zouzemaachen. Ob dat e Chantier ass vun der Gemeng – Ursaach méi, fir en dann direkt zouzemaachen – oder ob dat e Chantier ass vun engem Privaten, deen deen entaméiert huet.

Mir sinn do an der Responsabilitéit. Dat heescht, mir mussen de Chantier zoumaachen, well et eng Gefor duerstellt fir d'Leit, fir den Aarbechter, deen do schafft a fir den Utilisateur vun der Voie publique. Dofir muss de Chantier zougemaach ginn.

Ee Chantier, deen esou zougemaach gëtt, an eiser Situatioun hei vun der Madamm Buergermeeschtesch, dee kann nëmmen duerch e Jugement vum Tribunal erëm opgemaach ginn. A gleeft mer eent: Wann en Entrepreneur oder eng Entreprise bis eng Kéier e Chantier esou zougemaach krut, deen iwwerleet sech et ganz gutt, well dat ass net an zwee, dräi Deeg op.

Weider muss ech da feststellen, dass den Entrepreneur freides mëttes um véier Auer, wéi bal jiddwereen heemgaangen ass, dann zur gudder Léisung komm ass, fir rout Luuchten opzestellen. Wat menger Meenung einfach net tolerabel ass. A wou mir als Gemeng vill méi fréi hätte reagéiere missen, fir net Mann, Maus a Kanner an alles do a Gefor ze bréngen an där Strooss, déi schonn net einfach ass, mee awer muss all Ënnerstëtzung fanne vum Bauhär, fir dat ofzesécheren. Ech soen Iech Merci.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Här De Sousa, wannechgelift.

### PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Den Här Altmeisch hat mer dat schonn eng Kéier rapportéiert. Ech hunn et och erlieft. Dir hutt gesot, datt Der deemools dënschdes laanschtgefuer wäert. De Service hat dem Entrepreneur ugeruff. Ech si selwer eng Kéier stoe bliwwen. Dir hutt vollkomme Recht.

Freides hu mir dunn d'Decisioun geholl – Luuchte war keng gutt Iddi –, fir déi Woch eng Deviatioun ze maachen. Dat heescht, wa se den Aquasud erofgefuer sinn, hu se mussen no riets fueren. Dat huet e bëssen erliichtert.

Haut de Moien, ech mengen, et huet ee mech gesinn, war ech dohinner, an da kréien ech als Äntwert: D'Luuchten hu keng Batterie.

Et war just ee Camion, deen do stoung, deen ass no enger Véirelstonn erëm fortgefuer.

Villmools merci.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Altmeisch, wannechgelift.

*craint que cela puisse être abordé ultérieurement.*
*(Vote)*
*Paulo De Sousa (déi gréng) continue avec le point 9 b) concernant les règlements temporaires de circulation. Il indique qu'il y a moins de règlements cette fois-ci par rapport à la dernière fois, où il y en avait trois fois plus. Les règlements habituels concernent les emplacements de bennes, les échafaudages, etc. Parmi les 16 règlements, 14 sont de courte durée et liés à de petits travaux. Les deux autres concernent la rue Asca Rampini, où une place de stationnement PMR a été prévue près de la tour, et la rue Michel Rasquin, où la route est fermée en raison de travaux de parking, mais un accès alternatif est prévu par le nouveau chemin le long du Servior, avec un pont sécurisé pour assurer le passage sûr des piétons.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *souligne que le nombre de règlements d'urgence a diminué, ce qui est apprécié par les gens. Il note que ces règlements sont conformes au Code de la route, ce qui témoigne de la connaissance et de l'application correcte du Code par les personnes responsables des règlements. Cependant, il mentionne un incident où la signalisation d'un chantier était absente et le chemin était dangereusement étroit. Il critique le manque d'efficacité sur le terrain, soulignant qu'il a signalé l'absence de signalisation au service de la circulation de la commune, qui a promis de régler la situation rapidement, mais le problème persistait encore plusieurs jours après.*
*Il souligne que la sécurité doit être assurée sur les chantiers et que la responsabilité en incombe à la commune, que le chantier soit public ou privé. Il estime que la commune doit agir rapidement pour assurer la sécurité des citoyens et des travailleurs sur les chantiers et critique le manque de réactivité dans ce cas particulier.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *confirme avoir également vécu cette expérience où la commune a été informée d'un problème de signalisation, mais aucune action n'a été prise rapidement.*

*Il explique qu'une décision a été prise vendredi dernier pour utiliser des déviations plutôt que des feux de signalisation, ce qui a facilité la circulation pendant cette période. Il plaisante en mentionnant qu'il était là-bas ce matin et a constaté que les feux de signalisation n'avaient pas de batterie, suscitant un rire général.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *estime que la commune doit prendre des mesures contre cet entrepreneur.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *reconnait le point soulevé par Guy Altmeisch et assure que des mesures seront prises par les services communaux en coordination avec les propriétaires des chantiers. Le conseil fait une pause de dix minutes*
*(Pause)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 10 de l'ordre du jour, qui concerne les changements dans les différentes commissions.*
*Dans l'équipe climatique, trois membres sont proposés pour être confirmés par le conseil communal: Paul Biver du CID, Sylvain Beideler en tant que citoyen et Philippe Spautz du CSV. Paul Biver remplace John Scheuren.*
*Philippe Spautz représente le CSV qui n'avait pas encore de représentant dans l'équipe climatique. Carine Nardecchia est remplacée par Laura Theisen dans la Commission scolaire. Christian Koos est remplacé par Robert Tiberi dans la commission des sports, et René Macri est remplacé par Michel Alves Ribeiro dans la même Commission. Enfin, Jeronimo Azevedo est remplacé par René Macri dans la Commission d'intégration. La motion sera abordée à la fin de la séance publique.*
*Le mot est donné à Laura Pregno.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique que les députés des déi gréng et du CSV ont présenté une motion de soutien au mouvement de liberté de la population iranienne. Des manifestations ont éclaté dans plus de 190 villes en Iran, où les femmes sont en première ligne, brulant leurs foulards et se coupant les cheveux pour revendiquer leurs droits*

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech muss dorop awer äntweren. Wa mer elo batterieofhängeg sinn a Relatioun mat der Sécherheet vun de Leit an de Foussgänger, da si mer zwar schlecht beroden. Mee mir mussen als Gemeng awer iergendeppes géint deen Entrepreneur ënnerhuelen. Wa mir feststellen, en huet keng Batterie, kann e maachen, wat e wëll. Da brauche mer kee Gesetz, da brauche mer keng Drénglechkeetsreglementer. Da si mer wéi an anere Kontinenter, ech wëll se net mam Numm nennen, mee et muss ee sech jo awer e bëssen un d'Reegele vum Spill halen. Zemools wa mir Bauhär sinn. Ma da géif ech mer zwar iwwerleeën, da géif ech awer emol e seriöt Wuert schwätze mat deemjéinegen, deen do säi Geld verdéngt. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Ech ginn Iech absolutt Recht. Mir wäerten dat weider un eis Servicer ginn, dass déi intervenéieren am Sënn vun der Gemeng, am Sënn vum Bauhär. Villmools merci, Här Altmeisch.

Elo komme mer awer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Wann Der mat mer averstane sidd, maache mer elo zéng Minutte Paus. Merci.

(Paus)

No eiser Paus si mer beim Punkt 10, Changementer an deene verschiddene Kommissiounen.

Ee Changement hu mer am Klimateam. Dat kritt dräi nei Memberen, déi de Gemengerot hei soll bestätegen. Dat ass de Pol Biver aus eisem CID, den Här Sylvain Beideler, deen als Bierger dobäikënnt, an den Här Philippe Spautz vun der CSV. Den Här Pol Biver remplacéiert den Här John Scheuren. Den Här Philippe Spautz aus der CSV kënnt, well d'CSV nach kee Representant am Klimateam hat. Den Här Sylvain Beideler ersetzt e Bierger, deen nach zum Fernand Jung senger Zäit, wéi deen nach dra war, deemools scho geplënnert war.

D'Madamm Carine Nardecchia gëtt duerch d'Madamm Laura Theisen an der Schoulkommissioun ersat. An der Sportskommissioun gëtt den Här Christian Coos duerch den Här Robert Tiberi ersat. Den Här René Macri gëtt duerch den Här Michel Alves Ribeiro an der Sportskommissioun ersat. An an der Integratiounskommissioun gëtt den Här Jeronimo Azevedo duerch den Här René Macri ersat.

Dat sinn d'Changementer aus deene verschiddene Kommissiounen.

Mir stëmmen net driwwer of. Et ass eng Informatioun, déi d'Parteie virhuelen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.*

Da géife mer zu der Motioun kommen, wéi ech am Ufank vum Conseil gesot hunn, dass mer déi um Schluss vun der Séance publique huelen. Ech ginn der Madamm Laura Pregno d'Wuert.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Léif alleguerten, déi Gréng, zesumme mat der CSV, hunn dës Motioun eragereecht, fir déi iranesch Populatioun an hirem Mouvement vun der Fräiheet ze ënnerstëtzen. Ech liesen Iech den Text vir, deen Der alleguerten ausgedeelt krut – leider e bësse spéit. Ech hoffen awer, dass Dir Zäit hat, en ze liesen. Wann net, da bieden ech Iech nozelauschteren, da kritt Der jo all déi néideg Informatiounen an dësem Moment.

Motion visant à soutenir la population iranienne dans leur mouvement de libération
« Mahsa Amini, ton nom a fait trembler la tyrannie des ayatollahs », pou-

vait-on entendre ces derniers jours dans les cortèges de manifestants à Paris, Toronto, Los Angeles ou encore à Berlin et au Luxembourg. La jeune femme kurde âgée de 22 ans s'est fait arrêter par la police des mœurs iranienne avec le motif « port de vêtements inappropriés ». Elle décéda 3 jours plus tard à l'hôpital.

Depuis des manifestations se propagent dans plus de 190 villes dans 31 provinces et 48 universités iraniennes. Les images les plus virales sur les réseaux sociaux sont celles où l'on voit des Iraniennes brûler leur foulard ou se couper les cheveux. Le mot d'ordre de ce mouvement, durement réprimé par le régime du président Ebrahim Raïssi est: « Femme, vie, liberté ! »

Si ce sont les femmes qui sont en première ligne dans la rue, c'est en fait toute la société civile iranienne, exaspérée par les politiques menées par le régime depuis des années, qui se révolte. Discriminations sexistes, non-respect des droits humains, fraudes électorales, crises écologique et économique, étouffement de toute forme de contestation …

Les chiffres sur les arrestations et les morts suite aux manifestants ne sont pas clairs. Le régime iranien limite voire bloque l'accès aux réseaux sociaux et à l'internet en général afin de limiter la propagation des atrocités et des crimes envers la population iranienne.

L'incendie déclarée samedi, le 15 octobre dans la prison d'Evin, complexe pénitentiaire ultra-sécurisé, connue pour les mauvais traitements des prisonniers politiques, accroît la peur des exécutions arbitraires des opposants politiques et des manifestants arrêtés.
Considérant tous ces points et en se ralliant aussi bien à la communauté iranienne présente au Luxembourg et dans la commune de Differdange qu'à la population iranienne en Iran nous demandons à Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères luxembourgeois, ainsi qu'à tous les ministres des affaires étrangères des pays de l'Union européenne :

- d'aider la population iranienne pour avoir un accès libre vers l'internet afin d'assurer une libre circulation des informations.
- de venir en aide aux manifestants iraniens et à soutenir tous les mouvements de libération de la population iranienne.
d'alléger les conditions d'entrée pour les citoyens iraniens ainsi que de faciliter l'accès aux titres de séjour. La violence et la persécution liées au genre en Iran doivent également être prises en compte de toute urgence dans les procédures d'asile.
- de condamner la tuerie et les arrestations des manifestants iraniens. Les responsables politiques iraniens doivent être sanctionnés et faire face à la justice. Ainsi le Luxembourg doit immédiatement exiger la documentation des violations des droits de l'homme et des droits de la femme par l'Organisation des Nations Unies, les mandataires et d'autres organisations internationales indépendantes et participer à la mise en œuvre de cette documentation, afin qu'une condamnation juridique ultérieure soit possible et que les violations des droits de la femme et des droits de l'homme soient entièrement élucidées.
- d'imposer à la République islamique d'Iran des sanctions de grande envergure qui empêchent le développement du programme nucléaire à des fins militaires, sans que les mesures de sanction aient un impact économique sur les Iraniens.

Le Conseil communal se solidarise à la population iranienne et soutient leur mouvement de libération afin d'établir la paix, la liberté et la démocratie dans leur pays.

« Femme, vie, liberté ! »

Dir wësst och alleguerten, dass et - wierklech en Zeeche vun där Revolte am Moment ass, dass d'Frae sech eng Mesch Hoer ewechschneiden. An ech géif dat dann och hei maachen.

---

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech och.

---

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Nolauschteren. Här Bertinelli, wann Der wëllt, ech gi meng Schéier gäre weider.

*et la liberté. La société civile iranienne dans son ensemble se soulève contre les politiques discriminatoires, le non-respect des droits humains, la fraude électorale, la crise écologique et économique, ainsi que la répression de toute forme de contestation. Le régime iranien limite l'accès aux réseaux sociaux et à Internet pour empêcher la diffusion des atrocités commises envers la population.*
*Les députés demandent au ministre des Affaires étrangères luxembourgeois et aux ministres des Affaires étrangères de l'Union européenne de soutenir la population iranienne en garantissant un accès libre à Internet, en aidant les manifestants et en condamnant les violences et les arrestations. Ils appellent également à des sanctions contre les responsables politiques iraniens et à une enquête internationale sur les violations des droits de l'homme et des droits des femmes en Iran.*

*Le conseil communal exprime sa solidarité envers la population iranienne et soutient ses mouvements de libération pour la paix, la liberté et la démocratie dans le pays.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *exprime son soutien à la résolution et propose quelques réflexions sur les détails. Il suggère que les demandes de la résolution devraient être adressées à l'ensemble du gouvernement plutôt qu'au ministre des Affaires étrangères.*
*Il souligne que des sanctions ont déjà été prises et que le ministre des Affaires étrangères a qualifié l'Iran de potentiel État policier. Il met en évidence les réactions déjà suscitées par les manifestations en Iran et souligne qu'il faut continuer à suivre la situation avant de décider de nouvelles sanctions.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *remercie Laura Pregno d'avoir présenté la motion et souligne l'importance des valeurs de liberté, de démocratie et de droits de l'homme. Il appelle à la solidarité et à l'action continue de la part du gouvernement pour soutenir la population iranienne et condamner la violence exercée par l'appareil d'État contre les manifestants. Il souligne l'importance de garantir la liberté de choix et d'autonomie pour chaque individu dans la société.*
*(Vote)*

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech kommen, ech kommen.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Pregno. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, erlaabt mer zwee, dräi Gedanke lasszegi par rapport zu dësem Text, deen d'LSAP selbstverständlech ënnerstëtzt, well och mir all Form vu Gewalt géint Fraen am Iran, wéi och enzwousch anescht op der Welt, verurteelen. Duerfir sti mir zu dësem Text. Awer e puer Gedanken zum Detail.

Ech hätt vläicht d'Resolutioun, d'Fuerderungen net un den Ausseminister gestallt, mee un d'ganz Regierung. Ass awer elo vläicht en Detail. Wann een d'Motioun liest, kéint een den Androck kréien, et wier bis elo iwwerhaapt - näischt richteg geschitt. En éischte Pak vu Sanktioune gëtt et awer schonn. Den Här Asselborn hat an engem Interview ganz kloer gesot, dass dee Pak net duergéing, dass un engem zweete Pak vu Sanktioune geschafft géif.

Den Ausseminister huet och den Iran ganz kloer als potenzielle Polizeistaat schonn tituléiert. Dat heescht, et ass net esou, dass déi Protester, déi et am Iran berechtegterweis gëtt, dass déi keng Reaktiounen ausgeléist hätten. Dat ass mer wichteg ze betounen. Dat heescht, do ass scho villes geschitt.

Sécherlech muss een d'Situatioun weider am Bléck behalen. A jee nodeem weider Sanktiounen decidéieren, déi och wéidinn, déi den Iran och ze spiere kritt. Mee ech mengen awer, dass een och sollt oppassen an et net esou sollt duerstellen, wéi wann dat bis elo keng Reaktiounen ausgeléist hätt. Well et awer scho Reaktioune vun EU-Ausseministere gouf. Wou een natierlech ëmmer kann driwwer diskutéieren: Geet dat duer? Geet dat net duer? Mee wéi gesot, den Ausseminister huet jo och schonn ugekënnegt, ech zitéieren de franséischen RTL: „Les sanctions que vient de décider l'UE ne suffisent pas, selon Jean Asselborn, pour entraîner des changements immédiats. Le premier train de sanctions a été décidé. Nous travaillons à un deuxième."

Dat heescht, do wäerte souwisou, onofhängeg vun dëser Motioun, déi mer natierlech matdroen, nach Saache kommen. Dat wollt ech just hei gesot hunn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Hobscheit. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Madamm Buergermeeschtesch, léif alleguer, ech soen der Madamm Pregno villmools Merci, datt si eis d'Motioun virgedroen huet.

Fräiheet, Demokratie, Mënscherechter – dat si Grondwäerter, déi zu Lëtzebuerg, wéi a villen aneren entwéckelte Länner, eng Normalitéit duerstellen. Mir hunn déi grouss Chance, datt dëst bei eis hautdesdaags als Selbstverständlechkeet gëllt. Mee als fräi Leit däerf een net einfach d'Aen zouhale bei deem mënschleche Misär, wéi en elo ganz aktuell am Iran geschitt. A leider op villen anere Plazen op der Welt och. Dat muss och emol gesot ginn.

Dofir dës Motioun, déi d'Solidaritéit symboliséiert, an en Opruff un den Ausseministère vu Lëtzebuerg an der EU. Natierlech gëllt dat och fir d'Land, also d'Regierung, sech hei weider anzesetzen.

Effektiv si scho vill Saache geschitt. Et muss een awer kucken, wat een nach weider kann ëmsetzen, fir en Zeechen ze setzen, fir d'iranesch Bevëlkerung ze ënnerstëtzen. Datt d'Mënscherechter geuecht ginn, datt Gewalt vun engem Staatsapparat géint d'Demonstranten a virun allem d'Demonstrantinnen, hiert eegent Vollek, vehement ze verurteelen

an déi sëllege politesch motivéiert gefaangen Aktiviste fräizeloossen.

All Mënsch soll d'Fräiheet hunn, iwwer sech selwer ze entscheeden an iwwer demokratesch Weeër seng Liewenswelt ze gestalten. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Wann et keng weider Wuertmeldung gëtt, géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la motion suivante des partis politiques déi gréng Déifferdeng et CSV Déifferdeng:*
*« Masha Amini, ton nom a fait trembler la tyrannie des ayatollahs », pouvait-on entendre ces derniers jours dans les cortèges des manifestants à Paris, Toronto, Los Angeles ou encore à Berlin et au Luxembourg. La jeune femme kurde âgée de 22 ans s'est fait arrêter par la police des mœurs iranienne avec le motif « port de vêtements inappropriés ». Elle décéda trois jours plus tard à l'hôpital.*
*Depuis, des manifestations se propagent dans plus de 190 villes dans 31 provinces et 48 universités iraniennes. Les images les plus virales sur les réseaux sociaux sont celles où l'on voit des Iraniennes bruler leur foulard ou se couper leurs cheveux. Le mot d'ordre de ce mouvement, durement réprimé par le régime du président Ebrahim Raïssi est* Femme, vie liberté!
*Si ce sont les femmes, qui sont en première ligne dans la rue, c'est en fait toute la société civile iranienne, exaspérée par les politiques menées par le régime depuis des années, qui se révolte. Discriminations sexistes, non-respects des droits humains, fraudes électorales, crises écologique et économique, étouffement de toute forme de contestation…*
*Les chiffres sur les arrestations et les morts à la suite des manifestations ne sont pas clairs. Le régime iranien limite voire bloque l'accès aux réseaux sociaux et à internet en général afin de limiter la propagation des atrocités et des crimes envers la population iranienne.*
*L'incendie déclaré samedi 15 octobre dans la prison d'Evin, complexe pénitentiaire ultrasécurisé, connu pour les mauvais traitements des prisonniers politiques, accroit la peur des exécutions arbitraires des opposants politiques et des manifestants arrêtés.*
*Considérant tous ces points et en se ralliant aussi bien à la communauté iranienne présente au Luxembourg et dans la commune de Differdange qu'à la population iranienne en Iran, nous demandant à monsieur Jean Asselborn, ministre des Affaires étrangères luxembourgeois ainsi qu'à tous les ministres des Affaires étrangères des pays de l'Union européenne:*

- *d'aider la population iranienne à avoir un accès libre à internet afin d'assurer une libre circulation des informations;*
- *de venir en aide aux manifestants iraniens et à soutenir tous les mouvements de libération de la population iranienne;*
- *d'alléger les conditions d'entrée pour les citoyens iraniens et faciliter l'accès aux titres de séjour. La violence et la persécution liées au genre en Iran doivent également être prises en compte de toute urgence dans les procédures d'asile;*
- *de condamner la tuerie et les arrestations des manifestants iraniens. Les responsables politiques iraniens doivent être sanctionnés et faire face à la justice. Ainsi, le Luxembourg doit immédiatement exiger la documentation des violations des droits de l'homme et des droits de la femme pour l'Organisation des Nations unies, les mandataires et d'autres organisations internationales indépendantes et participer à la mise en œuvre de cette documentation afin qu'une condamnation juridique ultérieure soit possible et que les violations des droits de la femme et des droits de l'homme soient entièrement élucidées;*
- *d'imposer à la République islamique d'Iran des sanctions de grande envergure qui empêchent le développement du programme nucléaire à des fins militaires sans que les mesures de sanction aient un impact économique sur les Iraniens.*

*Le conseil communal se solidarise à la population iranienne et soutien son mouvement de libération afin d'établir la paix, la liberté et la démocratie dans son pays.*
Femme, vie, liberté!

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux questions des conseillers.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *pose deux questions. Premièrement, il exprime son mécontentement face au tableau d'affichage du Stade municipal qui ne fonctionne pas depuis quatre mois, causant des désagréments à plus de 2 000 personnes lors des matchs.*
*Il interroge les responsables sur les mesures prises pour assurer que cela ne se reproduise pas à l'avenir et demande si la société chargée de l'exploitation du stade est obligée de fournir un remplacement en cas de panne majeure.*
*De plus, il évoque un autre souci, à savoir le dysfonctionnement du microphone lors d'un dimanche passé. Il souligne que cela s'est également produit simultanément avec le problème du tableau d'affichage, et déclare que cela a eu un effet catastrophique sur l'ensemble du système de sonorisation du stade. Il propose que l'on examine également l'état du système de hautparleurs et que l'on envisage une mise à niveau de l'ensemble du matériel si nécessaire.*
*Deuxièmement, il se demande si le Diffbus circulera à nouveau vers le cimetière de Differdange.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)**, *en réponse à ces questions, déclare qu'il était présent lors des problèmes antérieurs avec le tableau d'affichage et qu'une intervention rapide a été demandée à la société* Strabag *pour résoudre le problème. Cependant, il explique que des retards dans la livraison des pièces nécessaires ont entrainé des difficultés pour effectuer la réparation dans les délais escomptés.*

Ech soen Iech villmools Merci. Mir kommen zu de Froen. Här Muller, Dir hat Iech als Éischte gemellt.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech huelen déi zwou Froe mateneen, si betreffen awer zwee verschidde Ressorten. Déi éischt Fro stelle mir als Gemengevertrieder un de Schäfferot. Eppes, wat mech immens gestéiert huet an, menger Meenung no, och e gewëssenen Imageschued bruecht huet, dat ass den Tableau d'affichage am Stade municipal, dee säit véier Méint net funktionéiert. Iwwer 2.000 Leit waren op deene leschte Matcher an hu sech deen Aarmut mussen ukucken. Also wierklech, dat ass absolutt net méi an der Rei.

Dofir ass meng Fro un den zouständnege Schäffen: Ech ginn dervun aus, dass deen Tablo erëm eng Kéier funktionéiert. Wéi reagéiere mer do an Zukunft? Déi Firma, déi d'Exploitatioun vum Stade municipal mécht, déi huet jo Récklagen. An deene Récklagen ass virgesinn, en Ekipement ze erneieren, wa sech no an no mat de Jore Verschläiss erweist oder vétuste sinn. Dofir ass eng Récklag do.

An da wollt ech och nach froen, wann esou eng Situatioun antrëtt, wéi ass dat laut Kontrakt gereegelt? Ass déi Societéit net verflicht, kuerzfristeg Ersatz ze beschafen? Well véier Méint, ech mengen, dat ass trotzdeem eng laang Zäit. An Zukunft missten dofir gewësse Reservendeeler, wann déi esou strateegesch wichteg sinn, beschafe ginn, dass d'Material och do ass, sollt eng Kéier e Virfall kommen.

Zweetens, am selwechten Zesummenhang e Sonndeg – an dat ass scho virkomm –, huet de Mikro net funktionéiert. Dat heescht, weeder den Tableau d'affichage nach de Mikro huet funktionéiert, also d'Haut-parleur-Anlag huet katastrophal reagéiert. Entre guillemets kéint een dat betitele mat engem Wackelkontakt. Mee och duerno misst gekuckt ginn. Och mat de Stadionspriecher, déi den FC Déifferdeng huet, misst zesumme gekuckt ginn, ob alles anstänneg funktionéiert oder eng Remise à niveau vun där Anlag néideg wär. Dat zu der Problematik Tableau d'affichage am Stade municipal.

Dann hätt ech nach eng zweet Fro. Déi hat ech schonn am leschte Gemengerot gestallt, hat awer nach keng Äntwert kritt. Déi nächst Woch ass Allerhellegen. Fiert den Diffbus elo erëm op den Déifferdenger Kierfecht? Oder fiert e jee nach eng Kéier op den Déifferdenger Kierfecht? Ech war jo Porte-parole vun enger Partie Leit, déi mech ugeschwat haten. Wat äntwere mer deene Leit, firwat de Bus esou laang net op den Déifferdenger Kierfecht fiert a wéi geet et do virun? Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Ech géif d'Wuert fir d'éischt dem Ressortschäffe vum Sport ginn, dem Här Aguiar, duerno dem Här De Sousa.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci beaucoup, madame la bourgmestre. Monsieur Muller, j'étais avec vous il y a quelques mois quand le tableau d'affichage ne fonctionnait pas. Vous savez très bien que le jour même, je vous ai dit que la demande avait été faite. Donc, nous avons demandé à la société Strabag d'intervenir esou schnell wéi méiglech pour que le tableau d'affichage soit réparé. Ce qui se passe, c'est qu'ils ont du mal à trouver les pièces.

L'information était passée à l'entreprise pour que cela soit fait le plus vite possible. Le retard était dû aux pièces manquantes. Ils avaient également du retard dans leurs stocks. Ce que je peux vous dire aujourd'hui, c'est que le tableau fonctionne. Aujourd'hui, il fonctionne. C'était une question de livraison de pièces.

Par rapport à notre contrat avec Strabag, quand il y a quelque chose à réparer, nous donnons suite à l'entreprise qui est chargée de faire l'entretien respectivement de réparer et ils doivent le faire par la suite.

Après s'il y a des difficultés, on peut toujours travailler ensemble, mais l'en-

treprise dit: « Mir hunn dat bestallt, mee mir musse waarden. »

Ce sont toutes les informations que nous avons en ce moment en ce qui concerne le matériel. Nous allons voir bientôt en Ausschuss mat der Entreprise Strabag. Et nous allons bien évidemment discuter de toutes ces situations, toutes ces difficultés que nous avons avec le matériel sonore.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Et qui doit fournir une solution de rechange? Parce qu'il y a toujours des problèmes, ça peut arriver. Mais à mon avis, il faut une solution de rechange. Also et muss eng Méiglechkeet ginn, fir direkt kënnen ze intervenéieren. An ech mengen, d'Firma misst do en charge trieden, dass déi Anlag funktionéiert. Dat steet an hirem Kontrakt.

Ech wollt dat just soen. Mir kënnen net ëmmer soen: „Oh, da kucke mer", „Oh, d'Saache si bestallt." Nee. Dat ass blamabel fir d'ganz Gemeng. An dat ass net gutt fir eis Gemeng.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Je vais prendre ça avec et on discutera dans le cadre de notre Ausschuss. Merci, Här Muller.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Här De Sousa, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Fro. Pardon, datt Der d'Äntwert nach net kritt hutt. Ech hat geduecht, si wär komm. Mir hunn intern geschwat, Dir hat gesot gehat, do wär e Panno, datt vum 1. Januar bis Enn Februar keen Arrêt war. Et war och keen. An duerno, duerch Aarbechten, konnt de Bus do net dréien. Dofir war bis August keen Arrêt. A wat ech elo matgedeelt kritt hunn, den Arrêt ass nach ëmmer suspendéiert, well de Bus Problemer huet do ze dréien.

Mir sinn amgaangen, d'Linn véier ze iwwerschaffen. A mir sinn amgaangen ze kucken, ob mer do nach en Arrêt hunn.

An der Tëschenzäit war fir de Kierfecht Déifferdeng kommunizéiert ginn, d'Leit sollten op den Dinola zréckgräifen. Dat ass déi Info, déi ech vu menge Servicer kritt hunn.

Dëse Sonndeg fiert de Bus op den Déifferdenger Kierfecht. Merci.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Den Här Ulveling huet och eng Kommunikatioun zum Sujet Kierfecht. Merci, Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Fir Allerhellegen, Allerséile wäerte mer eng Aart Waachdéngscht op d'Kierfechter setzen, vu dass mer an der Vergaangenheet ëmmer virun deenen Deeg Surprisë kritt hunn, an dat wëlle mer vermeiden. Mir sinn amgaangen, Devisen unzefroen.

Wat d'Saach e bëssen erschwéiert: Déi eng Kierfechter gi scho sonndes geseent, déi aner ginn Allerhellege geseent, et ass e bëssen en Duercherneen. Mee mir kucken trotzdeem, dass mer do ee Waachpersonal hunn, fir opzepassen, dass sech net erëm esou Incidenten, déi mer schonn aus der Vergaangenheet kannt hunn, widderhuelen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Dann ass et um Här Bertinelli.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Buergermeeschtesch, dat Éischt, wat ech wollt soen dat war op Är Reak-

*Il assure néanmoins que le tableau d'affichage fonctionne désormais correctement. Paulo Aguiar ajoute que les détails concernant le contrat avec Strabag seront discutés en commission pour éclaircir les questions soulevées par Erny Muller.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *insiste sur la nécessité d'avoir une solution de rechange en cas de problèmes avec les équipements du stade.*
*Il souligne que cela doit être spécifié dans le contrat avec la société responsable de l'exploitation du stade, et qu'il est inacceptable de ne pas avoir de réponses ou de solutions satisfaisantes face à des problèmes récurrents. Il exprime son mécontentement envers la gestion actuelle, qui nuit à l'image de la commune.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *reconnait la pertinence de la demande et promet d'en discuter lors de l'*Ausschuss *pour trouver des solutions plus efficaces.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *présente des excuses pour le manque de réponse concernant l'arrêt de bus au cimetière. Il explique que des travaux ont rendu cet arrêt indisponible, et que le bus a également rencontré des problèmes pour circuler, d'où la suspension temporaire de l'arrêt. Finalement, il annonce que le bus circulera en direction du cimetière de Differdange le dimanche prochain.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique que pour la Toussaint et le jour des Morts, un service de surveillance sera mis en place pour surveiller les cimetières afin d'éviter tout incident. Il précise que cela peut être un défi logistique en raison des différentes dates des fêtes, mais que des mesures sont prises pour assurer la sécurité avant et pendant les évènements.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *commence par répondre à la réaction du matin concernant une discussion précédente à laquelle il avait participé avec l'échevin Aguiar au sujet du personnel communal.*

*Il précise qu'il n'a jamais mentionné de noms spécifiques et qu'il a parlé de manière générale, sans cibler des individus.*
*Il insiste sur le rôle essentiel de l'opposition politique et affirme que poser des questions est un devoir pour représenter les citoyens et exercer une surveillance sur la gestion municipale. Il évoque ensuite le cas Traversini, soulignant que sans l'intervention de l'opposition pour poser des questions et demander des comptes, les problèmes auraient pu passer inaperçus.*
*Fred Bertinelli aborde ensuite des questions plus spécifiques. Il évoque le problème du stationnement au parking 1535°, signalant que certains commerçants prétendent subir une perte de clientèle en raison du manque de places. Il propose qu'une étude soit réalisée pour évaluer la situation et les solutions envisageables. Il considère que la satisfaction des résidents et des commerçants doit être prise en compte.*

tioun, déi Der de Moien hat, bei der Diskussioun, déi mer haten. Wou Der mech geruff hat bei Iech op d'Gemeng, déi Diskussioun iwwert d'Personal. Déi Fro, déi ech dem Här Aguiar am leschte Gemengerot gestallt hat.

Ech wëll soen, datt ech bewosst keen Numm genannt hat an iwwert dee ganze Service geschwat hunn, net iwwer eenzel Persounen, déi bei eis op der Gemeng schaffen. Sou wëll ech et och net verstanen hunn. An ech fanne mech hei voll a menger Funktioun als Oppositiounspolitiker, datt ech esou Froe stellen. Ech hunn awer gesot, datt ech de Versteesdemech – ech hat gemengt, domadder wier dat vum Dësch, mee Dir hutt déi Fro de Moie gestallt, dofir äntweren ech Iech drop.

Gottseidank gëtt et hei Oppositiounspolitiker, déi Froe stellen. Ech wëll nëmmen un de Fall Traversini erënneren. Wann do keng Oppositiounspolitiker gewiescht wieren, déi mol nogefrot hätten oder nogehaakt hätten, da wiere mer net esou wäit komm, wéi mer komm sinn. Dofir wëll ech soen, mir sinn do voll am Rôle. An dofir gi mer vun de Leit och gewielt.

An dat ass och eng Aufgab, déi mer hunn, fir esou Froen ze stellen. Dofir nach eng Kéier: Ech sinn hei voll a mengem Rôle. Wa mir als Oppositiounspolitiker Froe stellen, well mir vu Leit, déi ons méi no stinn, gesot kréien, hei dat an dat geet net.

Ech hat déi Fro och net esou gestallt. Ech hat just de Schäffe gefrot, ob e wéisst, wat a sengem Service lass wär. An et ass mir méi drëms gaangen, datt en nofreet a kuckt, fir dat an d'Rei ze kréien. Dat emol dohinnergestallt.

Ech wëll awer soen, datt d'Oppositioun hei e Rôle ze erfëllen huet, dee se och dann huet. Zemools zu Déifferdeng soll elo keen déi Aarbecht vun der Oppositioun a Fro stellen, déi se déi lescht Jore gemaach huet. Ech mengen, do war se jo voll an hirem Rôle.

Wat d'Froen ugeet, géif ech zu der éischter Fro kommen, déi ech hätt un den Här De Sousa, betrëfft de Parking um 1535°. Ech war mer dat elo zwee Deeg an der Woch ukucken. Ech si bei d'Leit gaangen, hunn nogefrot. Do ass e ganz, ganz grousse Malaise. Déi Geschäftsleit sur place, déi soen, datt se Pertë bis zu 35 % hunn duerch de Parking, well d'Leit net méi kënne parken.

Mir wollte froen, ob et net méiglech gewiescht wär, well dat jo och hei gesot gi war, eng Etüd ze maachen. Et war jo och eng grouss Diskussioun, ob een dee Parking sollt ewechhuelen oder net oder eppes anescht maachen, eng aner Iwwerleeung. Duerfir froe mir als LSAP, datt eng Etüd gemaach gëtt. Och ze kucken, wéi d'Zefriddenheet bei de Leit, déi do schaffen a bei de Geschäftsleit ass, ob et effektiv esou ass, datt se Perten hunn. Dat ass déi éischt Fro.

Déi zweet Fro hätt ech un d'Madamm Buergermeeschtesch ze stellen. Ech muss soen, datt ech erstaunt war, wéi ech duerch eis Gemeng gaange sinn, an op eemol gréng Bréifkëschte gesinn hunn, wou „déi gréng“ drop steet. Do hunn ech geduecht, hei, de Walkampf ass schonn amgaangen. Mir hunn och scho Plakater. A wa mer se däerfen ophänken, hänke mer se gären op, maache mer, déi si scho fäerdeg.

Wien huet déi Autorisatioun da ginn, vu dass mer jo nach net am Walkampf sinn offiziell, fir déi opzehänken am ëffentleche Raum? Ob do d'Autorisatiounen all do sinn, fir dat iwwerhaapt däerfen ze maachen. Ech fannen et just kee gudde Stil an och net gutt. Well wann elo all Partei eng gréng, eng blo, eng wäiss, eng orange Bréifkëscht ophänke geet ronderëm. Oder eng gro oder wéi eng och ëmmer dann dohinner stellt. Op jidde Fall hu mer dat kee Stil fonnt.

A wann dat esou ass, wann eng Autorisatioun do ass, da wäerte mer natierlech och froen, fir eppes Änleches ze maachen. Wann dat dann net méi an de Sujet vum Walkampf fält, dann hänke mer der och op. Dann hu mer geschwënn duerch eis Gemeng schéi faarweg Bréifkëschten hänken, da kënne mer uewen nach en Dauweschlag dropsetzen, kënnen d'Dauwen och fir de Wanter eng Plaz fannen.

Déi drëtt Fro, Madamm Buergermeeschtesch, dat ass eng, déi ech un eise Representant vum SIGI stellen. Do hätt ech gär awer elo eng Äntwert.

Ech weess net, ob de Budget vum SIGI scho gestëmmt ginn ass vun der Ge-

meng Déifferdeng fir déi nächst Sessioun. Dat geet jo normalerweis duerch de Schäfferot. Bei all deem Tralala, deen an dem SIGI ass a bei all deene Geschichten, alles, wat an der Press steet, an no all deem, wat do schif leeft an dem SIGI, wollt ech emol eng Kéier eng Analys kréie vun eisem Representant, deen am SIGI ass.

Well wann et jo esou ass, wat een esou liest an dorëmmer héiert, misst ee jo iergendwéi als Gemeng Déifferdeng intervenéieren a soen, dat do maache mir net méi mat. Well et gëtt jo eng Limitt. Et si jo Saachen do dran, déi jo wierklech haarsträubend sinn.

An duerfir wär meng Fro, ier elo de Budget vun engem Schäfferot ënnerschriwwe gëtt, datt et esou weidergeet – ech mengen, Dir hat och eng Kéier en Interview mat der Madamm Di Bartolomeo, sou vill ech weess, mee de Gemengerot ass u sech net esou informéiert, wéi dat hätt misse sinn. An duerfir meng Fro, datt dat sollt geschéien.

Dann hätt ech nach eng Fro un den Här Aguiar. Här Aguiar, d'lescht Woch hate mer eng nei Presidentin vun der Sportskommissioun gestëmmt. Ech hu jo näischt dogéint, wa Leit – dat ass jo an der Parteielandschaft esou Usus –, déi engem méi no stinn, da gewielt ginn, fir esou en Amt ze iwwerhuelen. Ech war et jo och schonn, duerfir weess ech, vu wat ech schwätzen. Mee de Minimum ass awer, Här Aguiar, datt déi Persoun déi d'Gemeng Déifferdeng dréit fir de Sport, sech awer un déi Normen hält, déi hei zu Déifferdeng Usus sinn.

Dee Veräin, dee gefouert gëtt vun där Madamm, huet zéng Joer laang keng Generalversammlung méi gemaach a sech un näischt gehalen, wat normalerweis Usus an eiser Gemeng ass, wat de Sport ugeet.

Ech mengen, dat ass e bëssen de Bock zum Gäertner gemaach. Da muss een awer och kucken, datt déi Saachen, datt dat net esou virugeet. Et ass zéng Joer bis zwielef Joer, hunn ech nogekuckt, keng Generalversammlung vun deem Veräi gemaach ginn. Wat bei eis an de Statute steet, fir och e Subsid vun der Gemeng ze kréien. Duerfir wëll ech soen, ech hunn näischt dogéint …
(Ënnerbriechung)

Dee Veräin, dee gefouert gëtt vun där Madamm, déi elo Presidentin ass vun der Sportskommissioun.

(Ënnerbriechung)

An duerfir wollt ech soen, et géif eis als Gemeng, par rapport zu all deenen anere Veräiner, gutt zu Gesiicht stoen, wa wéinstens déi Leit bei eis am Sport uewen un der Spëtzt sech dann och un déi Normen halen, déi bei eis an der Gemeng Usus sinn, un déi jiddweree sech ze halen huet. Ech soen Iech Merci.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Dat si jo vill Froen dat do.

### FRED BERTINELLI (LSAP):

Mir ware jo schnell fäerdeg, Madamm Buergermeeschtesch.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ma jo, dat Alleréischt, wat ech Iech wëll soen: Ech hunn de Moie mat kengem Wuert – ech hunn et d'ailleurs nach ënnerstrach, d'Oppositioun hätt hir Roll a si soll se hei spillen, wat d'Gemengepersonal ugeet, wa Problemer sinn. Awer dat soll, wannechgelift, op Fakte berouen, net op Rumeuren.

An ech hunn Iech gesot, ier et heihinnerkënnt, géif ech et deontologesch fair fanne vis-à-vis vum Gemengepersonal, fir et mat där Persoun selwer fir d'éischt am Virfeld ze klären, sief et mam Chef de service, sief et mam Ressortschäffen, sief et mat anere Leit – ech hunn eise Gemengesekretär ernimmt, ech hunn eise Personalbüro ernimmt.

Ech hunn a kengem Moment gesot, hei dierf net iwwert d'Personal geschwat ginn. Ech sot just, et soll op Fakte baséieren. An ier mer heihinnerkommen a soen: „Ech hunn héieren, dass …“, hunn ech Iech gesot – an do wär ech frou, wann de ganze Gemengerot, all d'Parteien, souwuel déi an der Oppositioun, bon déi an der Majoritéit ass et schwéier, mee ech schwätzen awer och déi un –, dass wann et ëm

*Concernant le SIGI, Fred Bertinelli exprime son inquiétude quant aux problèmes qui ont été rapportés dans la presse et les rumeurs circulant autour de cette organisation.*
*Il souhaite obtenir des éclaircissements de la part du représentant de la commune au sein du SIGI.*
*Une autre question soulevée concerne les boites aux lettres vertes du parti déi gréng qui ont été placées avant le début officiel de la campagne électorale. Fred Bertinelli se demande si les autorisations nécessaires ont été obtenues et remet en question l'opportunité de cette action.*
*Ensuite, il questionne l'échevin Aguiar concernant la récente élection d'une nouvelle présidente de la Commission de sport, suggérant qu'il faut veiller à ce que les normes de la commune soient respectées. Il critique le club sportif en question pour ne pas avoir organisé de réunions pendant 10 à 12 ans, ce qui conduirait normalement à la perte de subventions municipales.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *intervient en précisant que l'opposition a un rôle à jouer concernant les problèmes liés au personnel communal. Cependant, elle insiste sur la nécessité de s'appuyer sur des faits plutôt que sur des rumeurs lorsqu'il s'agit de questions touchant le personnel de la commune.*
*Elle encourage également les membres du conseil à régler les problèmes en respectant les règles déontologiques.*
*En ce qui concerne le parking 1535°, elle a eu une réunion avec monsieur De Sousa et des locataires et elle a clairement indiqué que le parking n'était plus sujet à débat. Les locataires doivent eux-mêmes gérer l'utilisation du parking, car ils bloquent les trois places disponibles avec leurs propres voitures.*
*Elle explique que le parking est actuellement fermé en raison de travaux d'aménagement. Elle souligne que les locataires doivent laisser les places de parking libres pour leurs clients. Il y a également un parking à sept minutes à pied que les clients peuvent utiliser.*
*Jusqu'à présent, personne n'a informé la bourgmestre ou l'économiste*

*de la commune qu'ils avaient subi des pertes pour cette raison, même si Fred Bertinelli insiste sur ce point.*
*Elle parle de l'importance de réduire la consommation d'énergie et de repenser les habitudes de déplacement. Elle souligne que chacun a le choix de décider s'il veut marcher pour économiser de l'argent ou payer pour se garer plus près.*
*Elle prend l'exemple de la ville, où elle a le choix d'aller à pied dans le centre-ville ou de prendre sa voiture pour se garer dans des parkings plus chers. Elle met en évidence que ces choix sont personnels et tout le monde doit désormais faire des concessions en matière de transport automobile.*

d'Gemengepersonal geet, ëm eist Personal, soll dat am Virfeld gekläert sinn.

An dann huet natierlech d'Oppositioun hire Rôle hei am Gemengerot. Si soll deen och wouerhuelen, ech hu se ni a Fro gestallt. Wann Der nolauschtert um Video, wäert Der héieren, dass ech de Moie gesot hunn: „Dir hutt Är Plaz hei. Dir hutt Är Roll hei ze spillen". Awer, wannechgelift, net op j'ai entendu dire! Dat géif, mengen ech, dem ganze Gremium hei guttdoen. Dat wär eng Mesure de déontologie. Méi wollt ech domadder net soen. An et wär gutt, wa mer eis alleguerte géifen drun halen, all d'Parteien!

Parking 1535°, hutt Der ugeschwat, Här Bertinelli. Ech hat eng Versammlung mam Här De Sousa a mat de Locatairen. 70 hu mer der op d'mannst. Do waren der, souwäit ech weess, fënnef oder sechs an der Reunioun expressis verbis iwwer Parking. Ech soen Iech et just. Mir hunn zesumme geschwat, an ech hu ganz kloer matgedeelt, dass dee Parking fir mech elo net méi zur Debatt stéing.

Dir hutt op siwe Minutten, wann Der lues gitt, op fënnef Minutten, wann Der e bësse méi séier gitt, e Parking, deen heescht Place des Alliés, en ass gekennzeechent. Et ass esou, dass d'Locatairë selwer de Parking benotzen. Dass si e Verloscht an hirem Geschäft hunn ass, well si selwer déi dräi Parkplazen, déi nach do sinn, blockéieren. An hir Clientë keng fannen. An dat musse si reegelen. Et ass net un der Gemeng, dat ze reegelen.

D'Situatioun ass jo elo ganz einfach: De Parking ass zou, well e gëtt amenagéiert. Et ass ëmmer schwéier, Gewunnechten ze änneren. Mir hunn de Locatairen dat och esou mat op de Wee ginn, Här De Sousa: „Wann Dir gär hätt, dass Är Cliente solle parke kommen, da loosst, wannechgelift, d'Parkplaze fräi fir si." Méi kann ech do net soen. Mee do och erëm: Des rumeurs an hei an do.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Nee, nee, ech war selwer dohinner froen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Nee, nee, dat soten si: „On a entendu …" an esou. Ech sot, dat si mer gewinnt mëttlerweil.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech kann Iech Ross a Reiter nennen. Numm an …

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Et war keen do. Pertes de profits huet kee mir an och net eisem Ekonomist bis dato virgeluecht.

Här Bertinelli, also, dass mir eis hei esou iwwer Parkplazen – ech hunn dat och an der Reunioun gesot, mir schwätze vun Energie spueren, mir schwätze vum Bensinn, deen esou vill méi deier gëtt, mir schwätzen, ech weess net, vun dëtt a vun dat. A wéini si mer prett, op de Wee ze goen, aus eiser Wohlfühloase erauszekommen a vläicht dräi, fënnef, siwe Minutten ze Fouss ze goen.

Ech mengen, an der Stad – ech huelen ëmmer dat nämmlecht Beispill – hunn ech de Choix. An dat ass awer mäin eegene Choix: Entweeder ech wëll net vill bezuelen, da ginn ech op de Glacis an ech ginn zéng Minutten ze Fouss bis an d'Stad. Oder ech ginn an den Helleg Geescht oder ech ginn an de Kapuziner oder ech ginn an deen ënner der Gemeng, an da bezuelen ech natierlech e gudde Batz Suen, wann ech dann erausginn. Mee dat ass mäi Choix. Dofir kann d'Gemeng net.

A wéini gi mer op de Wee, dass mer soen, mir mussen och Konzessiounen an Ofstrécher beim Auto maachen. Dir kënnt mer jo awer net soen, dass dat net zoumuttbar ass, fënnef Minutten ze Fouss ze goen zu engem Präis vum Parking deen – et ass gutt, dass en esou ass, ech wëll de Präis guer net a Fro stellen, mee deen ass jo awer abordabel. A si hunn de Contournement, wou se aacht Stonne kënne stoen, dat sinn dann dräi Minutte méi ze Fouss ze goen.

Här Bertinelli, wësst Der, wat ech als Argument kritt hunn. An do ass da bei

mir awer de Wëlle vun der Diskussioun eriwwer: „Jo, wann et géif reenen, da géif ech jo naass ginn.“ Dat hunn ech seriö als Argument kritt. An do kann ech net méi matdiskutéieren.

Ech hunn Iech elo just gesot, wat eng flott Geschicht dee 1535° ass. Dass dat och en Areal soll sinn, wou Leit sech fannen, wou Leit kënnen zesummen ouni Auto sinn. Wou se sech kënne begéinen. Dat ass d'Stäerkt vum 1535°. A wann dann ee wierklech Problemer huet …

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dann huet e se!

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

… da muss en, jo, da muss en eng Entscheedung huelen. Ech kann em déi dann net ofhuelen. Dofir wier ech frou, wa mer déi Diskussioun Parking 1535° kënnen elo huelen an da kucken elo einfach. Ech si jo ëmmer nach op fir den …

(Diskussiounen)

Ech waarden. Wann d'Diskussioune fäerdeg sinn, schwätzen ech virun. Wann ee Schoul gehalen huet, dann ass dat sou.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech lauschteren no.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mee da kommt, mir kucken elo mol einfach. En ass jo elo gespaart, wat kengem seng Schold ass. An da kucke mer, wat dobäi erauskënnt. Okay?

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Okay.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Déi gréng Bréifkëschten. Jo, do ass eng Autorisatioun ugefrot gi beim Schäfferot. Ech gesinn et net am Sënn vu Wal schonn. Mir hunn eis ganz kloer am Programm ausgeschwat, dass mer op Biergerbedeelegung setzen. An natierlech kënnt Dir och eng Bréifkëscht, wann Der se ufrot, dohinnerstellen. Mir hunn eisem Koalitiounspartner dat och gesot, well dat war déi nämmlecht Remark, déi komm ass: „Gi mir dann och elo eng dohinnersetzen?“ Wann Dir de Besoin empfannt.

Et geet jo drëm, dass d'Leit kënne matschwätzen. Mir soen, mir wëllen no bei de Bierger sinn. Mir soen, mir wëlle wëssen, wat d'Leit soen. Mir hunn awer och d'Erfarung gemaach, dass et schwéier ass, Leit nach op Versammlungen ze mobiliséieren. An et gëtt ëmmer méi schwéier. Also ass dat do eng Méiglechkeet. An déi besteet fir all Partei heibannen. Dann ass d'Gemeng och vläicht e bësse méi faarweg, wann eng blo, wann eng gro oder eng rout do ass. Also, Dir kritt d'Geneemegung genau sou, wéi déi Gréng se kritt hunn.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Et ass dat, wat mer wollte wëssen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli, zum SIGI ginn ech dann elo d'Wuert un den Här Hartung. Oder soll ech fir d'éischt? Ech mengen, den Här Hartung war do. A wann nach Erklärungsbedarf ass, ech hunn es och nach hei.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Fir op déi éischt Fro ze kommen. Beim Budget hu mer eis enthalen, well effektiv an de leschte Wochen/Méint vill Diskussioune waren. Och an der Press stoung jo vill. Et muss een awer och soen, hei zu Déifferdeng hat ech ganz vill Echangë mat eisem Schäfferot, ganz vill konstruktiv Echangen, wéi mer do solle virgoen.

*En ce qui concerne le projet Parking 1535°, elle met en avant son importance en tant que lieu de rencontre et d'interaction sans être dépendants d'une voiture. Elle est ouverte à ce que les discussions sur ce projet se poursuivent afin de déterminer les meilleurs aménagements possibles pour cette zone.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *écoute attentivement les propos et indique qu'il attendra que les discussions soient achevées pour prendre position.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *propose alors d'évaluer les avantages que ce projet pourrait apporter.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *est d'accord avec cette démarche et accepte d'attendre les résultats de la discussion pour se prononcer davantage.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *aborde le sujet des boites à lettres vertes et elle mentionne qu'une demande d'autorisation a été faite auprès du collège échevinal. Elle précise qu'elle ne voit pas cela dans le contexte des élections à venir. Elle insiste sur l'importance de la participation citoyenne et explique que son parti a toujours été en faveur de la consultation des citoyens. Elle souligne que chaque parti politique a la possibilité de mettre en place des boites aux lettres vertes s'ils le souhaitent pour recueillir l'avis des habitants.*
*Elle ajoute que mobiliser les citoyens pour des réunions publiques devient de plus en plus difficile. Dans ce contexte, les boites aux lettres vertes représentent une opportunité pour tous les partis politiques de rester proches des citoyens et d'obtenir leur avis sur diverses questions.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *réagit en affirmant que cela correspond à ce qu'ils souhaitaient savoir.*

**JERRY HARTUNG (CSV)**, *par la suite, intervient au sujet du SIGI. Il évoque les échanges constructifs qu'il a eus avec le collège échevinal concernant le budget et les questions à aborder. Il explique que cer-*

*taines choses fonctionnent bien tandis que d'autres rencontrent des difficultés.*
*Il parle des audits réalisés sur divers sujets au sein du SIGI. Le premier audit porte sur la gestion du personnel, avec des interviews et des questionnaires sur la question du harcèlement, où l'anonymat est préservé dans un premier temps, sauf si des suites juridiques sont nécessaires. Le deuxième audit concerne les finances, et il mentionne que le prix du SIGI reste stable à 33,16 € par habitant. Enfin, le troisième audit, réalisé conjointement avec les autres communes, vise à évaluer la performance des produits et services du SIGI pour identifier des axes d'amélioration.*
*Il est également question d'un projet lié à la propriété intellectuelle qui nécessite une solution avant 2025 ou 2026, car la commune travaille actuellement avec GESCOM. Cette solution est vue comme essentielle au bon fonctionnement de la commune, et deux alternatives telles que SIGINOVA et SAP sont envisagées.*
*Concernant le budget, il est finalement adopté avec neuf voix en faveur, mais la commune a choisi de s'abstenir lors du vote.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *espère que monsieur Hartung a pu répondre à sa question. Elle mentionne que le collège échevinal s'est beaucoup intéressé à cette question. Elle souhaite donner la parole à monsieur Krecké, qui était présent en tant qu'expert lors des discussions.*

Verschidde Saache lafe gutt, aner Saache lafen net esou gutt. An ech kann och roueg soen, datt déi Südgemenge sech zesummegesat hunn, fir mat den Informatiker, déi an de Servicer schaffen, datt déi sollen eng Opläschtung maache vun den technesche Saachen, mat deene se net zefridde sinn. An natierlech och mat deene se zefridde sinn. Einfach fir eng Kéier geschlosse bei de SIGI ze goen, fir ze soen, hei do wëlle mer, datt nogebessert gëtt.

Zu den anere Saachen: Jo, et lafe ganz vill Rumeuren, dat ass net ëmmer glécklech fir d'Funktionement. Ech ka just soen, datt de Kommitee sech där Saach ganz seriö ugeholl huet. Et goufen dräi Auditten an d'Weeër geleet. De Vott gouf zimmlech unanime ugeholl. Am Ufank sollt méi en einfachen Audit gemaach ginn, wat mer awer refuséiert hunn, well mer gesot hunn, wa mer ee maachen, da wëlle mer, datt och wierklech alles gekuckt gëtt. An net, datt herno een Audit erauskënnt, deen näischt ausseet an d'Situatioun da just herno verstäerkt amplaz se verbessert.

Deen éischten Audit handelt iwwert d' Personalgestioun, och mat de Virwërf vun Harcelement. Engersäits gi Questionnairë gemaach. A wat d'Harcelement ugeet, do wäerten Interviewe gemaach ginn. Déi sinn natierlech anonym am Ufank, ausser, wann d'Leit natierlech herno – ech mengen dat kann, deemno wat do erauskënnt, och juristesch Suitten hunn. Da muss dat natierlech mam Agent gekuckt ginn, datt dat net méi anonym ass.

Deen zweeten handelt iwwert d'Finanzen. D'lescht Joer ass de SIGI ëm déi dräi Euro pro Awunner am Präis eropgaangen. Dëst Joer bleift e stabil bei 33,16 Euro pro Awunner.

An den drëtten Audit, do hu mir eis als Südgemengen zesummegedoen, mee do wäert dann och mam SIGI, mat all de Gemenge gekuckt ginn, wat d'Performanz vun de Produiten an hirer Déngschtleeschtung ugeet, wéi een dat ka verbesseren.

101 Gemenge sinn an deem Syndikat. Gëschter ass de Budget ugeholl gi mat néng Stëmmen, déi sech enthalen hunn, ënner anerem Déifferdeng.

Eng wichteg Fro war – déi ass awer gëschter scho gekläert ginn, dat war eis fir Déifferdeng immens wichteg, éier mer de Budget stëmmen –, wat mat der Propriété intellectuelle ass. Ech mengen, et muss ee sech bewosst sinn, am Moment leeft d'Gemeng jo mat Gescom. An dee Produit, dat ass u sech eng extern Firma, wou deen akaaft gëtt, dat leeft 2025-2026 aus.

Jiddwereen, dee sech e bëssen hei op der Gemeng auskennt, dee weess, ouni Gescom fonctionéiert d'Gemeng net oder erëm um Pabeier quasi. An duerfir ass et immens wichteg, datt bis dohin eppes Neies en place ass. Dat ass dann de SIGINOVA, wou si elo zënter zwee Joer, also scho méi laang, awer elo konkreet dru schaffen. An do ass eeben dann och d'Fro, wat och an enger Etüd gekuckt gëtt, d'Alternativ SAP. Déi eng soen, dat wier méi einfach, méi bëlleg. Anerer soen, dat ass méi deier. Dat soll eeben dann och do gekuckt ginn.

Ganz vill gëtt iwwer d'Produite gekuckt, ob een net erëm misst e bësse back to basics goen, kucken, wat essentiel ass fir d'Gemengen, dat fonctionéiert. Ech mengen, bei 101 Gemengen ass et natierlech schwiereg, op e gemeinsamen Nenner ze kommen. Do huet ee grouss Gemenge wéi Déifferdeng, Esch, Diddeleng. Et sinn awer och all déi kleng Gemengen dran.

Wat och e bësse bemängelt gëtt, datt d' Zesummenaarbecht mam Guichet net esou ginn ass. Si hu jo Ma commune. Dat soll dann e bësse gekuckt ginn.

Ech hoffen, ech konnt e bëssen op d'Froen äntweren. De Budget ass gestëmmt ginn, mir hunn eis awer do enthalen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech soen Iech villmools Merci, Här Hartung. Dir hutt d'Erklärunge kritt. Ech hoffen, den Här Hartung konnt Är Fro beäntwerten. De Schäfferot huet sech vill domadder beschäftegt. Ech wéilt vläicht dem Här Krecké d'Wuert ginn, dee bei deene ganzen Diskussiounen derbäi war, als Expert, deen …

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Nee informateschen Expert sinn ech net. A wäert ech och ni ginn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mee am Gemengefunktionement.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Wat ee soll wëssen hei als Vertrieder aus dem Gemengerot, dass mer mat deenen anere Pro-Sud-Gemengen, do hat den Informatiker, Chef vum Service informatique vu Käerjeng de Lead iwwerholl, dass mer e Consulting nach à part maachen, wou effektiv all Pro-Sud-Gemeng gefrot gëtt, ee kloren Diagnostik opzestelle mat de Points forts et faiblesses wéi eis Leit, wéi eis Departementer et gesinn. An deen och wëlle mat an d'Woschuel geheien, nieft deem, wat effektiv schonn iwwert déi Auditte vum SIGI geschitt.

Mir hate gëschter eng intern Reunioun. Als Verwaltung Stad Déifferdeng si mer der Opfaassung, an der Digitaliséierung vun haut, wëssend, dass eis gréisste Gemeng vum Land, d'Stad Lëtzebuerg, op Logicielle ronderëm den SAP fonctionéiert, an dass déi ganz gouvernemental Landschaft op enger progressiver Digitalverwaltung opgebaut ass, wou iwwermuer alles elektronesch erausgeet, Signatures électroniques, Dossieren elektronesch validéiert wäerte ginn, Subsiden elektronesch validéiert ginn etc. etc., stellt sech op d'mannst déi kritesch Fro vun engem Plang B.

Dass een op den SAP misst kucken, well eise ganze Staatsapparat schonn drënner leeft. SIGINOVA hu mer vill versprach kritt a vill Zäit verluer. An d' Zäitauer, déi tickt nawell. Dofir mengen ech, sollt een op kee Fall an d'Renne goen, ouni Plang B. Dat ass op jidde Fall vun der Verwaltung vun Déifferdeng eise ganz klore Message.

A mir hu schonn e wéineg gebenchmarked, ech mengen net, dass SAP méi deier gëtt. Dat soll d'Zukunft eis weisen. Mee op d'mannst muss een, à ce stade, ee Plang B mat an d'Gewiicht huelen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech kann nach dozou soen, et sinn nach aner Gemengen ausserhalb vum Pro-Sud, déi interesséiert sinn un de Resultater. Mir ginn deem Dossier no. Mir sinn interesséiert drun, och am Sënn vun der Gemeng. Den Zäitraum, dee leeft 2025. Dat ass net méi laang, do muss ee sech jo da virdrun opgestallt hunn. An deem Sënn, wann eppes ass, frot eis. Et ware vill Diskussiounen. Frot eis. Soubal mer eppes wëssen, deele mer Iech et gär mat.

Ech mengen, dat war elo alles vun Iech, Här Bertinelli. Entschëllegt, den Här Aguiar nach, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci. Monsieur Bertinelli, vous posez deux questions. Est-ce qu'une présidente de la Commission des sports doit être correcte par rapport à son club ? C'est bien ça ? Je vois ça différemment. Je pense que la présidente d'une commission doit savoir assumer son rôle respectivement dispatcher les débats et donner plusieurs avis ou avoir des initiatives par rapport au sport dans la commune. Je pense que la présidente qui a débuté maintenant va faire un travail remarquable. Elle est très présente au niveau de la commune, au niveau des sports et même au niveau national.

En ce qui concerne les assemblées générales, vous étiez échevin du sport auparavant, ce n'est pas seulement le fait d'avoir un club. Il y en avait plusieurs qui ne rentraient pas leurs demandes de subsides pour accéder aux différentes infrastructures sportives, mais ce n'est plus le cas actuellement.

Je peux vous assurer aujourd'hui, monsieur Bertinelli, que tous les clubs — je félicite le travail remarquable que le service des sports a fait — remettent les demandes de subsides respectivement font ce que le règlement demande pour avoir accès à toutes les infrastructures sportives. C'est–à–dire que le club en question a également fait sa demande et depuis 2021, il est en règle.

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *déclare qu'il n'est pas un expert informatique et ne le sera jamais. Cependant, en tant que représentant du conseil communal, il explique qu'il est essentiel que toutes les communes du Pro-Sud consultent ensemble un expert pour réaliser un diagnostic avec les points forts et les faiblesses, en prenant en compte les résultats des audits du SIGI.*
*Il rapporte qu'une réunion interne a eu lieu la veille. La Ville de Differdange considère la numérisation comme une priorité, sachant que la plus grande commune du pays, la Ville de Luxembourg, fonctionne avec des logiciels basés sur SAP et que toute la structure gouvernementale repose sur une administration numérique progressive, où tout est électronique, avec des signatures électroniques et des dossiers validés électroniquement. Il souligne qu'il est essentiel de prévoir un plan B.*
*Concernant SIGINOVA, il indique qu'ils ont reçu de nombreuses promesses et ont perdu beaucoup de temps. Il estime donc qu'il ne faut en aucun cas se lancer sans un plan B clair. Il mentionne qu'ils ont effectué des comparaisons de couts et qu'il est difficile de dire si SAP sera plus couteux. Il pense que l'avenir le montrera.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *dit qu'il y a aussi d'autres communes en dehors du Pro-Sud qui s'intéressent aux résultats. Une fois qu'ils auront des informations, ils les partageront.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *répond à monsieur Bertinelli concernant la présidence de la Commission des sports. Il pense qu'une présidente de commission doit savoir assumer son rôle, animer les débats et donner plusieurs avis ou prendre des initiatives en matière de sport dans la commune. Il a confiance en la nouvelle présidente de Commission et est convaincu qu'elle fera un excellent travail, étant très active au niveau de la commune, des sports et même au niveau national.*
*En ce qui concerne les assemblées générales, Aguiar explique que tous les clubs sportifs ont désormais ré-*

*gularisé leurs demandes de subventions et remplissent les conditions d'accès aux infrastructures sportives. Il mentionne qu'il y a certains clubs qui n'envoient pas d'invitations pour leurs assemblées générales et cela dépend des statuts de chaque club. Il souligne que toutes les associations sportives de la commune sont en règle.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *fait remarquer que chaque club doit tenir une assemblée générale chaque année pour avoir ce droit. Pourtant, il mentionne n'avoir pas reçu d'invitation aux assemblées générales ces dix dernières années.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *explique que lui non plus n'a pas reçu d'invitation de tous les clubs et que cela dépend du fonctionnement de chaque club. Il confirme cependant que tous les clubs sportifs de la commune sont en règle.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *pose deux questions. Sa première question concerne les anneaux olympiques sur la façade d'un projet en face de la commune. Ces anneaux sont protégés par un droit d'auteur et une loi. Il veut savoir si une demande a été faite pour rendre cela public, craignant des problèmes juridiques si cela n'a pas été fait correctement.*
*Sa deuxième question concerne les locations Airbnb. Il a remarqué deux locations avec des plaques d'immatriculation étrangères peu familières qui ont changé plusieurs fois en trois semaines. Il s'inquiète du nombre de personnes résidant dans ces logements Airbnb, car il considère que cela pourrait être important pour des situations d'urgence et la sécurité dans la commune. Il demande s'il existe une liste des locations Airbnb dans la commune et s'il y a des contrôles pour savoir combien de personnes en profitent et à quelle fréquence ces logements changent de locataires.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *répond à la première question concernant les anneaux olympiques. Il explique qu'ils ont trouvé l'œuvre exceptionnelle et ont consulté le mi-*

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

J'ai demandé s'ils ont tenu une réunion. All Veräin muss jo eng Generalversammlung ofhalen, éischtens fir seng Konten an och – déi misst e jo da maachen.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Also ech hunn déi lescht zéng Joer keng Invitatioun kritt.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Ech kréien och net vun all Veräin eng Invitatioun, Här Bertinelli. Vun 100 Veräiner, déi mir hunn hei zu Déifferdeng, kréien ech keng 100 Invitatioune fir Assemblées générales. Ech mengen, dat ass un de Clibb respektiv dans le cadre des statuts pour savoir effectivement, est-ce qu'il faut une assemblée générale publique, est-ce qu'il faut une assemblée générale entre leurs membres?dDat musse mir kucken.

Mee wéi gesot, ech ka confirméieren haut: All d'Sportsveräiner sinn en règle. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Da géife mer un den Här Altmeisch kommen.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Zwou kleng Froen. Déi éischt Fro steet a Relatioun mat där schéiner Fassad, déi mer hei hannerun eis gesinn. Dat ass e ganz flotte Projet, e gelongene Projet vun enger flotter Fassad, gekréint mat den olympesche Réng am Zentrum.

Meng Fro ass am Zesummenhang mat deenen olympesche Réng. Déi si jo geschützt duerch e Copyright-Verfaren an duerch e Gesetz. Läit eng Demande vir, fir dat doten esou public ze maachen, mat deene Réng? Net, dass mer riskéieren, herno juristesch Problemer ze kréien, wann déi eis géifen usichen.

Déi zweet Fro ass a Relatioun mat den Airbnb-Locatiounen a mat der Gemeng. Et ass mer opgefall, wéi ech d'lescht heem gefuer sinn, dass mech zwou Locatioune gekräizt hunn, wou op eemol ganz komesch Autoe stounge mat internationale Placken, déi mer net esou bekannt waren. Wéi ech dat e bësse suivéiert hunn, hunn ech gesinn, dass an dräi Wochen déi Placken an d'Autoe véier- bis fënnefmol gewiesselt hunn. D'autant plus ass ee bei mech komm, deen an enger Rëtsch Haiser wunnt, wou déi Haiser alleguer vun enger Servitude profitéieren, wou dann och déi Locatairen, déi am Airbnb-Beräich do hir Locatioun maachen, och vun deene Servitudë profitéieren. Do sinn da mol Diskussiounen opkomm.

Meng Fro un Iech, Madamm Buergermeeschter: Hu mir eng Lëscht hei an der Gemeng, wou déi Locatiounen am Airbnb-Beräich opgelëscht sinn? A maache mir Kontrollen, wéi vill Leit do effektiv vun deene Locatioune profitéieren? A wéi oft déi wiesselen? Ech denken do zum Beispill un Noutsituatiounen, dass mer awer wëssen, wéi vill Leit an engem Haus wunnen. Dat ass wichteg, wann e Feier ass oder esou: Si Leit dobannen, si keng Leit dobannen? Dat wier awer e wichtegen Aspekt, dee géif zur Sécherheet an eiser Gemeng bäidroen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch, fir déi interessant Fro. Ech géif fir d'éischt dem Här Aguiar d'Wuert ginn, fir op Är éischt Fro ze äntweren.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, madame la bourgmestre. Monsieur Altmeisch, nous avons reçu le beau dessin qui est en face de nous et nous avons trouvé tout de suite quelque chose d'exceptionnel dans les différentes médailles avec les coupes. Surtout, l'œuvre de l'artiste est vraiment exceptionnelle.

Mais nous nous sommes posé cette question aussi un tout petit peu plus tard et nous avons demandé au ministère des Sports sa position. Et la seule position, à ce stade, que nous avons reçu : si ce n'est pas dans un but commercial et c'est l'œuvre d'un artiste, ça ne pose pas de problèmes.

Mais derrière, nous sommes en train de voir si nous avons vraiment toutes les autorisations. Toutes les autorisations à savoir que c'est toujours une prestation externe qui est faite. Et c'était une proposition qui est entrée. Donc nous avons demandé à l'artiste qu'il soit présent vendredi dans le cadre de l'inauguration. Et nous avons rapidement demandé au ministère des Sports une réponse concrète.

Voilà, et ass awer e schéint Bild. Mee ech verstinn och de Sënn. Mir mussen all Autorisatioun kréien. Mee wéi gesot, de Ministère des Sports seet, wann et net am kommerzielle Sënn ass, ass et kee Problem. Méi kann ech net soen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Här Altmeisch, Dir iwwerrascht mech mat Äre Froen. Airbnb zu Déifferdeng, dat ass dat Éischt, wat ech héieren. Dir mierkt: Den Tourismus dréit seng Friichten.

Ob et esou eng Lëscht gëtt, kann ech Iech net soen. Vu dass ech jo net wousst, dass et et gëtt. Mir wäerten dat nofroen.

Ech kann Iech just elo ganz seriö am Kader vun där Fro do äntweren. Also u sech ass et jo esou, dass all Locatioun misst op der Gemeng gemellt sinn. Dat ass awer leider Gottes nach net de Fall. Ech weess awer, dass eise Service Logement drun ass, no an no d'Locatiounen, déi mer kréien, anzedroen a se ze registréieren.

Mir kënnen Opriff maachen, mee wann e Proprietär eng Wunneng verlount an eis se net ugëtt, da wësse mir et net. Verstitt Der. Airbnb ass an deem Sënn interessant, éischtens, well et jo e Commerce ass, zweetens géife jo Steieren ufalen an esou virun an esou weider. Ech gi ganz virwëtzeg där Spuer do no. Eng Lëscht hu mer ganz sécher net. Mee ech maachen awer hei den Opruff, och un d'Bierger dobaussen: Déi Leit, déi eng Wunneng a Locatioun ginn, si gebieden, dat bei der Gemeng ze mellen. Well mer awer eng Grousstad sinn an eise Logement nach relativ nei ass an och aner Objeten ze geréieren huet – ech soe just Gravity oder esou. Si hunn ugefaangen domadder, lues a lues, mee et ass en Ufank. Also, mir hunn nach e Wee virun eis.

Här Altmeisch.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo, dat ass Neiland. Et war och Neiland fir mech, wéi ech dat gesinn hu mat deem Haus, wou ech och des Ëftere laanschtfueren. Ech kann Iech awer gären en Explikatiounstext iwwerreeche vun engem Maître, dee Jurist ass, deen an engem Schreiwes erkläert op sechs Säiten, dass et sech net ëm eng Locatioun géif handelen am Sënn vun engem Bail d'habitation. Mee dass et sech géif ëm eng Locatioun handelen, déi dem Droit commun des contrats géif ënnerstoen. Ech kann Iech dat ganz gäre ginn. Dat ass ganz interessant, ass och ganz opschlossräich. An do steet och dran, wat d'Recommandatiounen un d' Gemenge si vun der Commission européenne.

Dat ass Neiland, ganz kloer, mee un eis ass et, fir net do hannendrun ze lafen an dat sou gutt wéi méiglech ze securiséieren, mat deene Moyenen, déi mer kréien. Ech ginn Iech dat, dann hutt Der do eng Informatioun.

Zum Här Aguiar senger Äntwert wëll ech nach just soen, dass et net de Ministère des Sports ass, deen esou Autorisatiounen erausgëtt, mee de COSL, deen duerch seng Natur an duerch seng Statuten esou Autorisatioune kann erausginn. De Ministère des Sports ka warscheinlech Informatioune ginn, wou een déi kritt. Mee et ass de COSL, deen esou eng Autorisatioun ka ginn.

An et ass net den Aspect commercial ausschlaggeebend fir déi Autorisatioun unzefroen, et ass d'Publizéiere vun engem Logo, dee geschützt ass. Dat muss autoriséiert ginn an ugefrot ginn. Ech soen Iech Merci.

*nistère des Sports pour obtenir leur position. Le ministère a indiqué que tant que l'œuvre n'est pas utilisée à des fins commerciales et qu'elle est l'œuvre d'un artiste, il n'y a pas de problème. Cependant, ils vérifient toujours si toutes les autorisations nécessaires ont été obtenues.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond aux questions posées par Guy Altmeisch. Elle est surprise d'entendre parler d'Airbnb à Differdange, car elle n'en savait rien. Pourtant, cela montre que le tourisme porte ses fruits au sein de la commune. Concernant l'existence d'une liste officielle des locations Airbnb, elle ne peut pas le confirmer, mais le service du logement s'occupe progressivement d'enregistrer les locations qu'ils reçoivent.*
*Elle appelle les propriétaires qui louent des logements sur Airbnb à les déclarer en mairie, car il s'agit d'un commerce soumis à des taxes.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *dit avoir vu aussi des plaques d'immatriculation étrangères inhabituelles sur certaines locations. Il explique qu'un avocat lui a fourni un texte d'explication sur six pages, expliquant que ces locations sont soumises au droit commun des contrats. Il estime que c'est nouveau pour eux, mais ils travaillent pour assurer la sécurité et la légalité de ces locations.*
*Concernant les autorisations pour afficher les anneaux olympiques, Guy Altmeisch précise que ce n'est pas le ministère des Sports qui les délivre, mais le COSL. Il souligne que l'aspect commercial n'est pas déterminant pour obtenir cette autorisation, mais c'est la publication d'un logo protégé qui doit être autorisée.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *évoque un cas concret concernant les locations Airbnb dans la rue Lasauvage via Booking.com. Il mentionne qu'il a été alerté par une résidente qui a remarqué des situations particulières liées à l'utilisation d'un passage commun par des locataires Airbnb, notamment des taches de sang et des bruits dérangeants. Malgré ses démarches auprès de la police et de la mairie, aucune action n'a encore été entreprise.*
*Il souligne que c'est un phénomène relativement nouveau, mais qu'il ne devrait pas être ignoré. Il exprime la nécessité de trouver des solutions pour gérer de telles situations et préserver le bienêtre des résidents.*
*Il aborde également la question des propriétaires qui louent régulièrement leur logement via Airbnb, en particulier dans le contexte où le propriétaire réside principalement à l'étranger, mais loue son logement à des voyageurs par l'intermédiaire d'Airbnb. Selon lui, cela ne sert pas l'intérêt de la commune et peut créer des problèmes pour les résidents permanents.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *réagit en qualifiant la situation de cocasse, c'est-à-dire complexe et délicate. Elle annonce qu'ils examineront la question de près, notamment en prenant en considération le droit de propriété qui est inscrit dans la constitution. La commune cherche à trouver des solutions appropriées pour réguler les locations Airbnb dans la région et protéger les intérêts des résidents.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *remercie d'abord pour les améliorations apportées à la Maison relais de Differdange, où des matelas et autres équipements ont été fournis. Il pose ensuite une question sur les annulations de réservations de groupes à Lasauvage en raison de problèmes présumés avec l'eau potable.*
*Ensuite, il soulève la question de la rue des Ligures à Niederkorn, où un espace de stationnement a été retiré pour créer un passage, ce qui a suscité des réactions négatives de la part des riverains. Il demande pourquoi ce passage a été créé alors qu'un chemin existant aurait pu*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Dann ass et elo um Här Hobscheit, wann ech richteg gesinn.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Jo. merci, Madamm Buergermeeschter. Meng Fro geet, wéi den Zoufall et wëll, nahtlos iwwer an dem Här Altmeisch seng Remarken zu Airbnb, well zu deem Theema wollt ech och eppes soen. Ech gouf op e ganz konkreete Fall opmierksam gemaach an der Lasauvager Strooss. Deen Airbnb gëtt op booking.com ugebueden. Do kann ee sech effektiv en Zëmmer buchen.

Et sinn al Haiser an déi hänken duerch e gemeinsame Passage zesummen. Do huet eng Bewunnerin mech drop opmierksam gemaach, dass dat awer zu ganz spezielle Situatioune féiert, wann een all Dag aner Leit bei sech am Nopeschhaus wunnen huet, déi de gemeinsame Passage benotzen: Bluttflecken um Buedem, Knascht, wierklech Situatiounen, déi net ze toleréiere sinn. A wou d'Madamm sou lues net méi weess, wat se soll maachen. Si hat Kontakt mat der Police, si hat och Kontakt mat der Gemeng, an et ass bis elo net wierklech eppes geschitt.

Et ass, mengen ech, e relativ neit Phenomeen, wéi ech och un Ärem Erstaune mierken. Mee ech mengen, et ass awer kee Phenomeen, wat mer sollten ignoréieren a wou mer vläicht misste kucken, wéi mer dat geléist kréien. Virdrun hate mer iwwer netbenotzte Wunnenge geschwat, déi eidel stinn.

Ech mengen, dass et mat där aktueller Situatioun, déi mer am Logement hunn, och net an eisem Interessi ka sinn, wann do een, deen a Frankräich wunnt – well ech mengen, hei wunnt de Proprietär konkreet hei vir a Frankräich –, deen da säin Appartement oder säin Haus, wat en hei zu Déifferdeng huet, all zweeten Dag un en anere verlount iwwer Airbnb. Dann ass dat net an eisem Interêt. Dat kann net déi Situatioun sinn, déi mer wëllen.

Wéi gesot, déi Situatioun, ech kann Iech do och gäre Fotoe weiderleeden, déi ech geschéckt kritt hunn, déi ass wierklech ganz schwéier, ganz schwéier ze toleréieren. Fir d'Awunnerin, eng jonk Fra, déi eleng am Elterenhaus am Moment do wunnt, ass et wierklech net einfach a wierklech net angeneem.

Ech mengen, do misst ee sech wierklech iwwerleeën, wéi ee mat esou Situatiounen ëmgeet. Well iwwer booking.com, do kann awer dann egal wien eng Nuecht am Nopeschhaus buchen. An et weess een ni, wien op eemol do niewent engem wunnt.

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Mir huelen dat mat. D'Situatioun ass cocasse. Den Här Krecké seet, et gëtt en Droit de propriété an der Verfassung. Mir kucken dat.

Elo wier et um Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci. Ech wollt fir d'éischt Merci soen, d'leschte Kéier hat ech op dëser Plaz drop higewisen, datt an der Maison relais zu Déifferdeng verschidde Kanner fir hir Mëttesrascht missten de Kapp op den Dësch leeën. Deem ass entgéintgewierkt ginn. Mëttlerweil si Matrassen an aner Saachen dohinner geliwwert ginn. Dofir merci.

Eng Fro betreffend den Hebergement zu Lasauvage. Do si verschidde Reservatioune vu Gruppen annuléiert ginn, well et anscheinend Problemer mam Drénkwaasser ginn hätt. Ass deem esou? A wat war dann effektiv do drun?

Dann hätt ech eng Fro, déi d'Rue des Ligures zu Nidderkuer betrëfft. Gläich e puer Bierger aus där Strooss hunn eis drop ugeschwat, datt tëscht der Residenz op der Nummer 32 an dem Haus mat der Nummer 22 virun e puer Wochen eng Parkplaz ewechgeholl ginn ass. Op Nofro ass eis confirméiert ginn, datt déi Plaz ewechgeholl ginn ass, fir dass déi Persounen, déi hanner der Rue des Ligures e Gaart hunn, mam Auto dohi kënne fueren.

Ech kann d'Opreegung vun de Leit do awer e bëssi verstoen. Ech hunn Iech e puer Fotoe matbruecht, déi ech geschéckt krut. Wou ee gesäit, wéi verschandelt d'Wiss nieft där Residenz elo ausgesäit wéinst deenen Autoen, déi dann do elo reegelméisseg eran- an erausfueren. Et ass wierklech net grad ganz sexy.

Dofir d'Fro: Firwat gouf dee Passage do geschafen, wann e Stéck méi erof, tëscht dem Haus Nummer 2 an der Bushaltestell vum Diffbus, schonn e gefestegte Wee besteet, well et do bei Garagë geet a wou een och bis bei déi besote Gäert kéint fueren?

D'ailleurs ass bei de Gäert genuch Plaz fir ze dréien, et kéint een op där selwechter Plaz erëm erausfueren.

Wann ee schonn de Choix gemaach huet, dass d'Autoen tëscht der Residenz an dem Haus 22 erafueren iwwert déi Wiss, wier et dann net ubruecht, e gefestegte Wee ze maachen? Well esou verschandelt, wéi et de Moment ausgesäit, kann dat jo net am Sënn vun eiser Gemeng sinn.

A wa mer schonn derbäi sinn, eng Fro betreffend déi Gäert hannendrun. Ee vun den Awunner huet eis gesot, ech zitéieren: „On dirait des favelas." Doropshin hu mer eis déi Gäert emol ugekuckt. Ech muss soen, déi Gaardenhaiser, déi do drop gebaut goufen, wann ee se esou kann nennen, déi bestinn aus Bric et broc. Do gouf aalt Baumaterial benotzt, Plastiksplanen a villes méi, fir déi opzeriichten. Dat ass alles wierklech net ganz schéin. Dofir d'Fro: Gëtt et e Gemengereglement, wéi déi Gäert an déi Gaardenhaiser, déi d'Pächter do gebaut hunn, sollen ausgesinn? Merci am Viraus fir d'Äntwert.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Zum Hebergement Lasauvage a Problem mam Waasser géif ech d'Wuert un den Här Ulveling ginn. Do gëtt et effektiv Problemer.

#### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Jo, et gëtt Problemer mat Legionellen. An zwar do an och op zwee Fussballterrainen, notamment um Thillebierg. Dat ass opgefall bei Analysen, déi mer gemaach hunn. Mir sinn do amgaangen ze kucken, wéi mer de Problem geléist kréien. De Problem, souwéi ech et beschriwwe kritt hunn, spezifesch zu Lasauvage, ass dass deen anscheinend net oft genuch genotzt gëtt.

Am Prinzip misst een, ier een dat Lokal notzt, e puer Deeg virdru wierklech ganz héich fuere mat der Temperatur vum Kessel, fir eeben déi Legionellen ofzedéiden, ier een et erëm a Betrib hëlt. Wéi gesot, well et net en continu genotzt gëtt, mee ëmmer nëmme sporadesch.

Mir sinn amgaangen ze kucken, fir do Léisungen ze fannen. Och op de Fussballterrainen. Do ass et jo elo net déi éischte Kéier. Do ass et esou, dass do iergendwéi eppes misst dertëschent geschalt ginn, esou eng Durchlaufwärme, hunn ech dat verstanen, fir dass dat net méi soll virkommen. Mee mir sinn drun. Bis d'Analysen erëm normal sinn, kënne mer dat net opmaachen. An et däerf och keen duschen an de Vestiären.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Fir d'Rue des Ligures géif ech dem Här De Sousa d'Wuert ginn.

#### SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Et ass wouer, datt mer eng Parkplaz hanne bei d'Gäert amenagéiert hunn, awer et war net geduecht, datt se mat den Autoe bis dohannen hinner fueren. Et war, fir datt d'Leit mat hire klenge Maschinne besser do erakommen, well den Trottoir immens enk ass.

Ech huelen dat mat an eis nächst Mobilitéitsversammlung, wou mer dann och mat den Agente kucken, fir datt si en A drop halen.

D'Iddi war net, hinnen do eng Strooss opzemaachen, fir datt si mat den Autoe bis bei d'Gäert kommen. Dat war definitiv net d'Iddi. Mee hinnen do e Passage ze garantéieren, fir datt se iwwerhaapt mat de klenge Maschinnen do-

*être utilisé pour accéder aux jardins arrière.*
*Il évoque également le mauvais aspect des jardins et des abris construits avec des matériaux de récupération peu esthétiques et demande s'il existe des règlements municipaux concernant l'apparence de ces jardins.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique qu'il y a des problèmes de légionelles dans l'eau à Lasauvage, notamment sur deux terrains de football, dont celui du Thillebierg. Des analyses ont été réalisées pour comprendre la situation, mais il n'y a pas encore de solution. Il évoque la nécessité d'utiliser régulièrement l'eau chaude pour prévenir la présence de légionelles dans les canalisations.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *prend la parole et confirme qu'une place de stationnement a été enlevée à la rue des Ligures à Niederkorn dans le but de faciliter l'accès des petites machines de travail aux jardins. Cependant, il admet que cette initiative n'a pas été bien pensée, car elle permet également aux voitures de circuler jusqu'aux jardins, ce qui provoque des dégradations visibles sur la pelouse à côté des résidences. Il explique que l'idée n'était pas de créer une nouvelle route pour les voitures, mais plutôt de garantir un accès pour les petites machines. Pour remédier à cette situation, Paulo De Sousa propose de discuter de cette question lors de la prochaine réunion sur la mobilité, en présence des agents concernés, afin de trouver une solution appropriée.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *remercie Paulo De Sousa pour son intervention. Elle rappelle que les abris de jardins doivent être autorisés conformément aux normes établies. Cependant, elle souhaite obtenir les numéros des abris en question pour effectuer des contrôles et s'assurer de leur conformité.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *confirme qu'il fournira les numéros pour les contrôles.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *conclut la séance publique en remerciant les conseillers présents et annonce que la réunion se poursuivra en séance non publique.*

hinnerkommen. Ech huelen et awer mat. Merci, Här Meisch.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Meisch, d' Gaardenhaisercher, natierlech mussen déi autoriséiert ginn, an do gëtt et Normen. Ech denken, ech kann Iech just virschloen: Gitt mir d'Nummeren, d'Hausnummeren, da gi mer kontrolléieren.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Jo.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dann hätte mer eis Froestonn ofgeschloss. Ech soen eise Mataarbechter hei hanneru mer am technesche Beräich villmools Merci. A mir géifen da weiderfuere mat der Séance non-publique. Merci.




LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

ZESUMME FIR IECH
POLICE.LU

POLICE
LËTZEBUERG


6. Editioun
17/09 2023
STEEL-RUN
DIFFERDANGE
...WELL MÄR SI STOL
Mell dech elo un! (Bis de 15.9.2023)
Inscrivez-vous ! (Jusqu'au 15.9.2023)
STEELRUN DIFFERDANGE
STEELRUN.LU
Tageblatt LËTZEBUERG
Quotidien
Ville de Differdange
[LUNEX]
AQUASUD
Berto
FUNCK-BRICHER
LODYSS G.D. DE LUXEMBOURG
Red Boys Union Athlétique Pétange
www.rbuap.com
DIVIDANTE
PETERS SPORTS
Sales-Lentz
moving people